


KÄLTÉITENG

# Bulletin Communal
juillet 2015

**Sëtzungen vum 13. Oktober, 12. Dezember an 15. Dezember 2014**

***Séances du 13 novembre, du 12 décembre et du 15 décembre 2014***

## Gemengerot Sëtzung vum Donneschden, 13. November 2014

**Dauer :** vun 15h00 bis 17h00

**Präsenz :** John Lorent, Buergermeeschter, Marcel Humbert an Patrick Brücher, Schäffen, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, José Gonçalves, Romain Daubenfeld, Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller'en, Nadine Braconnier, Sekretärin.

**Entschëllegt :** /

**Ordre du jour :**

1. **Korrespondenz an Informatiounen**

2. **Kontrakter, Conventiounen**
   - 2.1 Avenant zum Kontrakt mat der LALUX
   - 2.2 Kontrakt fir d'Ubannen vum Fussballsterrain an d'Meederschoul um Widden

   - 2.1 Conventioun projet Life
   - 2.2 Conventioun BB+
   - 2.3 Konventioun fir den Uschloss vum Créos Réseau an der Maison relais
   - 2.4 Konventioun fir den Gebrauch vum Créos Réseau an der Maison relais
   - 2.5 Contrat de Bail mat der Kierchefabrik
   - 2.6 Contrat de Bail mam CIGL
   - 2.7 Contrat de Bail mat der Associatioun "Du pain pour chaque enfant"

3. **Finanzen:**
   - 3.1 Devis Konzept Mülltrennung

4. **Reglementer:**
   - 4.1 Ännerung vum Verkéiersreglement

5. **Kommissiounen**
   - 5.1 Démissioun vun engem Member vun der Jugendkommissioun
   - 5.2 Nominatioun vun engem Member vun der Jugendkommissioun

6. **Personal**
   - 6.1 Prime de responsabilité

7. **Froen vum Conseiller Romain Becker iwwert den Artikel 13**

### 1. Korrespondenz an Informatiounen

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Ech begréissen Iech alleguer zu dëser ëffentlecher Sëtzung. Ier mer mam Programm ufänken geng ech d'Madame Braconnier bieden feststellen ze loossen wien als éischten aus der Urne gezu gëtt ... dat ass den Här Nico Migliosi.*

*Komme mer bei de Punkt "Correspondance et informations". Ech hunn iech do zwou Matdeelungen ze maachen, eng dovun ass, dass de Conseiller Romain Daubenfeld fir iech Informatiounen iwwert de Budget vum Escher Tram matbruecht huet, ech ginn him dofir d'Wuert. Ech wollt awer virdrun dem Gemengerot soen, dass mer haut Saachen regelen déi vun der Oppositioun gefrot gi waren, dat war eemol d'Zouleeën vum Buer vun Téiteng. Dat ass geschitt, eis Bauéquipe huet dat gemaach. Dann hat de Jean Weiler gefrot fir Bänken ze kréien um Syndikatswee am Pull an déi Bänken sinn installéiert ginn mam Accord vun de Propriétairen. Da wollt ech iech informéieren, respektiv déi déi Zeitung gelies hunn wëssen et schonn, dass d'Schëfflenger Gemeng majoritaire eisem Antrag aus dem PROSUD eraus ze goen net stattginn huet. Déi Déifferdenger Kollegen hunn awer gesot et wier ok eis aus där Pflicht ze entloossen. Et sinn elo nach eng Partie Gemengeréit an den nächsten Deeg a Wochen, mee de Moment wieren mer nach net eraus bei 50% Accord. Ech wollt awer soen dass mer hei unanime décidéiert haten aus deem Syndikat eraus ze goen an wann sech elo par hasard géif erausstellen, dass mer de Quorum vun 2/3 Stëmmen net gengen erreechen dann kommen ech hei iergendwann eemol mat engem Antrag fir e Recours judiciaire ze maachen. Sou wéi ech mech erënneren hunn mer esou eppes wéi en Droit d'association hei am Land an da misst et och en Droit de se désassocier ginn, dat musse mer da gesinn. Fest steet, dass de Gemengerot vu Käl de Konditiounen fir aus dem Syndikat erauszegoen zougestëmmt huet a wann dat elo esou wier, dass mer net dierften erausgoen dann hunn ech e Problem. All Mënsch huet d'Recht sech an e Veräin ze mellen an ze soen, dass en aus deem Veräin eraus geet. Dat ass keng Drohung mee just en toute sérénité gesot. Da kritt den Här Daubenfeld direkt zweemol d'Wuert: eemol fir dat hei ze kommentéieren an eemol fir de Budget vum TICE*

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
*Zweemol d'Wuert hannerteneen, dat hat ech scho laang net méi. Zum PROSUD wollt ech soen, dass ech jo am Ufank zimlech retizent war fir eraus ze goen. Dunn war d'Madame vum Prosud jo eng ganz Gemengerotssitzung hei fir eis nozelauschteren. Do hat ech mer erwaart, dass sie gengen op eis zoukommen fir e Konsens ze fannen an dat ass bis haut net gemaach ginn also*

ass et ganz normal, dass déi Käler Gemeng eraus geet an dofir ënnerstëtze mir och de Schäfferot an senger Démarche.

**Romain Becker, Conseiller (DP)**:
Jo mir hunn hei tatsächlech eng Décisioun geholl an ech mengen mir waren gutt informéiert doriwwer. Mir haten jo nach e Gespréich hei wou mer d'Conclusioun geholl hunn, dass dat näischt geng bréngen an dofir sinn mir och vun eiser Säit aus nach ëmmer um selwechten Standpunkt.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
Dat gesot kommen mer dann bei den Här Daubenfeld an de Budget vum Tram.

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
Ech hätt léiwer dir gengt TICE soen amplaz Tram Här Buergermeeschter. Mee Spaass bäisäit. Virun enger Woch haten mer Verwaltungsrot beim TICE a kruten do de Budget 2015 présentéiert. Ech hunn lech deen matbruecht. Déi éischt grouss Erneierung ass, dass d'Chauffeursgebai net méi grouss genuch ass. An de leschten Joeren sinn der ëmmer méi agestallt ginn an et ass kloer, dass et dann iergendwann net méi duer geet. Dat schléit sech natierlech op de Budget extraordinaire aus wann een weess, dass dat Gebai wat soll bäigebaut ginn 2.159.000 Euro kascht. Do geet een Deel op de Budget 2015 an een Deel op de Budget 2016 répercutéiert. Eis Gemeng muss d'nächst Joer am Budget ordinaire 588.000 bezuelen an am extraordinairen 148.619 Euro fir eppes ze bauen, fir dass d'Chauffeuren gutt ënner Dach sinn. Eng gutt Noriicht ass, dass mer bis 2017 47 Bio-Gasbussen hunn. An dee Biogas kréien mer vum Minett-Kompost an dee kréien mer nach laang genuch. Am ganzen hu mer bis 2017 108 Bussen bei 348 Leit déi do schaffen an da muss een och wëssen, dass d'Personalkäschten beim TICE ongeféier 70% vum ordinären Budget ausmaachen. Bei den Investissementer gesi der, dass kleng Saachen dobäi sinn, et ginn awer ronn 100.000 Euro an eng nei Informatik investéiert an Uschafungen vu 4 Milliounen fir Bio-Gasbussen. Ech hunn och déi leschten kéier d'Froen vum Här Weiler mat bei den TICE geholl wat d'Linn 4 a 5 betrëfft. Ech hu mam Direkter vum TICE doriwwer geschwat. D'Linn 5 fiert direkt op Rëmeleng an d'Linn 4 fiert iwwer Schëffleng an dir hat gefrot, dass déi eventuell iwwert de Poteau kennen fueren, an dass een domat 17 Minutten kann spueren. Sie hunn en Test gemaach a soen, dass se dann just 3 Minutten spueren an se kennen sech net erlaben eng Syndikatsgemeng einfach leien ze loossen. Firwat spueren se net esou vill Zäit wéi dir ausgerechent hutt? Wann se iwwert de Poteau fueren da mussen se och am Neidierfchen nach stoen bleiwen op 3 Arrêten an da gëtt de Gewënn net esou grouss wéi dir dat selwer ausgerechent hutt. Déi zweet Saach dann ass d'Linn 197, do hunn ech mam Minister geschwat an eis Kollegen vum Schäfferot hunn dat och gemaach. Effektiv ass déi Moies iwwerlaascht. De Minister ass amgaangen en neit RGTR-Konzept opzebauen wou den 197 och soll opgewäert ginn. Et ass awer net richteg wat verschidden Leit mengen, dass een am Bus fir an d'Stadt net dierf stoen. Dat ass nëmmen am Reesverkéier wou dat esou ass. Dat ass natierlech eng Fro vun der Sécherheet dat kann awer just iwwert de Code de la Route geännert ginn. Et ass virun allem och d'Fro wann een mam Bus vun hei an d'Stadt fiert an et steet een mat den Autoen am Stau dann déngt et eis am Prinzip guer näischt. De Minister huet jo mol ugekënnegt, dass op der Escher Autobunn eng Spuer sollt kommen. Ech hoffen, dass ech iech mat dësen Informatiounen konnt dingen. Wéi gesot mat där enger Linn déi vun Esch soll iwwert de Poteau fueren, do gesinn se et als TICE als ganz schwiereg un fir Schëffleng leien ze loossen. Dat ass relativ kompliziéiert.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV)**:
Ech wollt kuerz Merci soen, dass déi Ureegungen déi mer ginn haten berücksichtegt gi sinn an soen dem Här Daubenfeld Merci fir seng Interventiounen. Just déi Saach fir Schëffleng net ze bedéngen, dat hat ech net grad esou gemengt. Déi Linn soll den Aller dann vun Esch op Schëffleng maachen. An de Retour dann vun Esch iwwert Schëffleng op Rëmeleng, dat heescht, dass Schëffleng wuel grad esou schnell soll bedingt ginn. Déi déi den Aller-Retour maache, a Plaz dass déi vun Esch iwwert Schëffleng op Käl an zréck fiert dann iwwert Schëffleng-Rëmeleng-Esch fiert an Esch-Rëmeleng-Schëffleng-Esch erëm zréck fiert, esou war dat gemengt.

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
Dat eent ass Esch-Rëmeleng-Téiteng-Käl-Diddeleng an dat anert ass Esch-Schëffleng-Käl.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV):**
Jo hei ass Esch bis op Esch awer deen aneren Wee.

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
Eng Gemeng gëtt ze spéit bedéngt do ass keen Zweifel.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
Lauschtert, Här Weiler dir hutt eng Fro gestalt an mir hunn dat bei déi zoustänneg Instanzen matgeholl, dir hutt deen offiziellen Wee geholl iwwert den Artikel 13. Ech well elo hei keng Diskussiounen. Voilà da géif ech zum Punkt 2 vun der Dagesesuerdnung iwwergoen.



## 2. Kontrakter a Konventiounen

### 2.1 Conventioun projet Life

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
Mir hunn fir d 'Konventioun LIFE den Yves Schaak vum Sicona-Westen hei fir d'Konventioun virzestellen. Deen huet eis schéin Fotokopien gemaach. Et ass eng europäesch Konventioun wou mir als Gemeng als drëtten intervenéieren. Ech loossen iech awer mol d'Recht fir eis dee Projet hei virzestellen. Ech wollt awer nach soen, dass an der Konventioun eng Zuel vun 49 Hektar Terrain steet déi soll kaf ginn. Ech well iech do awer virgräifen an soen, dass dat de ganzen Projet ass deen ausgehandelt ginn ass mat der europäescher Kommissioun, an dass d'Part vun der Gemeng Käl 6-7 Hektar sinn. Ech ginn iech d'Wuert.

**Yves Schaak (Sicona-Ouest)**:
Merci Här Buergermeeschter. De Projet Life ass am Fong e Projet fir de Naturschutz an den Natura 2000 Gebidder ze förderen. Mir hunn schonn zwee Life Projeten erfollegräich ofgeschloss, dat hei ass deen 3. Projet deen mer ugefrot hunn an accordéiert kruten. Insgesamt wëllen de SICONA Westen an de SICONA Centre 46,5 Hektar Terrain kafen an ökologesch opwäerten. Insgesamt beleeft sech de Projet op 2,5 Milliounen Euro. Dovun kréien mer 50% vun der Kommissioun an 25% vum Ëmweltministère finanzéiert. Véier Natura 2000 Zonen sinn hei an der Gemeng Käl Deel vun dësem Projet, am Westen ass dat zweemol am Ellergronn an am Osten Diddeleng Haart. Zil vum Projet ass Terrainen opzekafen. Dir hutt elo vum 6 bis 8 Hektar geschwat, dee Chiffer hu mir der Kommissioun gesot well mer hu missten een soen. Mee et war schwéier een ze soen. Finanziell heescht dat fir d'Gemeng Käl falls mer Terrainen kennen kafen ginn 75% dovun subsidiéiert. Deel vum Projet ass d'ökologesch Opwäertung vum Terrain mee och Sensibilisatioun, z.B Kanneraktivitéiten, Excursiounen, Artikelen fir de Gemengebuet an Pressekonferenzen. Ech hunn iech hei e puer Biller vun Déieren matbruecht déi geschützt ginn. An der Praxis kann de Sicona d'Verhandlungen fir iech duerchféieren, mee et ass d'Gemengekees déi bezillt. Vun der Commissioun ass de Sicona deen deen de Subside kritt an dir kritt et vun eis.

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng)**:
Ech fannen, dass de Projet Life e ganz wichtegen Projet fir dës Gemeng ass, vu dass mir ganz besonneg vun de Natura 2000- Gebidder betraff sinn. Mir sinn der Meenung, dass et net just duergeet déi Naturschutzzonen auszeweisen mee et muss een sech aktiv drëm këmmeren an se och fleegen. Dat ass den essentiellen But vun dësem Projet an dofir solle mir als Gemeng dat och ënnerstëtzen, dass d'Biotoper erhalen ginn an d'Spezies déi do heemesch ass och geeegenten Wunnraum fënnt. De Projet Life ass och am Aktiounsprogramm 2015 vum Sicona virgesinn. Ech geng et begréissen wann mir als Gemeng dës Conventioun gengen matdroen.

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
Wann ech dat richteg gesinn da sollen déi véier Zonen déi giel gezeechent sinn schützenswert sinn. Wann mer déi Terrainen kafen da stellen mir déi dono dem Sicona zur Verfügung, mee et bleift ëmmer eisen Terrain.

**Yves Schaak (Sicona-Ouest)**:
Dat wat faarweg op der Kaart ass dat sinn alles Terrainen déi privat sinn. Wann en Terrain kaf gëtt ass et den Terrain vun der Gemeng Käl allerdéngs kennt an den Acte stoen, dass den Terrain zu Naturschutzzwecker am Kader vun dësem Projet kaf ginn ass a kann net ouni d'Awëllegung vun der europäescher Kommissioun fir en aner Zweck benotzt ginn.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
Dat steet an de Conditions générales. Bon Fait ass och, dass den Terrain just kann kaf kann ginn wann de Propriétaire domat d'accord ass.

**Romain Becker, Conseiller (DP)**:
Wann ech hei liesen wat am Objektiv steet dann klengt dat wei wann do ganz aktiv geng agegraff ginn. Dat kennt mir e bëssen komesch fir well d'Natur entwéckelt sech an mir sollen se sech entwéckele loossen an net zevill agräifen. Mir sinn hei wierklech umzingelt vun Naturschutzzonen. Hei geet et anscheinend och em d'Sécherung vun deenen Zonen. D'Fro déi een sech muss stellen ass wat déi grouss Problemer vun deenen Gebidder sinn. Mir haten hei virun e puer Wochen eng Diskussioun iwwert den Brucherbierg, och eng Naturschutzzone, wou een festgestallt huet, dass do ganz rare Planzen an Déieren sinn déi lo mussen geschützt ginn obwuel sech näischt geännert huet. Mir hunn en Naturschutzgebitt Richtung Diddeleng wou och alles geregelt ass. Ech gesinn elo net wat wierklech do misst gemaach ginn. Mir hunn dat Gebitt wat zu Käl iwwert der Cité läit, wat anscheinend an der Natura 2000-Zone schonn läit. Mir sinn hei zu Käl net verwinnt mat Bauterrain dofir geng ech et elo net gutt fannen wann mer hei gengen festleeën, dass do dann ni méi dierft gebaut ginn. Mir hunn hei en europäeschen Projet deen sech op en aneren Projet dropleet. Da froen ech mech awer firwat d'Natura 2000- Gebidder iwwerhaapt gutt sinn wa schlussendlech dono muss optiméiert ginn. Dir hutt och gesot bei der Sécherung geet et em d'Beliewung vun deenen Gebidder. Mir sollen déi Terrainen kafen mee dir als Sicona verhandelt. Da gesinn ech erëm, dass mir als Gemeng net autonom sinn. Mir ginn just nach gewuer an hunn keng Hand do drop. Ech verhandelen normalerweis meng Saachen gäre selwer an loossen dat net

*maachen soss geet dat dernieft. Et sinn e puer Saachen hei gesot ginn déi engem net musse gefalen. D'Natura 2000 Gebidder haten och schonn déi Eegeschaft wei se agefouert gi sinn an do ass kee Mënsch gefrot ginn ob mer se iwwerhaapt wéilten oder net, et ass mat de Propriétairen net geschwat ginn, och dës Kéier sinn se ausgewisen an et ass net mat de Propriétairen geschwat ginn. Et ass einfach eng Approche wou vun uewen erof décidéiert gëtt an déi Aner ginn et just gewuer a mussen drënner leiden. Wa mir hei e groussen Problem mat der Natur a mat der Ëmwelt hei hätten da kéint ech dat nach verstoen. Ech stellen awer fest dass alles kreucht a fleucht hei ronderëm, an dass mer Déieren hunn déi ganz rare sinn. An et ass net well mer grouss Schëlter hei an der Gemeng opgestallt hunn, dass dat d'Ursaach dofir ass.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Gutt Här Becker, fir et elo konkret ze soen wäert dir géint dës Konventioun stëmmen?*

**Romain Becker, Conseiller (DP):**
*Dat kéint passéieren jo.*

**Jean Weiler, Conseiller (CSV):**
*Mir hunn eis déi Terrainen ugekuckt déi virgesinn sinn. Dir hutt gesot fir d'Käler Gemeng wieren dat eng 6-7 Hektar mee hei ass wäitaus méi virgesinn.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Wann ech den Här Schaak hei richteg verstan hunn ass dat eng Brutto-Fläch op Demande vun der Kommissioun. Dat do sinn déi Flächen déi éligibel sinn fir ze kafen.*

**Yves Schaak (Sicona-Ouest)**:
*Ech wollt soen, dass all Acte oder Compromis ëmmer nach vum Gemengerot approuvéiert gëtt an falls et fir d'Gemeng Käl zevill Terrain ass fir ze kafen oder et sech fir iech net bewäert deen Terrain ze kafen da musst dir deen jo net kafen. Da wat agezeechent ass dat ass just d'Potenzial.*

**Jean Weiler, Conseiller (CSV)**:
*Dat war mir schonn bewosst mee dat wat mir eis gefrot hunn war: Wann elo Terrain kaf gëtt, wéi gëtt dann déi Sélectioun gemaach? Wéi sichen mer Terrainen eraus a firwat déi? Ass et eng Zoufallssaach? Hei steet eng Dépense vum Projet vun 5.952 Euro, dat heescht dat ass zousätzlech zu deenen normalen Käschten ?*

**Yves Schaak (Sicona-Ouest)**:
*Jo mir hunn missten e Montant uginn fir di éischt Négociatiounen ze maachen.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng)**:
*Ech well eng Kéier um Här Becker seng Interventioun äntwerten a well kloer soen, dass wann der hei géint dës Konventioun stëmmt da stëmmt dir géint de Naturschutz. Dat do sinn Gebidder déi um europäeschen Niveau ausgewisen goufen an ech loossen dat Argument net gëllen, dass d'Natur guer keng Interventioun brauch. Dat sinn d'Grënn firwat mer eng Naturverwaltung an eng ganz gutt Zesummenaarbecht mam Sicona hunn. Ech ginn iech een ganz konkret Beispill an dat sinn d'Biotopen vun den Orchideen wou ganz aktiv muss agegraff ginn fir se ze erhalen. Wann mer do net regelméisseg eng Entbuschung maachen da verschwannen déi einfach. Dat ass e ganz wichtegen Liewensraum deen et gëllt ze erhalen. An deem Sënn fannen ech äert Argument och e bëssen komesch well mir gräifen regelméisseg an d'Natur an. Virun zwee Joer haten mer e Projet presentéiert iwwert de Wéier op "Vir Bruch" wou et em d'Schafung vun engem Liewensraum fir de Kammmolch gaangen ass deen vum Ausstierwen bedrot ass. A just d'Schafen vun esou Biotopen droen derzou bäi, dass déi Déieren erëm kennen Liewensraum fannen. Et muss also aktiv agegraff ginn well de Mënsch ëmmer méi vun deenen Liewensraim bedrot. Dofir fannen ech et ganz wichteg, dass mer déi Naturschutzgebidder déi ronderëm eis leien an déi och eng gewëssen Liewensqualitéit an dës Gemeng bréngen, dass mer déi och fleegen an en Valeur setzen. Am Aktiounsprogramm vum Sicona ass deen doten Projet scho virgesinn also wäert et och net zu Méikäschten vun der Gemeng féieren. De Gros vun den Terrainen leien souwisou schonn an der ëffentlecher Hand. Ech soen et nach eng Kéier wann der hei dergéint stëmmt da stëmmt der géint de Naturschutz.*

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
*Ganz vill Explicatiounen huet den Härr Brücher elo schonn ginn mee wann ech richteg verstanen hunn dann huet den Här Becker gesot mir hätten net genuch Bauterrain.*

**Romain Becker, Conseiller (DP)**:
*Jo.*

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
*Virun engem Mount hu mer an der Gemengerotssëtzung de risegen Projet Kayl-Nord virgestallt wou mer esou vill Bauterrain méi hätten kennen hunn an wou mir hei nee gesot hunn. Et ass also genuch Bauterrain do a mir brauchen net d'Naturschutzzonen dofir ze benotzen.*

**Carlo Birchen, Conseiller (LSAP)**:
*Mir verhandelen hei em 46,5 Hektar mat der Unioun. Wann mer d'Conventioun stëmmen an kommen dono nëmmen op 2/3 vun der ganzer Fläch oder d'Gemeng Käl kritt vläicht just zwee Hektar, sinn mer dann aus der Konventioun eraus oder gëtt et dee Moment just maner Subside?*



**Yves Schaak (Sicona-Ouest)**:
*De Subside fléisst just fir déi Terrainen déi dir kaaft. Wann dir just zwee Hektar kaaft da ginn och just déi subsidiéiert. Déi 46,5 Hektar sinn ganz gutt ze erreechen, mir hunn d'Zuelen gepréift. Wann mer dat net fäerdeg bréngen dann hu mir als Sicona vis à vis vun der europäescher Kommissioun eis Obligatioun net erfëllt an kennen de Life Projet net verlängeren loossen a mir als Sicona kréien dann einfach manner Geld.*

**Romain Becker, Conseiller (DP)**:
*Ech muss mer hei virwäerfen loossen, dass wann ech géint déi Konventioun hei geng stëmmen da geng ech géint de Naturschutz stëmmen. Dat ka mech net schrecklech beandrocken. Ech war mat Leif a Séil President joerelaang vun der Ëmweltkommissioun hei an der Gemeng an et huet mer Spaass gemaach. Wann ech dat hei héieren vun engem Deen wéineg Interventioun gewisen huet wéi do uewen um Millebierg de Wee gedréckt ginn ass. Ech hunn do e Bréif geschriwwen an krut vun iech gesot dat wier ausserhalb vun der Gemengegrenz. Wann ech vun iech also esou eppes virgehäit kréien. Ech weess, dass beim Bëschkierfech zwee Weeër duerch e Besch gedréckt gi sinn, gewëssermoossen zwou Autobunnen gedréckt gi sinn, wou der d'Beem ëmhoen gelooss hutt fir de Wee kënnen ze maachen an da kréien ech gesot Naturschutzgebidder hu Virrang? Ma huelt iech mol mat ärer eegener Nues ier der mir hei virgeheit ech wier géint d'Natur. Ech sinn net géint Natur, ech si fir de Mënsch. A wat mir hei net gefält dat ass, dass mir wéi üblech hei vun uewen erof handelen. Ech gesinn hei och einfach net wou de Virdeel fir eis Bevëlkerung soll sinn. Mir hunn Naturschutzgebidder déi funktionéieren, mat Gesetzer, mat allem wat dozou gehéiert a ginn Suen aus fir se ze optiméieren. Op der Haart ass dat ganzt Gebitt geschützt an dat funktionéiert. Firwat elo optiméieren? Wann een also géint esou eng Konventioun ass dann ass een net géint d'Natur mee et hannerfreet een och mol ob en europäeschen Projet deen hei gemaach ginn ass och wierklech muss duerchgesat ginn.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Gutt, wann ech är Reaktioun kucken Här Becker da Mengen ech net, dass den Här Brücher et fäerdeg bruecht huet fir iech ze iwwerzeegen. Ech well just e puer Saachen soen: 1. Hu mer keng Obligation de résultat. Wann mer eppes ze kafen kréien da gëtt dat bezuschusst. 2. Wa mer als Gemeng Propriétaire vun engem Terrain sinn dann ass dat déi beschten Garantie wat den Naturschutz ugeet. An ech mengen et ass och an deem Sënn wou d'Kommissioun virgeet a seet : Maacht iech Propriétaire foncier, fir dass se fir Zukunft ofgeséchert sinn. An enger anerer Saach muss ech dem Här Becker Recht ginn, Servituden sinn einfach agefouert ginn. An se sinn einfach op den Terrainen, och elo schonn. Et ass do bal eng Saach vun der Onméiglechkeet fir do nach eemol e Projet de Construction ze maachen. Wann een net zefridden ass mat där Prozedur dann geet et e bëssen esou wéi eis mam PROSUD, dann gëtt et d'Méiglechkeet fir ze kloen well mir hunn nach eppes wéi en Droit de propriété. Mir kafen déi Gebidder hei gäre fir de Naturschutz ze förderen. Wat ech iech nach wollt soen Här Becker dat ass, dass mir deemools net gesot hunn et wier ausserhalb de Grenzen vun der Gemeng mee mir hu gesot et wier ausserhalb vun de Kompetenzen vun der Gemeng, well et ass Nature et forêt déi dat gemaach hunn, an dat ass eppes aneschters. Wa mir iech net iwwerzeegt kréien hei dann ass dat esou. Mir als Majoritéit sinn der Meenung, dass dat eng gutt Saach ass, an dass mer eis sollen associéieren wéi 14 aner Gemengen an et huet kee Wäert eng philosophesch Debatte ze féieren.*

**Jean Weiler, Conseiller (CSV)**:
*Ech wollt just froen wéi déi Sélectioun vun den Terrainen gemaach gëtt?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Ech géif mengen, dass d'Leit kontaktéiert ginn an da spiert een jo direkt ob d'Leit bereet sinn ze verhandelen. Den Här Brücher huet och elo just de Weiher "Vir Bruch" ugeschwat wou ech mat Leit probéiert hunn ze verhandelen fir den Terrain ze kafen. Déi sinn net bereet dat ze maachen, dat wier dann an engems gesot*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng)**:
*Den Här Buergermeeschter huet am Fong elo alles gesot wat ech nach wollt soen. Här Becker wann der am Intérêt vum Mënsch handelt da musst der och am Intérêt vun Fauna a Flora handelen. Natura 2000-Gebidder déi bestinn déi ginn net fort an de Projet beschränkt sech op dës Terrainen. Also huet et net en tangiblen Effekt op d'Mënschheet mee et huet awer een op Déieren. Op är Remarque iwwert de Wee um Bëschkierfech well ech och eng Kéier kuerz agoen: dee Wee ass vun der Naturverwaltung an Zesummenaarbecht mat der Gemeng gezunn ginn, et ass sécherlech keng Autobunn a kee befestegten Wee, mee mir hunn de Bëschkierfech awer och missen accessibel maachen. Fir Leit déi do hir Trauerbewältegung wollten maachen.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Voilà ech mengen d'Thema ass ausgereizt. Ech géif dann dee Punkt zum Vote stellen, ween mat der d'accord ass bieden ech em en Handzeechen. Ween ass dergéint?*

**VOTE: DP dergéint, CSV LSAP an déi Gréng derfir**

### 2.2 Convention BB+

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng)**:
Mir hunn hei eng Konventioun mat BB+ virleien. Zäit virun an no der Gebuert ass eng ganz wichteg Opstellungsphase fir nei Elteren. Déi éischt Joeren sinn absolut entscheedend fir d'Entwécklung vun engem Kand. Deen hei Service gëtt vun der Initiativ Liewensufank ugebueden, eng a.s.b.l déi versicht d'Bedingungen fir d'Eltereschaft ze verbesseren. Dat ëmfaasst engersäits d'Informatioun an d'Begleedung fir jonk an zukënfteg Elteren. Et ëmfaasst awer och d'Gesondheet vum Kand, seng Sproochentwécklung an d'Erzéihung. Si bidden Coursen an Informatiounsversammlungen un, divers Workshopen déi sech un d'Mammen a Pappen och während der Schwangerschaft riichten. Déi ganz Begleedung fënnt statt vun virun der Gebuert bis zum éischten Liewensjoer vum Kand, kann awer och an kriteschen Fäll méi laang goen. Sie bidden och eng Krisebegleedung un wann et z.B zu Problemer an der Schwangerschaft kennt oder beroden d'Elteren iwwert Ängscht déi optrieden kennen oder d'Elteren iwwerfuerdert sinn a bidden psychologesch Begleedung un am Fall vun engem Kandsdout. Si këmmeren sech awer och em Alldeegleches wéi Schlofproblemer, Ernährung etc. Déi ganz Begleedung fënnt a Form vu Kuerzäit-Interventiounen statt. Et geet drëm den Elteren ze weisen, dass se net eleng sinn an Halt hunn. Normalerweis kascht eng Berodung 36 Euro d'Stonn. Duerch déi heiten Conventioun gëtt dee Service fir d'Awunner vun eiser Gemeng gratis ugebueden. Do schaffen qualifizéiert Leit, dozou gehéieren Infirmièren, Pädagogen, Psychologen. Et geet och vill em Erfahrungsaustausch. Et sinn och ganz geziilt medizinesch positive Effekter déi hei kennen erziilt ginn. Wichteg ass, dass BB+ proactiv virgeet, d.h. den Acte de naissance gëtt vun der Gemeng un sie weidergeleet an sie kontaktéieren dann d'Elteren a ginn bei se heem fir déi Berodung unzebidden. Dat Ganzt soll zu engem Automatismus ginn fir derfir ze suergen, dass de Service och bei de Leit ukënnt. An aneren Gemengen wéi Déifferdeng a Beetebuerg wou et dee Service schonn gëtt huelen ronn 60% vun den Elteren dëse Service an Usproch, et ass also e Besoin do. Besonneg hei an der Gemeng wier e wichteg, ech ginn iech do e puer Zuelen: An der Maison relais hunn mer Kanner déi e speziellen Besoin hunn an Verhaalensopfällegkeeten weisen . Vun 239 Kanner aus dem Cycle 1-4 sinn 29 Kanner vum Geriicht placéiert an 20 weiderer hunn schwiereg Verhaalensopfällegkeeten. Dat ass natierlech och oft op Problemer doheem, familiär Problemer a vun der Erzéiung zréck ze féieren. All 5. Kand weist also sou Opfällegkeeten, d.h. dass mir dergéint mussen virgoen an dat geet iwwert eng konkret Berodung. Et geet net nëmmen duer, dass d'Kanner bei eis an d'Maison relais oder d'Schoul kommen an do d'Verhaalensopfällegkeeten ënnersicht ginn ech fannen, dass ier déi Kanner an d'Schoul ginn soll schonn eng professionell Hëllefstellung zur Verfügung gestalt ginn. Am PRS (plan de réussite scolaire) gesinn mer, dass mer vill Problemer hunn wat d'Sproochentwécklung ugeet. Am Cycle 1 hu mer do ganz besonneg vill Problemer dofir haten mer Ufank vum Joer eng Konferenz mam Pascale Engel iwwer Méisproochegkeet, déi duerch ganz einfach Tips an Tricks den Elteren konnt konkret Mesuren mat op de Wee ginn fir aktiv géint d'Sproocheproblemer doheem kennen virzegoen, z.B dass d'Kanner fir d'éischt hir Mammesproch anstänneg mussen léieren well et d'Basis ass fir all aner Sproch kennen ze léieren. Ganz vill Kanner am Cycle 1 kennen hir Mammesprooch net. Dat sinn och alles Problemer déi dësen Service kann attackéieren andeems en den Elteren eng anstänneg Berodung gëtt. Déi Konferenz iwwert déi ech elo geschwat hunn huet e groussen Succès bei den Elteren fonnt, wou een och mierkt, dass d'Elteren esou e Besoin hunn. Dofir wier et fir eis wichteg, dass mer déi Konventioun hei kënnten stëmmen déi d'Gemeng Käl je no Bedarf 20.000 Euro am Joer geng kaschten. Ech denken, dass et e wichtegen sozialen Service ass fir genee do bei de familiären an erzéiereschen Problemer unzesetzen wou et wichteg ass an zwar am éischten Liewensjoer.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
Merci Här Brücher fir dës Ausféieren. Wéi gesot mir gesinn dat als Majoritéit als e sozialen Service un. Et ass um Gemengerot.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV):**
Mir hunn eis déi Saach ugekuckt an eis informéiert. Mir stinn där Saach kritesch géigeniwwer. Dass Kanner gebuer ginn dat ass dat natierlechst vun der Welt. Et ass keng Kränkt a kee Problem. Lues a lues gëtt Kanner kréien a Kanner erzéien ëmmer méi als Problem dohin gestalt. D'Elteren sinn an éischter Linn Verantwortlech a sollen och net aus der Verantwortung geholl ginn. Déi Allermeescht maachen dës Aufgab och ganz gutt. An de prénatal Ënnersuchungen an och an der Maternité ginn et Begleedungen, do wou een informéiert gëtt an Tipps mat op de Wee kritt fir d'Elteren a fir d'Kanner. Et gëtt och nach eng ganz Rei Méiglechkeeten wou d'Elteren sech kennen wenden fir doheem gehollef ze kréien z.B Ligue médico sociale déi näischt kascht. Dass jiddereen ugeschriwwen gëtt gesitt dir als Virdeel, dat gesinn mir net esou. Do kritt jiddereen suggéréiert, dass hien eleng mat der Kannererzéiung net eens gëtt, an dass en Hëllef brauch, ech mengen dat ass awer eng Ausnam. Et gëtt e Besoin geschaaft deen et an deem Mooss net gëtt. Déi grouss Majoritéit vun eiser Bevëlkerung ass verantwortungsbewosst an zéien hir Kanner grouss, ouni dass d'Gemeng zousätzlech Hëllef muss opdrängen. Deen aneren Volet deen eis net gefällt dat ass, dass och Dokumentatioun gemaach gëtt. Dir schwätzt jo hei och vun



de Kanner an der Maison relais mat den Verhaalensopfällegkeeten. Do ginn ëmmer nees Dokumentatiounen gesammelt. Aus eegener Erfahrungen weess ech, dass an esou Dossieren ëmmer déi negativ Erfahrungen herno zréck bleiwen. An da gëtt dono ëmmer gesot: Kennt der iech erënneren deemools haten mer deen do Problem schonn. Déi Dokumentatioun déi do gemaach soll ginn bei den Entretienen mat de Leit gefält eis net. Aus den Iwwerleeungen déi mir gemaach hunn hu mer folgend Conclusiounen gezunn: De Gros vun den Elteren gëtt ouni dës zousätzlech Hëllef eens. Während an no der Schwangerschaft ass souwisou eng Hëllef do an dat geet deenen Allermeeschten duer. D'Elteren déi net mat der Situatioun eens ginn déi sollen natierlech Hëllef kréien awer déi Hëllef soll esou sinn, dass net d'Steng aus dem Wee geraumt ginn, mee dass d'Elteren gehollef kréien sech selwer ze hëllefen. Et ginn an eisem Land eng ganz Rei Ulaafstellen fir Problemer. Et ginn 88 Berodungsstellen fir all méiglech Problemer. Dofir gesinn mir net de Sënn vun dëser zousätzlecher Initiative.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
Dat haten mer am Laf vun ären Ausféierungen mengen ech verstan. Wat ech wollt soen ass, dass ech är Meenung respektéieren mee ech mengen dat ass e faux Débat. Et geet net drëm d'Leit ze déresponsabiliséieren mee proactiv mam Fanger drop ze drécken. Graff geschätzt ginn et 20% vun de Kanner hei an der Gemeng déi Verhaalensopfällegkeeten hunn a mir reagéieren dorop. Et ass also net richteg wann een seet mir bräichten dat net. Fundamental stellt dir d'Raison d'être vun der Initiativ Liewensufank a Fro an ären Ausféierungen well et genuch Ulafstellen geng ginn. Ech stellen just fest, dass déi Zäit wou eng grouss Bank an d'Schoulen gaangen ass an de Kanner Spuerbicher zur Verfügung gestalt huet do hat all Kand e Spuerbuch. Lo wou d'Elteren sech dofir mussen mellen hu mir en Ausfall vun 40%. Et ass sécher net esou, dass mer d'Elteren hei ënner Generalverdacht setzen.

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
D'Positioun vum Här Weiler ass e bësse weltfriem, wa mer gesinn wéi et haut ass a wëssen, dass d'Elteren zu zwee mussen schaffen goen an net méi esou vill Zäit hunn fir sech em d'Kanner ze këmmeren. Hei ass en Dingscht deen mer als Gemeng ubidden. Vill Elteren wëllen net onbedingt zu zwee schaffen goen mee se mussen et awer maachen. Wann een d'Hëllef net well an Usproch huelen da muss een et jo net maachen, mee et ass eng falsch Approche fir ze soen, dass déi meescht Elteren eens ginn mat de Kanner well d'Praxis seet eis dass et net wouer ass.

**Viviane Schenten-Petry, Conseiller (déi gréng)**:
An der gréngen Fraktioun sinn mer eis eens, dass et wichteg ass e sozialen Projet ze lancéieren am Beräich vun der Kandheet. Mir soen net, dass d'Elteren net méi eens ginn mat de Kanner. Wann een Elteren gëtt kritt een e Führerschäin mee et huet ee kee prakteschen Stage. Oft geet e Bébé un d'Grenzen vun der Belaaschtbarkeet an dann ass et gutt wann een sech mat engem Professionellen kann austauschen. Et ass flott wann een mol gesot kritt, dass een um gudde Wee ass. Et gesäit een ganz oft, dass de biologeschen Alter vum Kand oft net dem Entwécklungsalter vum Kand entsprécht. Wann een mat den Elteren schwätz da soen déi ganz oft, dass dat zweet Kand sech net esou entwéckelt wéi dat éischt an das se doriwwer mam Kannerdokter geschwat hunn an dee keng Zäit hat. Hei sinn Professioneller déi net nëmmen de medizineschen mee och de psychologeschen a sozialen Beräich decken. Et ass eng Begleedung fir d'Elteren déi beschtméiglechst hiert Kand wëllen förderen an et ass op kee Fall esou, dass mir soen, dass d'Elteren dat net méi fäerdeg bréngen. Mee eis Gesellschaft huet einfach geännert. Wéi mir Kanner kruten do war nach eng Grousfamill do, et war eng Famill rondrëm, déi kleng Kanner hu mat deenen Groussen dobaussen gespillt. Haut ass et awer esou, dass ganz vill Elteren mat de Kanner eleng sinn a keng Famill méi rondrëm hunn. Se sinn gestresst an schaffen de ganzen Dag. Et feelt un engem Austausch mat Professionellen wann een net genee weess wei een sech an der Erzéiung soll uleeën fir säi Kand optimal ze förderen. Déi Konventioun leeft jo op zwee Joer. Et ass eng Phase de préparation, de réalisation et de validation derbäi. Do hu mir als Conseilleren Méiglechkeet op der Plattforme kennen deelhuelen an eis Ideeën mat anzebréngen. Wa mir aus Dateschutzgrënn net wëllen, dass den Entretien dokumentéiert gëtt da kennen mir dat soen well mir kennen matschwätzen. Et geet drëm eng Hëllefstellung ze ginn an de Kanner ze hëllefen eng staark Perséinlechkeet ze entwéckelen. Oft gëtt dat medizinescht an de Virdergrond gestalt. Mee den emotionellen Volet gëtt ganz oft vergiess. Wat an der Kandheet geschitt huet Auswierkungen op dat spéidert Erwuessenenliewen. Mir wëssen, dass och leider vill Mammen un Dépressiounen leiden. Déi Elteren déi iwwerfuerdert sinn brauchen einfach eng Begleedung. Dat ass net nëmmen hei a Lëtzebuerg esou. Et ass einfach bewisen, dass d'Elteren oft frou sinn, dass se e Service hunn deen hinnen zur Säit steet wann se dat wëllen.

**Patrick Krings, Conseiller (DP)**:
U sech ass dee Gedanken ganz flott a ganz fair. Mir froen eis just ob mer nach zousätzlech Servicer brauchen. Et ginn der schonn vill. Et gëtt och e Service social wou een sech ka mellen. Ech froen mech op mer extra nees mussen eng Konventioun maachen fir dass jiddereen hei an der Gemeng ugeschriwwe gëtt. Ech hunn e bëssen Angscht dass déi 20% déi Problemer hunn sech do wahrscheinlech net mellen. Fir jiddereen ze kontaktéieren deem säi Bébé geschwënn op d'Welt kennt dat fannen ech net esou gutt.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV)**:
*Ech wollt just zu e puer Saachen Stellung huelen: 1. Mir sinn net der Meenung, dass d'Initiative Liewensufank iwwerflësseg wier, mee mir sinn der Meenung, dass net jiddereen soll ugeschriwwen ginn. 2. D'Argument wann zwee Elteren schaffen ginn loossen ech net gëllen, de Problem ass jo net an der Crèche mee et geet em d'Problemer doheem. 3. Wann déi Dossieren vun den Entretienen gemaach ginn dann ass et net e Problem vun Dateschutz mee et ass de Problem dass wann Dossieren gemaach ginn an dono kennt erëm eng Situatioun op da gëtt gesot: Oh deemools hat der dat och schonn.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Ech wollt nach soen, dass et eng fräiwëlleg Hëllefstellung ass iwwert eng Periode vun zwee Joer. Ech denken awer, dass dat do e positive Incentif ass fir déi Problemer an de Grëff ze kréien.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng)**:
*Vill Argumenter déi hei dergéint virbruecht ginn berouen op engem Mëssverständnis. Dat hei ass e Projet deen d'Elteren nees soll an de Mëttelpunkt stellen a responsabiliséiert, an net waart bis d'Kanner an d'Schoul oder an d'Maison relais kommen. Se ginn hei aktiv op d'Elteren duer, fir dass se selwer hir Problemer kennen léisen. Mir hunn Hëllefstellungen wat den 3. Alter, d'Natur oder de Sport ubelaangt, mee do wou et kruzial ass, bei der Gebuert wou eben vill Ännerungen beieneen kommen, do sollen mer näischt maachen. An dat fannen ech immens schuet. D'Realitéit geet am Moment un iech laanscht well 60% vun de Leit an aneren Gemengen huelen deen Service do an Usproch. Et hunn nach ni Elteren sech vexéiert gefillt. Hei gëtt dat iwwerdramatiséiert. Et kritt hei keen suggéréiert, dass en seng Kanner net kann erzéien, mee déi Elteren déi sech iwwerfuerdert fillen kennen sech hei ganz konkret un een adresséieren. Dat traditionellt Famillienbild ass am gaangen sech opzeléisen a béid Elterendeeler gi schaffen dat bréngt also aner Problemer mat sech. An hei an der Gemeng sinn och vill Leit mat engem aneren kulturellen Hannergrond oder vläicht engem Migratiounshannergrond. Déi Leit hu keng Boma oder Bopa déi konkret Erfahrungen an der Erzéiung hunn un déi se sech kennen wenden. Natierlech muss e Suivi gemaach ginn mee déi Dokumentatiounen wäerten natierlech ni un d'Ëffentlechkeet geroden.*

**Romain Becker, Conseiller (DP)**:
*Et ass sécher, dass mer e Wandel an der Gesellschaft hunn. Et ass awer och esou, dass mer 88 verschidden Beroodungsstellen hunn a fir all Liewensnoutlag ginn et schonn Servicer. Mir sollten d'Leit dohin guidéieren wou et schonn eppes gëtt.*
**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Mir sinn jo keng Missionären hei, wann mer d'Oppositioun net iwwerzeecht kréien dann ass dat esou, mee et sinn elo genuch Argumenter hei genannt ginn. Ech stellen d'Conventioun mat BB+ dann zum Vote. Ween ass dervir? Ween ass dergéint? Ween enthällt sech?*

**VOTE: CSV an DP dergéint, LSAP an déi gréng dervir**

### 2.3, 2.4 Konventiounen fir den Uschloss an Gebrauch vum Créos Réseau an der Maison relais

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Da komme mer zu méi engem liichten Dossier deen net wäert zu groussen Debatten féieren. Dass mer Stroum an eiser Maison relais brauchen ass jo evident. Also froen ech ween domat d'accord ? Also kee Problem, idem dann fir de Contrat d'utilisation vun der CREOS ?*

**Eestëmmege vote**

### 2.5 Contrat de bail mat der Kierchefabrik

*John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):*
*Ech well do net laang aushuelen, d'Kierchefabrik ass un d'Gemeng erugetrueden fir eist dat alt Schwësterenhaus ganz ze verlounen well sie eng Source de Revenu brauchen. Mir sinn der Meenung, dass mer schonn en Versammlungsraum brauchen deen strategesch besser läit wéi eis al Meedercherschoul. Do sinn mer eis wat de Loyer ugeet eens ginn an och mat der Notzung, bis op eng Ausnam: mir iwwerhuelen de ganzen Bau bis op en Raum ënnen wou si en Büro behalen. Si keng Wuertmeldungen dozou? Nee, da froen ech iech em en Handzeechen fir déi déi dofir sinn?*

**Eestëmmege vote**

### 2.6 Contrat de bail mam CIGL

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:

*Da kommen mer zum Contrat de bail, fir dass de CIGL och Rechtsscécherheet kritt an "Ieweschbuer" wou mer hinnen extra gebaut hunn. Si hunn gefrot fir do e Bail ze kréien an mir hunn dat acceptéiert fir de symboleschen Euro. De CIGL leescht immens gutt Déngschter fir d'Gemeng. Mir ënnerstëtzen sie gären well sie eis och staark ënnerstëtzen. Souwisou finanzéieren mir sie jo, also ass et och nëmmen normal, dass mer hei just de symboleschen Euro froen. Wuertmeldungen dozou? Nee, da loossen ech deen Contrat de Bail mam CIGL och zum Vote kommen.*

**Eestëmmege vote**



### 2.7 Contrat de mise à diposition fir d'Associatioun "du pain pour chaque enfant"

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:

*Dann hu mer nach eng Ufro kritt fir e Sëtzungssall vun der Associatioun "Du pain pour chaque enfant". Déi waren soss am Thomas Byrne Haus, mee do waren Notzungsschwieregkeeten well de logement de secours oft iwwert laang Perioden besat war. Vu dass OPE (objectif plein emploi) lo net méi am Régineshaus zu Téiteng sinn hunn mer do lo Raimlechkeeten fräi wou sie lo kéinten e Raum Méindes a Mëttwochs tëschent 14 an 20 Auer notzen. Dat ass eisen Bäitrag zur Ënnerstëtzung vun den ONGen.*

**Jean Weiler, Conseiller (CSV)**:
*Ech wollt froen am Artikel 8 steet dass de Schäfferot iwwert d'Aktivitéiten am jäerlechen Rapport informéiert gëtt. Ech wollt froen ob der deen Rapport hutt an wat hir Aktivitéiten sinn. Ech hat op hirer Internetsäit just gesinn, dass se Sproochecoursen ubidden mee soss gesäit een net vill Aktuelles.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Ech geng proposéieren, dass de Service culturel iech deen Rapport zoukommen léisst. Ech muss awer och soen dass déi hiren Wee sichen. Déi platzen lo net vun Aktivitéiten. Soss keng Wuertmeldungen, da setzen ech och déi Konventioun zum Vote.*

**Eestëmmege vote**

## 3. Finanzen

### 3.1 Devis fir Mülltrennungskonzept

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng)**:
*Dir hutt en Devis virleien vun 25.000 Euro fir d'Ëmsetzung vun engem Mülltrennungskonzept innerhalb vun den ëffentlechen Gebaier, virun allem de Schoulen an an der Schungfabrik. Et geet drëm Mülltrennungs-Baken an de Gebaier ze installéieren, an de Couloiren, an de Schoulsäll. An all Sall ginn dräi verschidden Baken installéiert an an de Couloiren ginn véier Baken installéiert. Et ass wichteg, dass mer hei als Gemeng mam gudden Beispill virginn. Dat ganzt soll an Zesummenaarbecht mam Léierpersonal geschéien déi och verschidden Projeten um Lafen hunn fir d'Kanner op d'Problematik vun der Müllbeseitegung opmierksam ze maachen. Doriwwer eraus hu mer och an de Schoulhäff Trennungsbaken installéiert. Et ass wichteg, dass mer bei de Schoulen ufänken, fir dass d'Kanner dat vun klengem un sollen léieren. Mir well och de Stockage ausserhalb vun de Gebaier assuréieren. Dat selwecht Konzept soll an der Schungfabrik ëmgesat ginn, fir dass mer de Leit an de Kanner d'Méiglechkeet ginn fir hiren Müll ze trennen. Wéi gesot fir do d'Schoulen an d'Schungfabrik up to date ze setzen géif eis dat dann 25.000 Euro kaschten.*

**Patrick Krings, Conseiller (DP)**:
*Ech fannen dat och eng pedagogesch wichteg Saach. An de Lycéeën gëtt dat och gemaach. An der Zäit war ech President vum Comité wou mer dat agefouert hunn am Jongelycée an dat huet gutt geklappt. Mir sollen einfach schonn bei deenen ganz Klengen ufänken. Dat eenzegt wat ech mech froen ass firwat déi Baken esou deier sinn. 220 Euro fir een Back ass awer vill.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng)**:
*Se sinn esou deier well sech och verschidden Sécherheetsbestëmmungen hu missten erfëllen, zum Beispill sinn se feierfest. Se mussen och stabil sinn an och dem Wieder Stand haalen well se zum Deel dobaussen stinn. Mee et ass en gudden Invest fir Zukunft.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Wéi dat bei eis an der Gemeng wichteg ass: se mussen "unkaputtbar" sinn.*

**Jean Weiler, Conseiller (CSV)**:
*Mülltrennung ze maachen ass eng gutt Saach an och, dass mer bei de Kanner ufänken mee et wier gutt wann och déi Erwuessen do gengen matzéien. Iwwert d'Kanner kënnt een natierlech och un déi Erwuessen. D'Sportshal ass net mat op der Lëscht an ass et net och méiglech dat op ëffentlechen Platzen ze maachen?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Wat d'Sportshalen ugeet ass dat eng Saach déi vum Syndikat SICOSPORT muss décidéiert ginn. Wat dat anert ugeet, mir hunn eis e Kader gesat fir dësen Budgetsexercice. Et verhënnert näischt, dass dat do ausgebaut gëtt. Am Ufank haten mer d'Schungfabrik och net dran mee mir hunn di elo awer schonn matgeholl mee an der Zukunft gëtt nach méi gemaach.*

**Jean Weiler, Conseiller (CSV)**:
*Ech hunn nach eng kleng Saach déi zwar net direkt mat dësem Devis ze dinn huet mee mat der Mülltrennung. Wann d'Leit d'Valorluxtuuten sichen ginn an se bréngen dem Noper gären eng mat. Dat geet net well een ëmmer just een Rouleau Tuten kritt. Kann een dat net änneren?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Mir hunn zwou Ulaafstellen. Mir haten schonn Erfahrungen, dass d'Leit der an den Atelier sichen komm sinn an dann alles matgeholl hunn wat se droen konnten an se dann als gratis Mülltuuten benotzt hunn. Dofir*

*ass dat och reglementéiert ginn well Abus gemaach ginn ass. Ech mengen awer, dass wann der hei an der Gemeng de Beamten frot, oder och am Atelier, dass der och en Rouleau fir ären Noper matkritt.*

**Romain Becker, Conseiller (DP)**:
*Lo gëtt en Devis fir d'Material gestëmmt. Mee gëtt drun geduecht eng gréisser Informatiounskompagne ze maachen fir d'Mülltrennung?*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi Gréng)**:
*Mir schaffen do mam Léierpersonal zesummen. Se hunn do e Projet zu Téiteng lafen wou d'Kanner zu « Emweltbuddies » ernannt ginn an déi aner Kanner drop opmierksam maachen wann se hiren Dreck op de Buedem geheien. Mir wëllen dat och e bëssen ausbaue wéi d'Kanner selwer Stickeren molen loossen fir op d'Baken ze pechen wou een genee kann gesinn wat do soll drageheit ginn. D'Kanner ginn also mat abezunn.*

**Nico Migliosi, Conseiller (LSAP)**:
*Als sozialistesch Fraktioun stëmmen mir deen Devis do och well ech fannen als Vertrieder vum Minettkompost an dem Sidor gëtt een dacks genuch op d'Mülltrennung higewisen. Wann dat anstänneg gemaach gëtt huet dat och Repercussiounen op de Präis vun der Verbrennung oder dem Recyclage. Et ass also ganz wichteg.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Dann hu mer den Tour gemaach da froen ech iech ween mat deem Devis d'Accord ass?*

**Eestëmmege vote**

## 4. Reglementer

### 4.1 Ännerung vum Verkéiersreglement

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Da kommen mer bei eng Ännerung vum Verkéiersreglement. Vun Ufank un wéi eis Bréck a Betrib war hunn mer Reklamatiounen kritt, dass een aus der rue Jos Müller quasi onméiglech erauskënnt. Mir proposéieren iech dat am Verkéiersreglement ze änneren an d'Jos Müller-Stroos eng Einbahn ze maachen ab dem Haus Nr. 44. Et kann een fräi op de Parking vun der Gare fueren. Eisen zoustännegen Service steet prett fir dat do ze maachen wann eng Majoritéit vun de Conseilleren hei derfir ass. Mir hunn och mat der Firma Hannus Récksprooch gehalen, fir dass sie mat de Camionen do eran an eraus kommen. Firwat hu mer lo just deen doten Punkt am Reglement geännert? Mir wollten e Gesamtkonzept bréngen an keng Salamitaktik maachen. Mee hei ass eben no den Aarbechten op der Bréck eng geféierlech Situatioune entstanen an déi mussen mer entschäerfen.*

**Patrick Krings, Conseiller (DP)**:
*Hei war eng Situatioun déi tatsächlech geféierlech war. Ech sinn och oft do eraus gefuer an ech mengen et ass wichteg, dass mer dat maachen. Wéi d'Bréck gebaut ginn ass, ass net richteg gekuckt ginn wat d'Reperkussiounen op déi Strooss sinn. Dat hei ass awer déi eenzeg machbar Léisung fir déi Gefor hei ze entschäerfen an gläichzäiteg ginn e puer Parkplazen geschaf.*

**Jean Weiler, Conseiller (CSV)**:
*Mir sinn och frou, dass dat hei esou schnell geregelt gëtt, mir haten jo op déi Geforesituatioun higewisen. Et soll och virgezunn ginn an agéiert ginn ier do eppes geschitt. Am Gesamtkonzept kann een da vläicht kucken fir vis a vis vun de Mechelsgaass (rue Michel) wann een do eraus kënnt an et steet e Bus op der Haltestelle dann gesäit een näischt. Ech wollt froen ob et méiglech wier do déi Bushaltestelle ze réckelen.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Dat hu mer jo schonn mol diskutéiert. De Problem ass awer och, dass ze schnell gefuer gëtt. Mir waren jo bei de Minister Bausch. Do muss een kucken eng Verkéiersberouegung ze kréien andeems een d'Vitesse eraus hellt an dann ass et net ausgeschloss, dass mir proposéieren eng Rietsvirfahrt ze maachen wann een d'Altrecht erop kennt. Mee dat kennt an d'Gesamtkonzept mee mir halen dat do awer am Aa.*

**José Goncalves, Conseiller (CSV)**:
*Ech wollt just soen dass op der Zeechnung den Accès interdit op der lénker Säit agezeechent ass an deen muss awer riets kommen. Deen rietsen ass obligatoresch.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Ok Merci. Dat gesot geng ech d 'Ännerung vum Verkéiersreglement och zum Vote stellen.*

**Eestëmmege vote**

## 5. Kommissiounen

### 5.1 Démissioun vun engem Member vun der Jugendkommissioun

### 5.2 Nominatioun vun engem Member vun der Jugendkommissioun

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Da kommen mer bei Démissioun vum Pol Zimmermann an der Jugendkommissioun an gläichzäiteg eng Demande vum Lynn Kettel fir der Jugendkommissioun bäizetrieden. Wuertmeldungen? Nee da froen ech iech ween domat d'accord ass?*

**Eestëmmege vote**

## 6. Personal

### 6.1 Prime de Responsabilité fir d'Madame Viviane Weiler

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*An finalement hu mer nach een Punkt, dat ass d'Madame Viviane Weiler déi eis drop opmierksam mécht, dass sie laut Artikel 25 vum Statut eng Prime de responsabilité zegutt huet well si de Receveur ersetzt. D'Madame Weiler an iwwerhaapt eis Recette mécht eng ganz gutt Aarbecht dat stellen mir ëmmer fest wann mir hei iwwert de Restantenétat befannen. D'Madame Weiler huet och net méi esou laang eppes dervun well sie wäert an deenen nächsten Méint hiert d'Recht op d'Pensioun geltend maachen. Wuertmeldungen? Ech gesinn dat ass och net de Fall, da froen ech iech ween domat d'accord ass?*

**Eestëmmege vote**

## 7. Punkten vum Conseiller Romain Becker iwwert den Artikel 13

**Romain Becker, Conseiller (DP)**:
*De Punkt deen ech drop setzen gelooss hunn huet mat engem konkreten Problem ze dinn deen mer allerguer matgemaach hunn wéi mer Schüler waren. De Bus war ëmmer zimlech voll an dat huet sech bis haut net verbessert mee en ass iwwer-voll ginn. Ech schwätzen vun de Schoulbussen. E Bus dee vu Rëmeleng kennt ass op der Tankstelle schonn gutt gefëllt an op der Busgare iwwerfëllt. De selwechten Bus fiert awer nach weider an luet ëmmer weider Kanner op. Wat d'Sécherheet ugeet ass dat do eng Katastrof. Et kann een an de Bussen stoen mee et steet och wéivill Leit dass dierfen eran. Ech ka mech net erënneren, dass mat engem Schülerbus en Accident geschitt ass, Gott sei Dank. Mee mir geet et dorëms, dass d'Capacitéit net duergeet. Fir dohin hu mer eng Zieharmonika a fir zréck net. Et muss een awer dovun ausgoen dass déi selwecht Schüler an de Lycée gefouert ginn wéi der och erëm heem gefouert ginn. Mir hunn haut iwwert feierfest Pabeierekierf geschwat, iwwerall ginn et Commodo-Prozeduren ze respektéieren, mir hu Feiertrapen, Bussen selwer sinn méi secher, mee mir loossen awer zou, dass zevill Schüler an engem Bus sinn. Et muss een sech drécken fir eran, et huet keen Plaz, dat heescht d'Kanner si frustréiert fir den ëffentlechen Transport ze huelen. Mir wëllen de Leit ëmmer Loscht drop maachen den ëffentlechen Transport ze huelen mee wann een schonn als Kand keng Loscht dorop huet mat deen doten Erfahrungen, dat wonnert mech net. Ech maachen mir Gedanken iwwert d'Sécherheet an och de Confort deen mir bidden.*

**Nico Migliosi, Conseiller (LSAP)**:
*Wéi ech dem Här Becker seng Fro gesinn hunn ech mech drun erënnert, dass ech virun Joeren meng Kanner mol net aus dem Bus eraus kritt hunn, oder dass se den Arrêt verpasst hunn well et iwwerfëllt ass. Ech hat e Lieserbréif an d'Zeitung geschriwwen. Eis Kanner ginn transportéiert wéi Déieren.*

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
*Ech widderspriechen weder dem Här Becker nach dem Här Migliosi mee esou schlëmm ass et net. Et sinn ganz vill Efforten schonn gemaach ginn. Wann Moies Zieharmonikabussen nach ze kleng sinn da mussen mer dat am TICE mellen. Et ginn do awer all Joer Études gemaach. Et kann een Här Becker, net verhënneren dass mol e Bus iwwerfëllt ass. Déi 2. Saach ass wéi déi Bussen erausgesinn, dat kascht eis vill Geld. Wann mer de Budget vum Tice stëmmen da wäerten mer dat mierken. Ech wollt dem Här Migliosi soen, dass entretemps tëschent där Zeit wou hien schwätzt an haut awer vill geschitt ass. Déi selwecht Bussen fueren net dohin wéi zréck, dat huet awer och domat ze sinn, dass d'Lycéeën net zur selwechter Zait fräi hunn. Zu Esch ginn sech och iwwert déi Saachen vill Gedanken gemaach.*

**Romain Becker, Conseiller (DP)**:
*Ech schwätzen hei iwwert e sécheren Schoultransport an den Här Daubenfeld seet et wier kee Problem a schwätzt doriwwer, dass d'Bussen futti gemaach ginn. Mir schwätzen hei iwwert den Transport. Déi Étude ass séier gemaach, dir braucht just moies eng Kéier kucken ze goen. Wann een do gesäit, dass d'Kanner sech drécken an net eran kommen da muss ech dem Här Migliosi recht ginn, effektiv d'Schwäin ginn besser transportéiert. Dat ass leider esou.*

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
*Här Becker dir sidd Weltmeeschter am Wierder verdréinen, ech hunn net gesot et wier kee Problem mee ech sot et wier net esou dramatesch wéi dir et duerstellt.*

**José Goncalves, Conseiller (CSV)**:
*Dee Bus huet eng gro Kaart an do steet drop wéivill Leit dass dran dierfen setzen an stoen. Wann also 40 Leit dierfen stoen an der awer 60 stinn da fueren se illegal. Wann ech muer erwëscht ginn mat 5 Setzplatzen an hunn der 5 belueden dann nach d'Schwéiermamm mathuelen da sinn ech och illegal ënnerwee.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Ech fannen, dass d'Diskussioun bëssen eskaléiert. Dat hei ass dach eppes wou mir eis eens sinn, dass do e Problem ass. Ech kann dat do net novollzéien well ech moies net gesinn wéivill Schüler am Bus sinn. Ech proposéieren iech Här Becker, an der nächster Sitzung wou den Budget vum TICE och gestëmmt gëtt nach eemol mat engem Antrag ze kommen well do kann dat dann e bëssen mat Chifferen ënnerluecht ginn. Mir sinn hei réischt um Ufank vun der Diskussioun.*

**Romain Becker, Conseiller (DP)**:
*Natierlech kann een ëmmer eng Motioun bréngen. Mee de Message ass kloer deen de Gemengerot kann mathuelen, ech kann dat awer och formell maachen. Et wier gutt wann d'Police emol e Bus geng unhalen an mol eng Zählung geng maachen. Da gengen mir reell gesinn wat lass ass.*

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
*Här Becker dir musst d'Oueren opspären, ech huelen et mat an den TICE!*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Dir hutt et héieren, den Här Daubenfeld hellt et mat. Dat verhënnert awer net, dass dir iwwert den Artikel 13 kënnt eng Motioun déposéieren. Dat gesot wieren mer dann um Enn vun dëser Sitzung ukomm.*

# Conseil communal
# Séance du jeudi, 13 novembre 2014

**Durée :** de 15h00 à 17h00

**Présent :** John Lorent, Bourgmestre,
Marcel Humbert et Patrick Brücher, échevins,
Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen,
Romain Daubenfeld, José Gonçalves dos Anjos,
Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry,
Camille Thomé, Jean Weiler, Conseillers,
Nadine Braconnier, Secrétaire.

**Absences : /**

**Ordre du jour :**

**1. Correspondance et informations**

**2. Contrats, conventions, acte, concessions**
- 2.1 Convention de partenariat – Projet LIFE
- 2.2 Convention BB+
- 2.3 Contrat de raccordement CREOS – Maison relais
- 2.4 Contrat d'utilisation CREOS – Maison relais
- 2.5 Contrat de bail Fabrique d'église
- 2.6 Contrat de bail CIGL
- 2.7 Convention de mise à disposition salle de réunion pour l'association « Du pain pour chaque enfant »

**3. Finances communales:**
- 3.1 Devis projet tri des déchets

**4. Règlements:**
- 4.1 Modification du règlement de circulation

**5. Commissions consultatives**
- 5.1 Démission d'un membre de la commission des jeunes
- 5.2 Nomination d'un membre de la commission des jeunes

**6. Personnel**
- 6.1 Prime de responsabilité remplacement receveur

**7. Questions des conseillers**





## I Correspondance et informations

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** annonce que les demandes de l'opposition ont été traitées. La fermeture du puits de Tétange et l'installation de bancs sur le chemin syndical « am Pull » ont été réalisées. Il informe le conseil communal que la commune de Schifflange a majoritairement refusé le retrait de la commune de Kayl-Tétange du syndicat PROSUD ; la commune de Differdange a quant à elle accepté. Plusieurs conseils communaux auront lieu dans les prochaines semaines et procèderont au vote. La commune de Kayl doit obtenir 2/3 de votes positifs pour pouvoir se retirer du syndicat intercommunal PROSUD. Monsieur le bourgmestre souligne que si ce quorum n'est pas atteint, un recours judiciaire sera envisageable.

**Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP)** tient à s'exprimer au sujet du point précédent avant de commenter le budget du TICE. Il rappelle qu'au départ, il était réticent à l'idée de quitter PROSUD. Après la visite des responsables de PROSUD lors d'une séance du conseil communal et l'absence de consensus entre les deux parties, Monsieur Romain Daubenfeld et le LSAP soutiennent désormais la démarche du conseil communal.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** partage cet avis.

**Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP)** explique que le conseil d'administration du TICE a présenté son budget 2015 il y a une semaine et il illustre les points principaux de celui-ci :

- Au vu du nombre élevé de chauffeurs de bus qui ont été engagés ces dernières années, leur bâtiment n'est plus assez grand pour accueillir tous les effectifs. Le bâtiment additionnel qui doit être construit coûtera 2.159.000 euros et une partie sera répercutée dans le budget 2015, l'autre partie dans le budget 2016. La commune de Kayl devra prévoir 588.000 euros dans le budget ordinaire et 148.619 euros dans le budget extraordinaire.

- D'ici 2017, le TICE aura 47 bus roulant au gaz naturel qui proviendra du « Minett-Kompost ». Au total, en 2017, le TICE comptera 108 bus pour 348 employés. Le traitement des employés représente 70% du budget ordinaire du TICE.

- Dans le volet des investissements, 100.000 euros seront investis dans un nouveau système informatique et l'achat des bus au gaz naturel reviendra à 4 millions d'euros.

- En réponse à la question relative aux lignes 4 et 5 soulevée par Monsieur Weiler lors du dernier conseil communal, le directeur du TICE assure que seulement trois minutes seraient économisées et que le TICE ne peut pas se permettre de ne pas desservir une commune-membre du TICE. La raison pour laquelle l'itinéraire proposé ne ferait pas économiser plus de temps est que si le bus passe par le Poteau de Kayl, il devra s'arrêter aussi aux trois arrêts dans le Neidierfchen.

- Après discussion avec le Ministre des transports au sujet de la ligne 197 qui est surchargée le matin, un nouveau concept RGTR sera élaboré. Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP) ajoute que l'interdiction de rester debout dans les bus en mouvement ne vaut que pour les bus de voyage et non pour les bus de ligne. Une voie supplémentaire pour les bus devrait être ajoutée sur l'autoroute d'Esch.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** remercie Monsieur Daubenfeld pour son intervention, mais tient à rectifier sa demande au sujet de la ligne 4. Il est conscient de l'importance de desservir la commune de Schifflange, mais propose un autre itinéraire (Schifflange – Rumelange – Esch et au retour Esch – Rumelange – Schifflange – Esch). Monsieur Romain Daubenfeld rétorque que dans ce cas de figure une commune sera toujours desservie en retard.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** interrompt la discussion et tient à passer au point suivant.

## II. Contrats et conventions

### 2.2 Convention de partenariat - projet Life

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** annonce la présence de Monsieur Yves Schaak de SICONA Ouest afin de présenter la convention de partenariat entre la commune de Kayl et SICONA Ouest. Il s'agit d'une convention européenne et la commune de Kayl est le 3e intervenant dans ce projet. Il tient à rappeler que les 49 hectares qui doivent être achetés concernent le projet global, la part de la commune de Kayl se limite à 6-7 hectares.

**Monsieur Yves Schaak (Sicona-Ouest)** explique que le Projet Life est le 3e projet lié à la protection

de la nature et aux zones Natura 2000. Au total, SICONA Ouest et SICONA Centre souhaitent acheter 46,5 hectares de terrains pour leur restauration. Le budget global du projet s'élève à 2,5 millions d'euros : 50% sont financés par la Commission européenne et 25% par le Ministère du Développement durable et des Infrastructures – Département de l'Environnement. 4 zones Natura 2000 se trouvent dans la commune de Kayl, mais le chiffre de 6-8 hectares est un chiffre provisoire. Tous les terrains achetés seront subsidiés à 75%. Des campagnes de sensibilisation seront organisées ; il y aura entre autres des activités ludiques pour les enfants, des excursions et des conférences de presse. Monsieur Schaak précise que le SICONA pourra se charger des négociations, mais que c'est la commune qui financera en amont avant de percevoir les subsides de la Commission européenne que le SICONA lui versera.

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** partage son enthousiasme par rapport au projet LIFE et espère que le conseil votera en faveur de la convention dont le but premier est la protection et la conservation des sites et des espèces naturels.

**Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP)** demande si les terrains (quatre zones) achetés par la commune et mis à disposition du SICONA resteront la propriété de la commune de Kayl.

**Monsieur Yves Schaak (Sicona-Ouest)** assure que les terrains acquis par la commune lui appartiendront, mais que dans la convention il sera stipulé que ces terrains ont été achetés dans le cadre de la protection de la nature et ne pourront être utilisés à d'autres fins sans l'aval de la Commission européenne. Monsieur le bourgmestre ajoute que les terrains ne pourront être acquis qu'une fois que les propriétaires auront donné leur accord.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** rappelle qu'il y a quelque temps, la question de la nécessité de certains sites naturels protégés (p.ex. le Brucherbierg) a été soulevée. Certaines espèces rares (plantes ou animaux) cohabitent parfaitement dans ces zones sans intervention ou règlementation supplémentaire et c'est pourquoi Monsieur Becker demande pourquoi il est nécessaire d'adhérer au projet du SICONA. De plus, il déplore le fait que la commune n'ait pas assez de terrains à bâtir et si de nombreuses zones deviennent inexploitables à cause de leur classement de sites naturels protégés, la commune de Kayl sera moins autonome. Il ajoute que si la commune achète ces terrains, ce serait aussi à elle de participer aux négociations et non le SICONA. Enfin, il critique la manière dont sont prises les décisions, car ni la commune, ni les propriétaires actuels des terrains en question ne sont inclus dans les discussions préliminaires. Monsieur le bourgmestre demande si Monsieur Becker compte exprimer un vote négatif ; ce dernier dit l'envisager.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** s'interroge sur le nombre d'hectares concernés, car sur le plan, il y en a une grande partie en plus des 6-7 hectares prévus initialement. Monsieur Schaak (Sicona-ouest) explique que les surfaces reprises dans le plan sont celles qui pourront potentiellement être acquises par la commune, mais la commune n'est pas dans l'obligation de toutes les acheter. Monsieur Jean Weiler est conscient de ce fait mais souhaite savoir quels seront les critères de sélection des terrains et pourquoi la somme de 5.952 euros s'ajoute aux dépenses normales liées au projet. Monsieur Schaak explique qu'un montant devait être mentionné pour entamer les négociations.

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** tient à s'exprimer au sujet de l'intervention de Monsieur Romain Becker. Il est d'avis qu'un vote négatif pour ce projet correspond à un vote contre la protection de la nature. Il rappelle que les terrains ont été choisis au niveau européen et qu'il faut absolument intervenir pour protéger les espaces naturels. Il illustre ses propos par un exemple concret : les différents biotopes des orchidées seront en voie de disparition si on ne procède pas régulièrement à leur débroussaillage. Il continue au sujet d'un projet entrepris il y a deux ans au site « Vir Bruch » afin d'empêcher l'extinction des tritons crêtés. Grâce aux interventions pour développer les biotopes de ces espèces, leur qualité de vie a été améliorée. Il répète l'importance de la protection de ces sites naturels et rappelle qu'il n'y aura pas de frais supplémentaires puisque le projet du SICONA est inscrit dans le programme d'action et le gros des terrains appartient à une instance publique. Monsieur Romain Becker (conseiller, DP) n'accepte pas la critique avancée quant à son éventuel vote négatif, il rappelle qu'il a été Président de la commission de l'environnement pendant des années et qu'il se soucie de la nature et du bien-être des habitants de la commune. Il reproche à Monsieur Brücher de ne pas rester fidèle à sa ligne étant donné qu'il a accepté que des arbres soient abattus pour la réalisation du « Bëschkierfech ». Il remet en question le projet, car il n'apporte d'après lui pas de plus-value pour la population.

**Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP)** demande à Monsieur Romain Becker si d'après lui la commune manque vraiment de terrains à bâtir. Ce dernier acquiesce et Monsieur Romain Daubenfeld



rappelle qu'il y a un mois, le projet Kayl-Nord a été présenté en conseil communal et que la proposition du Gouvernement d'étendre la superficie du nouveau quartier a été déclinée selon l'argument qu'il y a assez de terrains à bâtir. Monsieur Carlo Birchen (conseiller, LSAP) demande quelles seront les conséquences si la convention est signée, mais que moins d'hectares sont achetés. Monsieur Yves Schaak (Sicona-ouest) confirme que les subsides perçus dépendent de l'étendue des terrains acquis. Il reste confiant quant à l'acquisition des 46,5 hectares.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** précise que premièrement la commune n'a pas d'obligation de résultat : si elle achète un terrain, cet achat sera subventionné par la Commission européenne. Deuxièmement, le fait que la commune soit propriétaire foncier de ces terrains assurera la protection de ceux-ci. Il partage l'opinion de Monsieur Becker au sujet de la servitude, car en pratique, même si la commune est propriétaire, elle ne pourra plus construire sur ces terrains. Il ajoute que la majorité du conseil est en faveur du projet.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** demande comment la sélection des terrains sera faite. Monsieur le bourgmestre explique qu'il faudra se mettre en contact avec les propriétaires actuels et voir s'ils sont d'accord pour vendre leurs terrains. Il précise que le propriétaire du terrain envisagé pour le projet de l'étang « Vir Bruch » a refusé de céder ses terres.

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** rappelle à Monsieur Romain Becker que s'il veut agir pour le bien-être de la population, il faut aussi agir pour protéger la faune et la flore. Il défend le fait qu'un chemin ait dû être construit pour le « Bëschkierfech » afin que les gens puissent s'y rendre.

**VOTE : DP vote contre, CSV LSAP et déi Gréng votent pour**

**2.2 Convention BB+**

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** explicite la nature de la convention avec BB+ : les phases prénatales et postnatales sont d'une grande importance pour les futurs parents et les premières années d'un enfant sont décisives pour son bon développement. La convention est proposée par l'initiative « Liewensufank » (a.s.b.l) et vise à améliorer les conditions de parentalité (informations et suivi pour les jeunes parents, santé de l'enfant, développement du langage chez l'enfant et l'éducation). Des cours, des séances d'informations et divers workshop sont proposés aux parents dès le début de la grossesse et jusqu'au premier anniversaire de l'enfant (cette période peut être prolongée en cas de force majeure). Un accompagnement psychologique en cas de perte d'un enfant ou de grossesses à risques est prévu. Il souligne que des personnes qualifiées (infirmières, pédagogues et psychologues) travaillent pour cette a.s.b.l. Le tarif standard d'une séance est de 36 euros/heure et la convention prévoit que les habitants de la commune de Kayl pourront en profiter gratuitement. Il note que BB+ est très proactif dans ses démarches pour aider les parents et prend contact avec eux dès la naissance de leur enfant. Dans des communes comme Bettembourg ou Dudelange, ce service rencontre un franc succès (60% de la population en bénéficie déjà). Dans la commune de Kayl il y a un grand besoin, car dans la Maison relais on compte 29 (sur 239) enfants du cycle 1-4 ont été placé sur ordre du tribunal et 20 autres enfants ont des troubles du comportement. Il est d'avis qu'il faut pallier ces problèmes bien avant la scolarisation des enfants. Dans le Plan de réussite scolaire il a été constaté que les problèmes du développement du langage sont souvent liés au plurilinguisme des enfants en bas âge. BB+ peut aussi apporter des solutions à ces problèmes et aider les parents à apprendre leur langue maternelle à leurs enfants. Par ailleurs, la conférence de Pascale Engel en début d'année, portant sur le multilinguisme a eu du succès auprès des parents, ce qui prouve qu'il existe un réel besoin de guidance parentale et d'aide à l'éducation. Il est donc selon lui très important de signer cette convention qui coûtera 20.000 euros à la commune. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) remercie Monsieur Patrick Brücher pour sa présentation et laisse la parole au conseil communal.

Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV) critique le fait que la naissance et l'éducation soient considérées comme sources de problèmes. Ce sont les parents qui sont responsables de l'éducation de leurs enfants et si des problèmes surgissent (que ce soit avant ou après la naissance), il y a assez de moyens gratuits mis à leur disposition pour les aider (service d'aide des maternités, Ligue médico-sociale etc.). L'envoi d'un courrier à tous les parents n'est d'après lui pas à recommander puisque un faux besoin est créé de cette manière alors que la grande majorité des parents n'ont pas besoin d'aide. Le CSV n'est pas en faveur du rassemblement de documentation relative à des cas d'enfants sujets à des troubles du comportement car seuls les aspects négatifs sont souvent retenus. M. Weiler explique qu'il y a 88 services d'aide à travers le pays qui sont à même de conseiller les parents ou futurs parents, il n'y a donc pas lieu de financer un service supplémentaire.

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) respecte l'opinion de Monsieur Weiler, mais considère qu'il s'agit d'un faux débat : il n'est pas question de déresponsabiliser les parents, mais d'agir de manière proactive. Environ 20% des enfants de la commune ont des problèmes de comportement et il faut donc réagir. Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP) ne comprend pas la position de Monsieur Weiler et affirme qu'elle ne reflète pas la réalité de la commune de nos jours.

**Madame Viviane Schenten-Petry (conseiller, déi gréng)** expose la position de la fraction déi gréng qui est en faveur du projet. Il ne s'agit nullement d'affirmer que les parents ne sont plus capables d'élever leurs enfants eux-mêmes, mais plutôt de la constatation que de nombreux parents arrivent à leurs limites après la naissance de leur enfant et ont besoin d'aide de professionnels qui ne prennent pas que l'aspect physiologique de l'enfants en compte, mais aussi son développement psychologique et son milieu social. La société actuelle force les parents à travailler plus et à réduire le temps qu'ils passent avec leurs enfants. La convention a une durée de deux ans et comprend une phase de préparation, de réalisation et de validation. Les conseillers ont le droit de participer aux discussions et le fait de documenter ou non les sessions pour des raisons de confidentialité est négociable. Elle déplore le fait que souvent ce ne soit que le suivi médical des enfants qui soit mis en avant aux dépens du suivi psychologique.

**Monsieur Patrick Krings (conseiller, DP)** remet en question la nécessité d'offrir un service supplémentaire puisqu'il y a de nombreux services sociaux existants. Il doute que les 20% de familles concernées par ce type de problèmes se manifestent pour bénéficier de cet accompagnement. Il est contre le fait de contacter toutes les personnes qui attendent un enfant.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** prend position sur certains points notamment le fait que le CSV ne pense pas que l'initiative « Liewensufank » est superflue, mais qu'il est contre le fait de contacter toutes les personnes qui attendent un enfant. Il rejette l'excuse selon laquelle le fait que deux parents travaillent entraînerait des problèmes, car la source des problèmes ne se situent pas à la crèche mais à la maison. Par ailleurs il s'oppose à l'enregistrement et la documentation des entretiens.

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** rappelle que le but premier de ce projet est de responsabiliser les parents et de ne pas attendre la scolarisation des enfants pour agir. Il souligne qu'il y a des projets d'aide aux personnes du 3e âge, des projets dédiés à la protection de la nature ou encore au sport, alors pourquoi ne pas opter pour un projet crucial à l'aide au développement des enfants avant leur 1er anniversaire. En aucun cas, les parents ne se sentiront vexés lorsque de l'aide leur sera proposée ; il faut d'après lui comprendre que le cadre familial de nos jours a beaucoup changé et que de nombreuses familles sont issues de l'immigration et n'ont pas de famille ici ce qui explique les difficultés qui pourraient survenir. Il assure que les documentations qui seront réalisées ne seront jamais publiées, mais qu'un suivi s'avère nécessaire.

**VOTE : CSV et DP contre, LSAP et déi gréng pour**

### 2.3, 2.4 Contrat de raccordement Creos et contrat d'utilisation Creos

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** explique qu' contrat a été passé le 10 octobre 2014 entre la Commune de Kayl et Creos Luxembourg S.A. concernant le raccordement au réseau moyenne tension de la maison relais ainsi que un contrat concernant l'utilisation du réseau pour l'alimentation en énergie électrique de la maison relais.

**Vote unanime**

### 2.5 Contrat de bail Fabrique d'église

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** explique que la Fabrique d'église a besoin d'une source de revenus et s'est donc rapprochée de la commune afin de lui louer l'ancien « Schwësterenhaus », habitation sise 18, rue de l'Eglise à Kayl. La pièce à droite au rez-de-chaussée restera à la disposition de la Fabrique d'église pour y installer son secrétariat.

**Vote unanime**

### 2.6 Contrat de bail CIGL

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** présente le contrat de bail avec le Centre d'initiative et de gestion local Kayl (CIGL) qui convient que la commune de Kayl donne en location au CIGL Kayl un hangar avec bureaux sis dans la rue Eweschbour à Kayl. Le loyer annuel est fixé à 1 euro symbolique.

**Vote unanime**



### 2.7 Convention de mise à disposition salle de réunion pour l'association "Du pain pour chaque enfant"

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** présente la demande de l'association « Du pain pour chaque enfant » dont l'ancien local sis rue Thomas Byrne ne convient plus. La commune met gratuitement à disposition de l'asbl un local de la « maison Régine » à Tétange les lundis et mercredis de 14h00 à 20h00.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** s'interroge sur les activités proposées par l'association et demande à voir son rapport d'activités. Monsieur le bourgmestre propose que le Service culturel lui transmette ce rapport et souligne que c'est une association en devenir et qu'il n'y a pas encore énormément d'activités.

**Vote unanime**

## III. Finances communales

### 3.1 Devis projet tri des déchets

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** explicite l'importance du projet de tri des déchets dont le devis s'élève à 120.000 euros. Il est prévu d'installer des bacs de tri différents dans les bâtiments publics (surtout les écoles et la Schungfabrik). Il est important que la commune montre le bon exemple. En parallèle, le corps enseignant a plusieurs projets en cours afin de sensibiliser les enfants au tri des déchets. Monsieur Patrick Krings (conseiller, DP) félicite le but de ce projet, mais questionne le prix des bacs (220 euros par bac). Monsieur Patrick Brücher explique que les bacs doivent répondre à certaines normes de sécurité, ils doivent par exemple être ininflammables et résister aux conditions météorologiques (certains bacs se trouvent dehors). Il insiste sur le fait qu'il s'agit d'un investissement à long terme.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** rappelle que les adultes doivent eux aussi mettre en pratique le tri des déchets et demande pourquoi le hall sportif et d'autres places publiques ne sont pas sur la liste. Monsieur le bourgmestre rétorque que c'est au syndicat SICOSPORT de prendre cette décision et que la liste n'est pas exhaustive, d'autres lieux publics seront concernés à l'avenir. Monsieur Jean Weiler aborde un autre sujet et suggère qu'une personne venant chercher ses sacs de poubelle Valorlux puisse en prendre aussi un rouleau pour son voisin par exemple. Monsieur le bourgmestre rappelle que la limitation à un rouleau par personne a été décidée, car des abus ont été constatés, mais il assure que si une personne demande à une personne de l'administration communale ou de l'atelier, un rouleau supplémentaire pourra être fourni.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** demande si une campagne d'information est prévue. Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng) assure que les enfants seront impliqués dans le projet et que le corps enseignant organise déjà des activités autour du thème de l'environnement et du tri des déchets comme par exemple la désignation d'« Emweltbuddies » (des enfants veillent à ce que leurs camarades jettent leurs déchets dans les bonnes poubelles et non sur le sol).

Monsieur Nico Migliosi (conseiller, LSAP) approuve ce projet et soulève l'importance des répercussions que celui-ci aura sur le prix du recyclage ou encore du brûlage des déchets.

**Vote unanime**

## IV. Règlements

### 4.1 Modification du règlement de circulation

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** annonce le changement du règlement de la circulation, car il est devenu impossible de sortir de la rue Jos Müller depuis la construction du pont. Un sens unique sera installé à partir de la maison numéro 44 dans la rue Jos Müller et l'accès au parking de la gare sera possible. Monsieur Patrick Krings (conseiller, DP) acquiesce et rappelle qu'au moment de la construction du pont, ces répercussions n'ont pas été prises en compte. Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV) est en faveur de cette décision et suggère que l'arrêt de bus en face de la rue Michel soit déplacé, car lorsque l'on sort de cette rue et qu'un bus est stationné, l'on perd toute visibilité. Monsieur le bourgmestre confirme que ce point sera retenu lors de l'élaboration du concept global de révision du règlement de la circulation ; il ajoute que la vitesse est un gros problème à cet endroit.

**Monsieur José Goncalves (conseiller, CSV)** signale une erreur sur l'illustration du plan pour l'accès interdit.

**Vote unanime**

## V. Commissions consultatives

### 5.1 Démission d'un membre de la commission des jeunes

### 5.2 Nomination d'un membre de la commission des jeunes

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** explique que Pol Zimmermann a démissioné de la commission des jeunes et que Lynn Kettel a introduit une demande pour rejoindre ladite commission.

**Vote unanime**

## VI. Personnel

### 6.1 Prime de Responsabilité remplacement receveur

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** rapporte la demande de Madame Viviane Weiler qui a le droit (selon l'article 25 du statut) à une prime de responsabilité pendant qu'elle remplace le receveur. Il la félicite pour son travail.

**Vote unanime**

## VII. Questions des conseillers

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** soulève le problème des bus scolaires trop remplis et des dangers qui en résultent. Il n'est pas normal que des enfants ne puissent même pas rentrer dans le bus et soient découragés de prendre les transports publics dès leur plus jeune âge.

**Monsieur Nico Migliosi (conseiller, LSAP)** partage la même opinion et rappelle qu'il y a quelques années il avait rédigé une lettre publique pour condamner le fait que les enfants soient transportés comme du bétail.

**Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP)** ne veut pas contredire Monsieur Becker et Monsieur Migliosi, mais il estime que le problème n'est pas aussi dramatique qu'il vient d'être présenté, de nombreux efforts ont déjà été faits pour améliorer le transport scolaire. Il explique qu'il est normal que ce ne soit pas les mêmes bus qui fassent l'aller et le retour, car les lycéens n'ont pas les mêmes heures de cours. Il ajoute que le budget du TICE augmente surtout à cause des dégâts causés dans les bus.

Monsieur Romain Becker ne partage pas l'avis de Monsieur Daubenfeld et ne pense pas que le problème des dégâts dans les bus soit plus important. Il avance l'idée de demander à la police de contrôler ces bus. Monsieur Daubenfeld défend ses propos et précise qu'il n'a jamais insinué que le transport scolaire ne constitue pas un problème.

**Monsieur José Goncalves (conseiller, CSV)** souligne qu'un bus a une carte grise mentionnant combien de personnes peuvent être transportées (places assises et debout).

Monsieur le bourgmestre clôt le débat et propose à Monsieur Becker d'aborder ce point lors de la session dédiée au budget du TICE.



# Gemengerot Sëtzung vum Freiden, 12. Dezember 2014

**Dauer:** vun 15h00 bis 16H30

**Präsenz:** John Lorent, Buergermeeschter, Marcel Humbert an Patrick Brücher, Schäffen, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller, Nadine Braconnier, Sekretärin.

**Entschëllegt:** José Gonçalves dos Anjos, Conseiller

**Ordre du jour:**

1. **Gemengefinanzen**
   - Subside fir d'Veräiner
2. **Konventiounen**
   - Finanziell Bedeelegung vum Staat um Bau vun der Maison relais um Widdem
3. **Office social**
   - Budget 2015
4. **Gemengesyndikater**
   - Aktiounsprogramm SICONA 2015
5. **Budget**
   - Presentatioun Budget "rectifié" 2014 an Budget 2015
6. **Froen vun de Conseilleren**
7. **Geheimsëtzung**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Dir Dammen an dir Hären, mir kennen eis eenegen op dräi Auer. Et ass déi zweet lescht Sëtzung vun dësem Joer, mir hunn e puer Punkten awer dann geet et haaptsächlech em d'Présentatioun vum Budget "rectifié" 2014 an dem Budget 2015. Entschëllege léisst sech den Här José Gonçalves dos Anjos deen am Ausland ass, an dann géing ech d'Madame Sekretärin bieden feststellen ze loossen, wann misst ofgestëmmt ginn, ween als éischten aus der Urne gezunn gëtt. Dat ass den Här Jean Weiler.*

*Da géinge mir ouni eis vill oflenken ze loossen direkt zum Punkt vun de Gemengefinanzen iwwer goen an ech ginn dem Schäffen Marcel Humbert d'Wuert fir d'Subsiden vun de Veräiner 2014 virzestellen.*

## I Gemengefinanzen - Subside fir d'Veräiner

**Marcel Humbert (Schäffen, LSAP):**
*Merci Här Buergermeeschter. Wat d'Subside betrëfft well ech elo net all Veräin eenzel opzielen dat géing e bëssen wäit goen, dir hutt all d'Lëscht virun iech leien. Ech nennen de globale Chiffer esou wei d'Veräiner zesumme gefaasst sinn: D'"associations culturelles", "associations sportives", "associations de loisirs" an d'"associations caritatives" dann en "divers" wou d'Pompjeeën an de Geschäftsverband mat dra sinn, den totale Chiffer ass dann 72.072 Euro. U sech huet an dësem Joer näischt geännert ausser dem "taux variable" den mol rop oder rof gaangen ass. Wa Froen dozou sinn sot dat wann ech gelift.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):**
*Also ech hat et gesot, dat war effektiv kuerz. Et entsprécht awer och dem wat mir 2013 presentéiert haten. Den Här Thomé.*

**Camille Thomé (Conseiller, CSV):**
*Här Buergermeeschter, dir wäert jo net zevill hunn wann ech eppes zu de Subsiden soen, ech hu mech all Joer gemellt an dat man ech och dëst Joer. Mir als CSV si frou dass, an deene schlechten Zäiten wou dir eis herno souwisou wäert erzielen, eis Subsiden un d'Veräiner emol net erof gaange sinn. Mir freeën eis awer och iwwert déi méi gerecht Verdeelung vun deenen 3.000 Euro fir d'Jugendveräiner, sou dass dëst Joer vill Veräiner 250 Euro kréien, wou lescht Joer e puer Veräiner 500 Euro kritt hunn an déi aner näischt.*

*Mir hunn awer och eppes auszesetzen, an zwar un de Commissiounen. Säit zwee Joer fänke mir am Januar schonn un Berechnungen ze maachen, dass dat méi gerecht soll verdeelt ginn mee dat gëtt ni gemaach. Ech ginn dem Schäfferot dat haut mat op de Wee, dass si do sollen hannendru goen an nohaken, dass dat klappt. Ech ginn net midd ëmmer rëm hei ze soen wéineg Veräiner scho laang Joeren an eisen Aen net genuch kréien. Dat sinn haaptsächlech d'Fraen a Mammen an d'Käler Scouten, wou mir gespaant sinn wann dir eis nächst Joer eng Dreckskëscht méi op den Trottoir setzt, dat heescht kee Pabeier méi opgehuewen gëtt héchstwahrscheinlech, wat fir Auswierkungen dëst huet well d'Scouten dofir e Subside kréien. Ech well awer och soen, e Veräin wei de Badminton, wou mir eng Sportshal hei zu Kayl hunn all Kéiers muss op Rëmeleng trainéiere fueren, dat kascht vill Benzin. De Veräin huet géigeniwwer aneren Sportsveräiner, nëmmen eemol am Joer eng Manifestatioun, méi e klenge Subside wei déi, dat ass wierklech net an der Rei. E Veräin wei de Badminton hätt dann wéinstens eng Prime fir Benzin ze gutt, dat kéint ee wéinstens fir déi maachen. Dann hunn ech nach eng Fro, iwwert déi ongerecht*

Verdeelung vum “subside variable”. Dir kennt mir do zielen oder déi Rechnung maachen, ech ginn domat einfach net eens. Ech well ee Beispill huelen dat ass d’Harmonie Victoria Téiteng, déi sinn bei all Cortège dobäi, déi kréien 400 Euro Subside, dofir sinn déi mat 30, 40 Mann dobäi. Do sinn aner Veräiner déi sinn zu 4, 5 dobäi, déi kréien 500 Euro. Ob ee mir seet, déi gëlle méi an déi aner net, ech weess et net mee dat do fanne mir net an der Rei. Dir kennt är Rechnung emol genee explizéieren, mee ech mengen Här Buergermeeschter dir wësst selwer net ob dir eens gitt an dem Gerechens mee ech wier frou wann ee mir dat erkläert.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
Ech man eng Kéier, wann dir fäerdeg sitt Här Thomé, hei ass net déi richteg Plaz, ech well just hei betounen, dass mir eng Kommissioun hunn wou all Partei Vertrieder huet. Ech well betounen, dass den Artikel 13 vum Gemengegesetz gëtt, wou dir kennt eng Initiative maachen wann der mengt déi Subside-Lëscht wär op dem engen oder anere Punkt net gerecht, wei dir gesot hutt, dann ass dat iech iwwerlooss. Mir huelen dat gär zur Kenntnis, wat ech bedaueren. Ech bedaueren dat am Numm vum Schäfferot, ass dass mir der Kommissioun den Optrag scho laang ginn hunn doran e bësse schaffen ze goen fir méi Gerechtegkeet anzeféieren, wuel wëssend, dass déi Subsiden en delikaten Equiliber ass, wann een un de “subside de base” kniwwele geet, dat ass ganz schwiereg. Dir hutt mat Recht dräi Veräiner opgezielt déi an ären Aen méi zegutt hätten, ech mengen wa mir soen d’Enveloppe bleift déi selwecht, an vu d’“situation financière” gi mir dovunner aus dann ass natierlech de Pendant dozou, dass ee muss dem engen oder aneren eppes ewechhuelen. Nach emol, mir hunn zwou Kommissiounen, d’Kultur- an Sport-Kommissioun déi den Optrag hunn sech em déi Saach ze bekëmmeren, dir hutt e Vertrieder an deene Kommissiounen déi dobäi sinn wann d’Berechnung stattfënnt, ob dir domadder eens gitt oder net, de Punktwäert gëtt festgeleucht dat steet am Reglement, et gëtt no relativ objektive Kriterien gehandhaabt. Recht hutt dir, wann eng Équipë mat 40 Leit kennt an eng aner mam Fändel zu zwee op enger Manifestatioun déi d’Gemeng organiséiert, do misst een de néidege Discernement erabréngen. Dat ass awer eppes wou ech mech direkt op déi Leit verloossen déi sech em d’Subsidelescht bekëmmeren. An de Kommissiounen ass all Initiative wëllkomm. Wann dat neit Reglement am Joer 2015 soll zustane kommen kennt dir jo iwwert de Wee vun äre Memberen an de Kommissiounen eppes bäisteieren an dir kennt och hei um Niveau vum Gemengerot intervenéieren. Ech gesinn, dass dir de Ball an de Camp vum Schäfferot kickt, dat ass jo och ganz legitim an dogéint huet keen eppes, mee et gi besser Plazen dofir wei beim Vote vun der Veräinssubsiden. Dann sot dir de “subside variable” wär ongerecht. Ongerecht ass en op dem Punkt, wei dir sot, ob se zu vill sinn oder zu wéineg, et ka sinn, dass do eppes ass wat muss ausgemerzt ginn. Ech ka mir awer net virstellen, dass wa mir iwwer Gemengesubsidie schwätzen ufänken Leit ze zielen, dat spillt am Subside net déi grouss Roll, fir eis ass wichteg, dass di verschidde Veräiner vertruede waren. Eng Prime fir de Benzin well ech ausschléissen well de Sicosport hu mir zesumme mat deene Rëmelenger gemaach, wann si sech mussen déplacéieren ass well mir de Badminton op Rëmeleng gesat hunn mee dat huet jo och Ursaachen. Iwwer eppes wei Benzin wëlle mir hei net diskutéieren. Mäin Appel ass et un déi Kommissiounen sech dohin ze setzen an d’Reglementer nach emol z’iwwerschaffen, sou kompliziéiert wei dir et hei umoosst ass et sécher net, wat awer feststeet ass, dass mir gären en ekologesche Kriterie an de Subside integréieren. Dat muss encadréiert ginn an dofir ass de Schäffen Marcel Humbert och zu all Moment bereet un deenen Aarbechten ze partizipéieren. Aner Wuertmeldungen, vu Säit vun der demokratescher Partei? Nee?

**Patrick Krings (Conseiller, DP)**
Nee ech wollt elo net extra d’Wuert ergräifen, mir si frou, dass d’Subsiden weider esou ausbezuelt ginn, mam Reglement hutt dir net ganz Onrecht mee et ass wierklech schwéier et jidderengem gerecht ze maachen, an d’Reglement wei et elo ass ass awer scho besser wei et fréier war, dass et nach Verbesserungsméiglechkeete ginn, Okay. Mee do solle mir eis Kommissioune schaffe loossen, mir hu jo och Memberen doran mir ginn hinnen dat mat op de Wee.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
Merci Här Krings. Den Här Thomé war net zefridde mat menger Äntwert, hien kritt dann nach emol d’Wuert.

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**
Ech maachen et och ganz kuerz. Mir hunn dat och an de Kommissiounen ugeschwat mee meeschtens stoussen se do op een daaft Ouer. Zemools an enger Kommissioun ass et ganz schwéier eppes z’erreechen. Et ass net fir näischt, dass do een nom aneren den Hut hellt well en d’Flemm huet.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
Gutt, ech well dat elo hei net kommentéieren. Ech soe just wann een en Antrag stellt an gären hätt, dass dat op de Bericht stoe kennt, den Här Assa ass Sekretär vun deene Kommissiounen, da kennt dat an de Bericht stoen. Wann eppes net am Bericht steet kennt dat net beim Schäfferot un. Et ass ganz kloer, ech insistéieren dorop, wann ee keng Majoritéit an enger Kommissioun huet kann een trotzdem insistéieren, dass eppes an de Bericht stoe kennt, well de Schäfferot kann soss keng Kenntnis dovun hunn.



Dann muss ech nach eppes soen zu de Scouten, dat brennt mir op der Zong. D’Scouten hunn de “subside de base” an op der anerer Säit kréien se fir d’Papeierssammlung vun der Gemeng eng ganz substanziell Ënnerstëtzung. Wann een dat zesumme rechent, fir déi eng mussen se natierlech eng Leeschtung bréngen, mee dat ass awer ganz substanziell. Ech well déi Diskussioun vun den Dreckseemeren net dëse Moment feieren, ech muss awer soen, dass et ganz kloer ass, dass wa mir an déi Richtung ginn an de Service den d’Käler Scouten an den Ëmmer frou zu Téiteng, dass déi dann eng Kompensatioun kréien, wei déi ausgesäit weess ech nach net dofir ass et nach vill ze frei. Mee et ass net esou, dass déi Leit déi joerelaang en Dingscht gemaach hunn doduerch, dass mir de Regime changéieren näischt méi kréien, mir sichen do nach eng Kompensatioun am Gespréich mat de Responsabel vun deenen zwee Veräiner. Méi well ech elo net dozou soen well esou ausgeräift ass de Projet nach net, dass e scho sprochräif wär. Ass dat an der Réi esou?

Dann géif ech d’Verainssubsiden, esou wei den Här Humbert se virgestallt huet, zum Vote stellen. Déi di mat d’accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass en dogéint, enthält een sech? Et geet jo scho gutt un.

**Eestëmmege vote**

## II. Konventiounen - Finanziell Bedeelegung vum Staat um Bau vun der Maison relais um Widdem

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
Zweete Punkt op der Dagesuerdnung ass d’“participation financière” vum Staat bei der Konstruktioun vun der Maison relais. Dir hutt dat gelies, dass dat plaföneiert ass op 1.960.000 Euro, dass do zwou Konditiounen dra waren, dass mir d’Halschent vun de Suen an de Budget gesat hunn hutt dir och gesinn, als Recette extraordinaire wuelverstan. Dass mir eis verschiddene Konditioune mussen ënnerwäerfen schéngt mir logesch ze sinn mee fir mech perséinlech ass et eng gutt Saach, dass de Staat mat 50 Prozent an de Bau eraklëmmt well wann een dat an der Zukunft kuckt, wann de Staat der Gemeng Kayl net hëlleft bei der Maison relais, ass et ganz schwiereg dëse Service kennen ze leeschten. Bon déi eng Halschent hu mir an de Budget 2015 gesat, déi aner Halschent kennt an de Budget 2016. Wuertmeldungen dozou?

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
Dir hutt de Plafong ugeschwat, ech wollt froen ob dat de Plafong fir sämtlech Maisons relais’en an der Gemeng ass oder zielt dat just fir dëse Projet? Zu Téiteng sollt jo nach eng Maison relais gebaut ginn, besteet do d’Méiglechkeet fir en neie Subside oder hu mir dat dann alles mat dësem Plafong verschafft.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
Nee dass dat richteg verstan ass, des Konventioun bezitt sech ob déi Konstruktioun an zwar „rue de l’Hôtel de Ville“ dat ass die hei. Wann en neie Projet kennt, wann d’Regierung net an Teschenzäit un d’Subsiden flécke geet, dann bleift déi Prozedur och fir den nächste Projet.

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
Dat war menger Meenung no net kloer aus dem Text erauskomm.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
Wat kloer ass, mir hunn hei e Projet an d’Subventioun bezitt sech ob de Projet. Wa mir en neie Projet bréngen fänken d’Négociatiounen vu fir un. De Staat huet Budget fir bei e puer Maisons relais eranzeklammen am Land net nëmmen bei enger an enger Gemeng.

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
An der Konventioun stinn Maxima Chifferen dran, déi och am Budget virgesi sinn. Passen déi Chifferen nach an den aktuelle Budget den virgesinn ass, och TTC vu dass mir jo nach zwee Prozent bäikréien, respektiv ass et méiglech dass de Budget iwwerschratt gëtt, wësst dir dat schonn zur Zäit?

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
Op den Devis iwwerschratt ass mengt dir? Zu dësem Zäitpunkt wësse mir dat nach net. De facto, zu dem Montant wou d’TVA 2015 an d’Luucht geet d’Participatioun vum Staat erof, also geet theoretesch déi Subventioun erof. Dat heescht fir déi Aarbechten déi bis den Dezember 2014 an ab dem 1. Januar 2015 gemaach ginn.

Okay, ech mengen dat hei ass eng gutt Noriicht fir de Budget extraordinaire, déi di mat d’accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?

Merci fir de Vote.

**Eestëmmege vote**

## III. Office social – Budget 2015

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
Da komme mir bei de Budget vum Office social, dir hutt iech deen ugekuckt. De President vum Office social setzt hei an eise Réien a kann iech Ried an Äntwert stellen wann iech Froen ploen. Ech stelle just fest, wat

*vun dëser Plaz aus ze soen ass, dass d'Kontributiounen vun de Gemengen Käl a Rëmeleng, Käl bezillt 0,6 Prozent vum Defizit dat sinn 168.308 Euro dat ass dat allerwichtegst. Den Här Daubenfeld wäert eis och d'Situatioun vum Office social maachen, et gëtt ëmmer gesot mam „paradis fiscal sans le soleil", dass et iwwerhaapt esou eppes gëtt wei en Office social zu Lëtzebuerg, dat misst een e bëssen communiquéieren no baussen mee dat gleeft eigentlech keen. Här Daubenfeld, ech géif iech bieden e Statement zum Office social ze maachen.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Merci Här Buergermeeschter. Wann een net versteet firwat den Office social do ass dann deet et mir Leed, well och an engem räiche Land wei Lëtzebuerg hunn mir en Armutsrisiko vun 15 Prozent. Et ass ganz kloer, dass mir ëmmer méi Hëllefe brauchen, et ass och ee vun de Grënn firwat mir de Budget 2015 e bëssen eropgesat hunn, mir probéieren domat auszekommen mee dir wësst alleguer, dass dat net ëmmer méiglech ass, dat hängt och of vun de Spuermoossnahmen vun der Regierung a vun deem wat um Logements-Moart geschitt. Eppes steet fest, am Joer 2014 hu mir eng Punktlandung gemaach, well mir opgepasst hunn, dass mir dat Geld sënnvoll agesat hunn wann eppes war, well et ass jo net eist Geld mee de Bierger hiert Geld. Mir hunn also relativ gutt opgepasst. D'Opdeelung 60 - 40 ass d'Ofkommes wat mir mat Rëmeleng gemach hunn, vu dass mir méi grouss sinn ass et kloer, dass mir musse méi bezuelen.*
*Soss stinn ech gären zur Verfügung wann eng Fro ass iwwert de Budget, sot mir et da kucke mir dat zesummen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Här Daubenfeld. Wuertmeldungen zum Budget vum office social, wuel wëssend, dass mir hei net an der Positioun sinn fir Politik ze maachen mam Misère vun verschiddene Leit. Alles an der Réi? Okay dann géing ech de Budget vum Office social zum Vote stellen.*
*Déi di mat d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen.*
*Ass een dogéint, enthält een sech?*
*Merci fir de Vote.*

**Eestëmmege vote**

## IV. Gemengesyndikater – SICONA Aktiounsprogramm 2015

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Da komme mir zum Programm 2015 vum SICONA. Den Här Brücher huet eng Powerpoint Présentatioun preparéiert fir Iech ze weisen wat de SICONA dat nächst Joer well an eiser Gemeng schaffen.*

**Patrick Brücher (Schäffen, Déi gréng)**
*De Programm vum SICONA beleeft sech fir dat nächst Joer op en Total vun 128.686,35 Euro, dovu falen 76.000 Euro zu Laaschten vun der Gemeng, an 2000 Euro Kotisatioun sou dass mir e Gesamt Budget vun 93.000 Euro fir de SICONA dëst Joer am Budget ageschriwwen hunn.*

*Dir hutt den Aktiounsplang am Detail geschéckt kritt, ech ginn elo net op all Detail an, ech well awer déi zwee grouss Projeten ervirsträichen déi dëst Joer am Plang stinn. Dat ass engersäits den Aménagement vun enger Clôture bei der Puelbech, hei op der Kaart ass et gezeechent. Do soll iwwert déi ganz Längt eng nei Clôture entstoen fir d'Verschlammung vun der Puelbech, déi vun do laanscht de Fieschter bis an d'Näerzenger Wisen eraleeft, ze verhënneren. Dat ass eng wichteg Plaz wou och schonn virun e puer Joer e Flachweier aménagéiert gouf fir dem Kammmolch e weideren Liewensraum ze bidden. Fir dëse Projet sinn 18.034 Euro virgesinn.*

*En ähnleche Projet fanne mir bei der Schëfflenger Strooss wou och e Flachweier an eng nei Clôture an eng Gréngsträif soll aménagéiert ginn, an zwar beim Scheierbësch. Hei entsteet och e Flachgewässer fir de Kammmolch ze schützen an fir déi Populatiounen aus dem Norden an Süden vun der Collectrice zesummen ze feieren. De Projet ass opgeschlësselt ginn well en no verschidde Subsiden Reglementer funktionéiert. De Weier gëtt mat 70 Prozent vum Staat subventionéiert, den ass mat 21.000 Euro am Aktiounsplang verbucht. D'Clôture selwer gëtt mat 50 Prozent subsidiéiert an déi ass mat 3.024 Euro verbucht.*

*Dat sinn déi zwee wesentlech Projeten déi de SICONA, natierlech nieft der Entbuschung, dëst Joer well ëmsetzen.*

*Doriwwer eraus kommen natierlech Informatiounscampagnen an e klenge Projet fir d'Beien an d'Bommelen weiderhin ze schützen an déi Bevölkerungsgruppen nees e bëssen opzepäppelen, déi wei et bekannt ass, an deene leschte Joeren gelidden hunn.*

*Dann nach „Protection des espèces du milieu urbain" 3.084 Euro, dat sinn Mesuren fir Nischen an den ëffentleche Strukturen zu enger Heemecht fir Schmuebelen an Mauersegler ze maachen. Dat heescht et geet em den Entretien an den Ersatz vun de Vullenhaiserchер. Heizou musse mir soen, dass sech an der Schungfabrik eng Eil eng Heemecht um Späicher gemaach huet. Bei der Renovatioun vun der Schungfabrik musse mir nächst Joer oppassen déi Eil net zevill ze stéieren oder opzepassen, dass mir hiren Habitat net zerstéieren, do musse mir kucken wéi eng Mesurë mir huelen fir déi Eil net ze verdreiwen, well dat ass och eng seelen Zort déi do wunnt.*

*Wat am Aktiounsplang opfält am Verglach zum leschte Joer, den Dossier Öko Punkten ass ewechgefall. Do gëtt et am Januar eng Pressekonferenz vum SICONA. Ech kann awer soen, dass de Projet momentan op Äis geluecht ass well vun der virechter Regierung gewënscht war, dass d'Gemeng selwer Flächepoolbedreiwer ginn, fir eben déi Kompensatiounsmesuren duerchzeféieren. Déi aktuell Regierung ass domat net ganz d'accord a mengt, dass de Staat selwer misst den eenzegen Flächepoolbedreiwer sinn, sou dass d'Gemengen an dem Dossier keng Autonomie méi hätten. Soulaang déi Froen net endgülteg geklärt sinn gouf de Projet aus dem Aktiounsplang vum SICONA gestrach.*

*De Projet LIFE, iwwert den mir am leschte Gemengerot riets haten, och mat ronn 9.000 Euro verbucht.*

*Dat wären déi Haaptpunkten vun dem Aktiounsplang.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Här Brücher. Et ass ganz flott wann een dat hei gesäit wei dat am Scheierbesch ass. Dat ass also tëscht der Schëfflenger Strooss an der Eisebunn.*

*Eng Remarque zu dem virechte Slide, do si mir bëssen an d'Hannertreffe komm bei dem Projet am Puelbech. Do hu mir Négociatioune gefouert mat de Propriétairen vun deenen Terrainen. Mir hunn Expertise vun deenen Terrainen gemaach fir eventuell dat eent oder anert ze kafen, mee déi Propriétairen ware mat dem Präis, dat ass de Präis den d'Ackerland hei wäert ass, net d'accord, sou dass de SICONA sech dorëms bekëmmert en „contrat de location" ze maachen fir déi Clôture kennen z'installéieren. Domat hu mir e bëssen Zäit verluer, fir mech wär et och besser gewiescht mir wäre Propriétaire ginn, mee "droit de propriété" ass eppes wou ee keen kann zwéngen. Wuertmeldungen zu dëser Presentatioun? "Alles in Butter?"*

*De "plan d'action" vum SICONA géif ech dann zum Vote stellen. Déi di mat d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?*
*Merci fir de Vote. Wann de Budget dann hei eng Majoritéit fënnt kenne mir dat dann em- an duerchsetzen.*

**Eestëmmege vote**

## V. Budget – Presentatioun Budget rectifié 2014 a Budget 2015

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Verschidde Conseilleren héieren dat heiten elo scho fir d'Véiert, wat mir elo presentéieren. Mir hunn och hei eng Partie Powerpoint Présentatioune preparéiert fir dat ganzt e bëssen méi plastesch ze maachen. Wann ech dat richteg norechnen ass dat méin 28. Budget wou ech dobäi sinn, net wou ech ze veräntwerten hunn mee wou ech dobäi sinn. Ech mengen mir beschränken eis hei an der Présentatioun op dat wesentlecht. Ech hu gesot ech hu fir eng Stonn do sinn ech schonn emgerappt ginn, ech kucken, mir hunn d'Weisung erausginn fir 40 Minutten, ech kréien ob jidder Fall en Zeechen wann et ze laang gëtt. Et kann awer net sinn, dass et eng "discussion tronquée" gëtt, wat muss gesot ginn muss och hei gesot ginn, et muss en Equiliber fannen. Ech ka mech un Zäiten erënneren wou all Artikel presentéiert ginn ass, dat ass awer eng Übung déi net noutwenneg ass, soss missten se an der Chamber dräi Woche Congé huelen fir de Staatsbudget duerchzegoen, mir ginn hei op déi wesentlech Punkten an. Duerno presentéiert den Här Brücher och mat e puer Sliden d'Situatioun esou wei de Koalitiounspartner et gesäit, an de Schäffen Marcel Humbert zielt eis nach e puer Saachen iwwert séin Kompetenzberäich. Mir maachen also haut d'Présentatioun fäerdeg an da bleift de Méinden fir d'Debatten an fir de Vote.*

*Sou dat gesot, mir hunn am Juli 2014 de SIGI hei gehat déi eis Ausféierunge ginn hunn iwwert de „plan pluriannuel" an dat gesäit een, mir maachen hei an der Gemeng, ech soen dat mol sou, eng virsiichteg Finanzpolitik, dat ass och noutwenneg. Ech weess, dass d'Oppositioun déi Meenung net wäert deelen, ob jidder Fall si mir der Meenung, dass et eng virsiichteg Finanzpolitik ass, mir bestinn och dorop fir d'Kapazitéit an deene nächste Joeren déi komme wäerten, fir do nach e bësse Sputt ze hunn fir Investissementer ze maachen. Ech ginn hei op e puer Punkten an déi net esou agréabel sinn weder fir d'Kayler Gemeng nach fir déi aner Gemengen an déi mat der Landespolitik ze dinn hunn.*

*Ech géing soen dat hei wär en Consolidatiouns Budget. Éischtens well de Rectifié, vis à vis vun all deem wat mir iss virgeholl hunn elo vill besser do steet, well déi verschidde Chantercher déi an deene Joeren virdrun geplangt gi sinn elo ënnert dëser Koalitioun zur Exekutioun kommen, an dat geet natierlech un d'Substanz dat wäerte mir beim Budget extraordinaire gesinn.*

*Et si keng grouss Iwwerraschungen dran, déi grouss Projeten sinn invariabel an déi ginn och mat vill Suen dotéiert fir se virun ze dreiwen, et sinn eng Partie nei Projeten ugedeucht awer Projeten wou mir um Niveau vun der Initiative an der Planung wëllen driwwer diskutéieren, ech schwätzen do vun enger Maison relais zu Téiteng, déi absolut noutwenneg ass an wou mir och emol mussen ufänken ze plangen. De Faubourg ass e Projet de schonn ural ass awer dëst Joer soll zur Exekutioun kommen, dofir hu mir de Budget do gehéicht, dat ass awer mat Sécherheet keen absolut neie Projet.*
*Dir chronometréiert, Här Daubenfeld?*

| Budget 2015 | Chiffres clés | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | 2014 – initial* | | 2014 - rectifié | | 2015 - initial | |
| * montants arrêtés par le ministre | ordinaire | extra ordinaire | ordinaire | extra ordinaire | ordinaire | extra ordinaire |
| Total des recettes | 24.561.957,14 | 2.348.000,00 | 25.663.991,21 | 1.380.128,26 | 25.596.122,37 | 2.311.760,00 |
| Total des dépenses | 23.784.910,72 | 7.166.964,27 | 22.932.788,82 | 4.870.618,78 | 24.351.137,90 | 8.225.619,36 |
| Boni propre à l'exercice | 777.046,42 | | 2.731.202,39 | | 1.244.984,47 | |
| Mali propre à l'exercice | | 4.818.964,27 | | 3.490.490,52 | | 5.913.859,36 |
| Boni présumé fin 2013 | 4.859.411,74 | | 6.294.127,29 (boni du compte 2013) | | 5.534.839,16 (boni présumé 2014) | |
| Boni général | 5.636.458,1 | | 9.025.329,68 | | 6.779.823,63 | |
| **Transfert** | | + 4.818.964,27 | | 3.490.490,52 | | 5.913.859,3 |
| **Boni définitif** | **817.493,89** | | **5.534.839,1** | | **865.964,27** | |

Bon, dann hunn ech am Tageblatt gelies, dass de François Hoffmann geschriwwen huet, dass an all de Gemengeréit wou et em de Budget riets geet e grousst Lamentéieren amgaangen iwwert déi Grausamkeeten dei op d'Gemengen duerkommen, well et de Gemengen un de Speck geet. Do sinn awer Gemengen déi hu méi Speck wei déi aner, an mir gehéieren net zu deenen déi vill Speck hunn. Ech liesen einfach emol fir wat de SYVICOL dozou gesot huet: „Le gouvernement ne cesse d'ailleurs d'insister sur l'importance d'un travail en Partenariat", mat de Gemengen, "notamment afin de soutenir l'Etat dans l'appel d'objectifs nationaux prioritaires". Op Lëtzebuergesch, beim Logement do léisst de "plan sectoriel" gréissen; "encadrement des enfants", hei schwätze mir vun der Maison relais an de Schoulen, " services de secours", och do gëtt et eng Partie Saachen dozou. „Comment peut-on s'attendent à ce que les communes fassent des efforts notamment financiers supplémentaires alors que leur marge de manoeuvre budgétaire ne cesse de se rétrécir. Le risque réel que les communes ne soient simplement pas en mesure de prendre de nouvels engagements et de lancer des projets ambitieux à la hauteur des ambitions ministérielles".

Dat passt, de SYVICOL ass d'Vertriedung vu sämtleche Gemengen am Land an de SYVICOL ass am Role fir ze soen, dass de Package den d'Gemeng kritt manner ass, a wann dann de ProSud, fir en net ze nennen, sech dene Propositioune ralliéiert, do ass ënnert anerem dran de „plafonnement des recettes de l'impôt commercial", also den Zukunftspak, den eis Gemeng direkt net betrefft, dofir fannen ech de Ralliement ouni Discernement e bëssen droleg, well mir hunn hei am Süden deelweis Gemengen déi dovun net betraff sinn, an dofir ass et och mengen ech ganz wichteg, dass mir dat hei soen, mir si keng vun deenen Gemengen, mir sinn eng vun deene Gemengen déi d'Schlussliicht ass vun den Zouwennungen vum Pappa Staat a mir mussen den Intérêt unn eis spezifesch Situatioun duerzeleeën an eis net allgemeng solidaresch ze weisen mat Gemengen, déi net fir näischt de Speckgürtel vun der Stad Lëtzebuerg genannt ginn an d'Stad Lëtzebuerg selwer. Et muss een dat kloer an däitlech soen, mir hunn eng aner Situatioun an eng aner Meenung.

Dann och en neie Moment, eis Pompjeeën ware virstelleg ginn fir neit Material ze kafen, do ass an enger Circulaire vum November vum Inneminister geschriwwe ginn, dass sämtlech Subsiden fir Vehikelen an Équipementer gestrach sinn bis den "avant-projet de loi portant organisation des services de secours" duerch ass, an dass an der Teschenzäit kee Subside accordéiert gëtt. Interessante Saz hei: „Les modalités d'un éventuel transfert de propriété, respectivement la mise à disposition des locaux et des équipements appartenant actuellement aux communes, respectivement à l'Etat constituent un élément important de ce projet de loi". Wann ech dat dann richteg interpretéieren ass geplangt eng Partie Équipementer an Infrastrukturen vun de Gemengen ofzekafen, wat dat soll ginn dat steet an de Stären, do stinn nach gréisser Négociatiounen an d'Haus.

Fir bei de Pompjeeën ze bleiwen, dat hutt dir am Budgetsprojet gesinn, dass de Staat eng aner Norm vu Funkapparater virgëtt an mir mussen dann esou vill an de Budget setzen well eise Service de secours brauch en anert Équipement, an mir als Gemenge kennen nees bezuelen, quitte dass dat herno nees ka bezuschusst ginn. Méiglecherweis geet et net aneschters mee ech muss soen ech fannen et net besonneg gutt, dass dat iwwert de Wee vun enger Note kennt, "setzt wann ech gelift Suen an de Budget, well mär hunn décidéiert en aneren System anzeféieren". Sou dat als Remarque.



Här Daubenfeld sinn ech nach an den Délaien?

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
Et fänkt u kuerz ze ginn.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
Bon, d'"chiffres clés" sinn hei affichéiert. Wou mir mussen oppassen, an dat huet d'Finanzkommissioun mengen ech net richteg analyséiert, de "boni définitif" am Budget initial war mat 817.000 Euro veranschlagt, dat sinn der wierklech net vill. Wa mir awer de Boni vum Compte mathuelen gesäit dat ganz anescht aus, wëssend dass d'"capacité d'autofinancement" sech zesumme setzt aus den "recettes ordinaires" minus "dépenses ordinaires" plus dat wat fortgeschriwwe gëtt vu Boni, respektiv vu Mali.

An dësem Fall rett dat eis, dass mir dësen Transfert kenne maachen, den net esou dramatesch ass wei déi Chifferen dat soen. D'Differenz tëscht de Recetten an den Dépensen ass absolut wichteg, d'Evolutioun vun den Dépensen ass relativ hefteg, dat geet am ordinaire vun 23,7 Milliounen op 22,9 Milliounen zeréck an da steigen se an dësem Budget op 24,3 Milliounen.

D'Differenz bei den Dépensen dat sinn 1,4 Milliounen an ech mengen et ass evident, dass een sech muss d'Fro stellen wei et méiglech ass, dass déi Dépensen esou an d'Luucht schnellen. Ech hunn eng Hitparade gemaacht vun deene Konten déi am meeschten variéieren, dat sinn d'Traitementer vun Fonctionnairen, Salariéen an Ouvrieren, dat ass eng Hitparade wou e gesäit, dass déi déckste Chifferen mat de Paien ze dinn hunn. Da kommen der nach zwee déi ganz fir bäi sinn, dat ass "participation aux frais d'exploitation" vum recyclage Park, déi schnellen em 70.000 Euro an d'Luucht tëscht dem Rectifié an dem Budget 2015, dat ass vill. An dann "participation aux frais d'exploitation" vum SICOSPORT ginn em 69.000 Euro an d'Luucht. Just fir déi ze nennen, et gëtt ganz konkret Erklärungen wou d'Dépensen am Budget ordinaire aus dem Rudder lafen an dat huet ganz vill mat Paien ze dinn, mat "dépenses quasiment incompressibles". Wann ech de Recyclage an de Sicosport uschwätzen, do hu mir als Gemeng direkt keen Impakt, mir hunn en indirekten Impakt dat ass kloer, awer d'Syndikater hunn en Eegeliewen wat hei kloer ze gesinn ass.

Den nächsten Slide, Madame Braconnier.

Do komme mir bei d'"dette communale". De Stand am Dezember 2014 ass, dass mir keen Emprunt brauchen ze maachen am Joer 2015, dat heescht, dass déi Charge déi mir als Gemeng hunn fir déi Empruntenzeréckbezuelen erof geet, wat ganz ganz wichteg ass mee et muss een ëmmer en Bléck op d'Differenz tëscht de Recetten an den Dépensen halen, fir ze kucken wéivill Sputt nach dran ass par rapport zu engem neien Emprunt. Déi vill Projeten déi mir hunn fir eisen Bierger eng gewëssen Liewensqualitéit z' assuréieren, fir déi z'erreechen. Dat ass net fir d'nächst Joer, och net fir d'iwwernächst, déi kommen op eis duer an et muss een en Aen drop halen dass déi Capacitéit fir en Emprunt ze touchéieren garantéiert ass. Dofir ass d'Evolutioun vun den ordinairen Dépensen schonn alarmant, virun allem well et Saache sinn déi net volontaristevh beaflossbar sinn, net um Niveau vum Schäfferot an och net vum Gemengerot. Ech erënneren drun dass déi zwee lescht Empruntendéi mir touchéiert hunn, dat war den 16. Mee 2012 1.750.000 Euro an den 8. Juli 2011 1 Millioun, wat bedingt, dass d'Situatioun vun der Dette am Joer 2012 an d'Luucht geet, mee vun dem Moment un kontinuéierlech zeréck geet, wa mir och nach eng Belaaschtung hätten bei dësem Compte wär dat net gutt fir eise Budget.

Um nächste Slide gesidd dir d'Evolutioun vun der Dette, d'Ventilatioun vun der Dette op de Bierger. Déi sinn all Kéiers ventiléiert op d'Situatioun vun der Populatioun, op den Dag wou déi Statistik gemach ass. Den 31. Dezember 2013 hate mir eng pro Kapp Verscholdung vun 1.940 Euro an déi geet op den 31. Dezember 2015 op eng pro Kapp Verscholdung vun 1.532 Euro erof. Dat ass e Wäert wou een politesch ganz vill driwwer ka streiden, op dat vill oder wéineg ass, ech mengen et hätt een natierlech léiwer et wär null, dass mir iwwerhaapt keng Dette hätten , mee leider Gottes ass dat mengen ech iwwert déi lescht Jorzéngten Praxis gewiescht an d'Gemeng Kayl huet eppes misste bauen am Intérêt vun hire Bierger dann ass et de "recours à l'emprunt" de war unabdingbar an dat wäert och esou bleiwen, esou wei d'Situatioun elo ausgesäit.

Den nächsten Slide wann ech gelift, Madame Braconnier.

Da kommen, den Här Hoffmann géif elo hei lamentéieren, ech probéieren et hei nüchtern virzestellen wat op eis duerkënnt am Joer 2015, dat heescht de berühmten Zukunftspak. Dat ass éischtens emol d'Suppressioun vun der Participatioun vum Staat un de Biennalen an Majoratiounen vun de Fonctionnairen. Do huet de Staat ëmmer eng Lescht kritt an huet déi Majoratiounen an Biennalen rembourséiert un d'Gemeng, do ginn eis 165.000 Euro pro Exercice duerch d'Lappen.

Dann d'"Alimentatioun du Fonds communal de dotation financière", dir wësst, dass déi Recette ufänkt opzehalen, e vun de Moyen fir dat ze kompenséieren ass d'Augmentatioun vun der TVA. Eisen Deel an dem Ganzen ass 1,25 Prozent, vun der TVA op de "Commerce électronique", dat sinn 70 Milliounen, do kréie mir 875.000 Euro manner.

Dann hu mir och den ordinaire gekuckt „non prise en compte de la hausse de la TVA de 2 pourcent dans le fonds communal de dotation financière", do si mir och mat enger Part vun 1,25 Prozent dobäi, an dat sinn 25 Milliounen déi mir net kréien, déi mir op der anerer Säit awer ausginn mussen, dat gesinn mir hannendrun, dat sinn 312.500 Euro déi mir einfach net kréien, déi net an de Fonds communal verséiert ginn.

Op 25 Prozent vum ordinaire Budget, well d'Halschent, dat wäerte mir gesinn, sinn d'Paien, do ass jo glécklecherweis keng TVA drop, mee 25 Prozent vum Budget si Saache wou mir vu baussen ukafe ginn an déi dann 2 Prozent méi deier ginn, an déi 5 Milliounen vum Budget ordinaire si sécher vu 15 op 17 Prozent erop. Sou dass do e "manque à gagner" kennt vun 220.000 Euro wou mir méi mussen ewechginn am Joer 2015 fir d'Gemeng um rullen ze halen.

Eng "décision politique", "fonds pour dépenses communales", d'Differenz hei kréie mir dann esou lakonesch matgedeelt, mir kréie gesot setzt 5.000 Euro an fir den Exercice 2014, an da kréie mir eng Note, et kascht der awer 18.000, dat mécht eng Differenz vun 13.000. An elo an der leschter Note steet dass déi Dépense op 60.000 Euro eropgeet. Dat ass eng "décision politique" an dat ass ganz happeg. Do gëtt einfach gesot: Jongen a Meedercher, är Kotisatiounen sinn esou vill, bezuelt dat a fäerdeg. Do ass de "congé politique" dran, d'"Jetone" vun de Walen, eng Partie Saachen déi do verrechent ginn an mir als Gemeng kréien dat a Rechnung gestallt.

Den "accord salarial" ass an d'Zukunft gekuckt well deen ass nach net gestemmt mee dat wäert awer kommen, dat wäert eis ongeféier 30.000 Euro kaschten. Bei der ugespaantener Situatioun déi mir um ordinaire Budget hunn, 1,7 Milliounen manner ass e Pak Geld an déi Perspektiven déi mir iwwert de Pluriannuel développéiert hunn, do ass dat eng ganz schlecht Nouvelle fir eis Gemeng. An anere Gemengen ass de Plafonnement op dräimol d'Cotisatioun vum ICC eng schlecht Noriicht, fir déi di vill ICC kritt hunn, mee eis stéiert dat net, mir hoffe just, dass di Suen déi do net verdeelt ginn iwwert e Verdeelerschlessel méi an déi Gemenge kommen déi wäit vun dem Plafong do ewech sinn.
Här Daubenfeld, dir kuckt ellen, mee d'Hoffnung ass e wichtege Prinzip.

Den nächste Slide.

| Budget 2015 | Répercussion financière de certaines évolutions et décisions sur le budget |
|---|---|
| **"Zukunftspaak" et Budget de l'Etat** | |
| - Suppression de la participation de l'Etat aux majorations biennales | 165.000 |
| - Alimentation en moins du FCDF – tva sur commerce électronique - part de la commune de Kayl 1,25% (moyenne 2010-2014) de 70 mio | 875.000 |
| - Non prise en compte de la hausse de la tva de 2% dans le FCDF (1,25% de 25 mio) | 312.500 |
| - Hausse de la tva sur +- 25% du budget ordinaire et sur +-5 mio du budget extraordinaire | 220.000 |
| **Décision politique** | |
| - Fonds pour dépenses communales ( congé politique, élections..) | 13.000 |
| **Accord salarial** | |
| - Hausse des salaires et traitements suite aux accords salariaux | 135.000 |
| **Total : recettes en moins et dépenses en plus** | 1 720 500 |

Do gesidd dir wat ech ugedeit hunn, d'Forschette gëtt zesummen an zwar op eng dramatesch Manéier, wann een dat graphesch duerstellt. Mee op der anerer Säit muss een dat och kucken en vue vum Budget 2014 an dem Rectifié 2014, wat do stattfonnt huet, do gesitt dir, dass de Budget 2013 an de Rectifié eropgeet bei de Recetten em 1,1 Milliounen.



Do hunn ech probéiert erauszefannen wou déi Suen sech verstoppen, de Slide, Madame Braconnier hutt dir deen?

Jo, déi 1,1 Milliounen Recetten sinn 150.00 Euro Biennalen déi mir bäi kritt hunn, 76.000 méi iwwert den "Impôt foncier" kritt, dat ass de grousse Bäitrag vun der lëtzebuerger Post, den "Impôt commercial" ass em 170.000 Euro an d'Luucht gaangen, d'Dotatioun ass em 60.000 Euro erofgaangen, dat ass also de Budget originaire 2014 par rapport zum Rectifié.

De Remboursement vun Traitements hu mir 57.000 Euro méi kritt, "Part de l'Etat dans les maisons relais" ass em 100.000 Euro an d'Luucht gaangen, dat sinn „bonnes nouvelles", mir hunn 36.000 Euro Dividenden vu Sudgaz kritt. Kanaltaxen hu mir 30.000 Euro a Baugenehmegunge 40.000 Euro méi kritt wei dat wat am Budget virgesinn war. Dann "Enregistrement du personnel de l'école fondamentale", do ass en Décompte komm, 100.000 Euro méi, sou dass dat ronn 830.000 Euro mécht. Dat erkläert firwat tëscht dem Budget an dem Rectifié eng Differenz ass, wat wierklech gutt ass well mir soss Problemer hätten fir de Budget ze votéieren.

Voilà hei gesitt dir d'Recetten. Do gesitt dir wei ofhängeg mir als Gemeng vum Pappa Staat sinn: 21,1 Milliounen kommen vum Staat, géint 4,4 Milliounen déi eege Recetten sinn. Dat ass eng Ofhängegkeet déi net vun der Hand ze weisen ass. Hei gesitt dir wei d'"Recettes prinicpales de la part de l'Etat" sech zesumme setzen. D'Dotatioun geet liicht an d'Luucht, wuel wëssend, dass an der "circulaire budgétaire" ëmmer de Compte geholl gëtt, dat ass de "point d'ancrage" op deen ee soll rechnen wei d'Evolutioun ass mat dene Virgaben déi mir vum Ministère kréien, do gesitt dir och, dass den "Impôt commercial" abrecht am Rectifié par rapport zum Compte 2013, an dass en awer eppes klenges iwwert den Niveau vum Compte 2013 am Budget initial vun 2015 affichéiert.

Da kommen d'Subventiounen fir „promouvoir l'emploi" dat ass ganz kloer: dat si Remboursementer. D'Gemeng muss eppes ginn, fir dass se eppes erëmkritt. Idem fir d'Maison relais. Och wann d'Cotisatioun fir d'Maison relais mat 1,5 Milliounen agesat ginn ass, ass et kloer, dass mir do fir d'éischt musse Suen ewech ginn fir an de Genoss vun dëse Suen ze kommen. Idem „indemnité pécuniaire de maladie" dat si lauter Remboursementer.

Den nächste Slide ass "Recettes propres", déi Haptrecetten déi mir als Gemeng hunn. Participatioun vun den Elteren hu mir gläich gelooss mam Rectifié: 170.000 Euro, wat d'Eltere bäidroen bei de Frais'e vun der Maison relais. Taxereglement fir Baugenehmegungen dat schléit richteg an d'Geld. Huelt déi 600.000 Euro aus dem Budget eraus da gesitt dir, dass mir eigentlech Problemer kréien fir eis Ausgaben am Ordinaire op ze kréien, dat mécht e ganze Pak aus. Ech hunn elo Baugenehmegungen ënnerschriwwen, et sinn eng Partie Residenzen ënnert anerem an der Cité Helbertsbam, do ass de Multiplicateur vun der Taxe déi mir bezeien Geld wat mir wierklech brauchen, och fir aner Infrastrukturen ze bauen, dat ass eng gutt Initiative, dass mir déi geholl hunn. Aner Gemengen hunn se ofgefouert, déi schéngen awer dann eng aner finanziell Situatioun ze hunn wei mir.

Dann d'Gestioun vun den Déchets, do ginn déi "escomptéiert Recetten" op 1.250.000 Euro an d'Luucht, dat ass de Plang iwwert den mir nach mussen diskutéieren.

Dëst sinn natierlech nëmmen déi Chifferen déi mir am Budget fannen, do si keng Amortissements dran. Déi "passe d'armes" hate mir jo hei wou mir de Waasserpräis hu misste fest leeën, "pollueur-payeur", an esou eng ähnlech Diskussioun steet eis och bevir wat d'Gestioun vun dem Offall ubetrëfft.

Den "Impôt foncier" ass em 76.000 Euro an d'Luucht gaangen, do ass eng Note marginale vun der Madame Braconnier, do si Suen no bezuelt ginn, déi gonfléieren den "Impôt foncier", de fällt awer nees an en normalen Rhythmus am Joer 2015.

Beim Verlounen vun Terrainen vun der Gemeng hu mir 47.000 Euro, da komme mir op den Total vu ronn véier Milliounen Recetten vun eisen eegenen Taxen.

Aussergewéinlech Dépensen: d'Masse salariale sinn 12,4 Milliounen, mir gesinn an dem Silde dono wéivill Prozent dat vum Budget mécht. Den Enseignement schléit mat 3,6 Milliounen zu Buch. D'Maison relais, dat ass e Posten wou eng Differenz entsteet, do kréie mir zwar Suen vum Staat rembourséiert mee et ass awer eng "Dépense supplémentaire" fir d'Gemeng, dat ass ganz kloer, et ass eng Belaaschtung déi et virdrun net ginn ass. Ier et Maisons relais gi sinn hate mir des Ausgaben net an dofir versteet een och déi Remarque vum SYVICOL, dass se soen de Staat hätt gären en Partenariat an d'Gemengen iwwerhuelen verschidden Aufgaben, e leet och bäi, mee verschidde Gemengen verkraften den Iwwerhang awer besser wei eng Gemeng Kayl déi mat zu de Schlussliichter vun den Zouwennungen vum Staat gehéiert, dat muss e kloer an däitlech hei soen, ouni ze lamentéieren, Här Hoffmann.

D'Gestioun vun den Déchets kascht ronn eng Millioun. D'"Eaux usées" 677.000 Euro, wann een dat géing iwwert d'Recette leeën géing e mengen mir géingen e Bénéfice maachen mee wann een den Amortissement dobäi rechent ass dat net de Fall. Finalement de Verkaf vum Waasser ma 585.000 Euro.

*Hei ass e wichtegen Tableau. D'Situatioun huet sech, wat d'"Masse salariale" betrefft, de Ratio liicht geännert. Vis à vis vum initiale Budget bleiwe mir bei enger "Masse salariale" nette vun 49,04 Prozent. Bei der Demonstratioun déi de SIGI am Summer gemach huet, hu si eng "Masse salariale" vu 54 Prozent dégagéiert, dat entsprécht wei dir gesitt de Ratio tëscht der "masse salariale brutte" an de Salairen am Budget originaire 2014, dat war 54 Prozent. Ofginn natierlech déi verschidde Remboursementer déi mir kréien, sou dass mir liicht ënner 50 Prozent sinn, dat ass nach ëmmer héich, doriwwer kann ee ganz vill diskutéieren mee ouni eng Verwaltung an en Atelier an de Leit an der Maison relais schafft een awer mengen ech näischt als Gemeng, an ech weess och direkt net wei een déi Masse kéint anescht an de Grëff kréien wei duerch en "numerus clausus", den par ailleurs souwisou décidéiert ginn ass, dass mir keng nei Poste schafen sou wäit dat iwwerbreckbar ass, oder nëmme géinge schafe wann et absolut noutwenneg ass an do bleiwe mir bei der Politik. De Ratio dierf op kee Fall an dene nächste Joeren nach an d'Luucht goen.*

*Voilà dat gesot, Merci Madame Braconnier, do ass dann den Detail wou déi 12 Milliounen hi ginn. D'"salariés à tâche manuelle", den Atelier ass mat fënnef Milliounen den déckste Brocken, d'Fonctionnairen sinn 3,2 Milliounen, "Salariés à tâche intellectuelle" an d'Maisons relais sinn do dran. Dann eis Participatioun un der "Rémunération du personnel enseignant" dat sinn och ëmmer 2,5 Milliounen dat ass och vill Holz. Bëscharbeschter 50.000 Euro, Garde-forestier lee mir 20.000 Euro bäi. Da si mir op deenen 12 Milliounen.*
*D'ordinaire Dépensen am Enseignement, do kréie mir genee 85.000 Euro ran a mir ginn der 3,6 of. D'Participatioun vun der Gemeng ass do 3,6 Milliounen Euro, dir gesitt dat ass e Riesenposten.*

*D'"Participation communale" vun der Maison relais 2013 am Compte waren dat 190.000 Euro, déi ginn am Rectifié op eppes klénges iwwer eng hallef Milliioun erop, an dann steigt dat op 650.000 Euro. 658.000 Euro hunn oder net hunn ass natierlech eng Fro. D'Existenz an d'Noutwennegkeet vun der Maison relais ass natierlech net a Fro gestallt, mee et bleift awer dass den Incentive dee komm ass an deen zum Deel op de Schëlleren vun der Gemeng hänke bleift bei verschiddene Gemengen méi wei deet wei bei aneren.*

*Den "Taux de couverture" vun de Recetten par rapport zu den Dépensen ass nëmmen kleng, bliwwen ronn 56.000 Euro zu Laaschten vun der Gemeng Kayl.*

*Komme mir bei d'"Gestion des déchets", ech huelen un, dass dat zu gréisseren Diskussioune e Méinde wäert féieren. Dat huet och bei eis an de Fraktiounen zu Riesendiskussiounen gefouert. Fait ass, dass et séit 2012 e Gesetz gëtt, do kommen eng Partie Obligatiounen op d'Gemengen dur. Ënnert anerem, mol nees erëm de Pollueur-payeur. Mir hunn als Schäfferot e Groupe de travail agesat, d'Madame Jessica Rommes ass Chef vun deem Groupe de travail, de sech am Laf vum Joer 2014 Gedanke gemach huet wei een dat dote kann a Musek ëmsetzen. Mir hunn eis op e Reglement baséiert wat autoriséiert ginn ass, wat ganz wichteg ass well et ass net fir d'Rad hei nei z'erfannen. Dir wësst wéi et och beim Waasser ass, wann een e Modell huet wat den Aval vum Ministère de l'intérieur huet dann huet een all Intérêt, et muss en net genau dat selwecht maachen, mee et soll een sech e bëssen dem Modell uschléissen, dat hu mir analyséiert. Aus der Analyse ass erauskomm, dass wa mir e Reglement wëlle maachen wat konform zur Legislatioun ass, mir mussen déi Législatioun ëmsetzen, mir si schonn iwwert den Termin, awer dat nächst Joer musse mir eis mat der Saach befaassen. Dat war och d'Konklusioun déi mir an de Fraktioune gezunn hunn, wa mir keng Suen an de Budget extraordinaire setzen fir dat néidegt Material ze kafen fir dat Reglement ëmzesetzen da maache mir nächst Joer och kee Reglement, dofir gesinn mir déi Suen am Budget vun 2015 fir, dat sinn 360.000 Euro. Ech weess dat ass vill Holz fir Dreckseemeren ze kafen, op gutt Lëtzebuergesch, mee déi ginn méiglecherweis och net all gebraucht well et hängt och vum Agencement of vun dem Reglement, mee op jidder Fall wa mir eis kee Kredit asetzen, dat do ass elo eng Ventilatioun die proposéiert ginn ass vun dem Groupe de travail. Mir hoffen natierlech, dass mir déi Suen net alleguer brauchen, well de Volume, fir 360.000 Euro Dreckskëschten do gesäit een eisen Gemengenatelier net méi wann mir déi all opriichten. Weider Debatten e Méinden wäerte weider an den Detail agoen wat fir de Moment envisagéiert ass. Ech betounen dat, et ass emol nach net "à l'état de projet de règlement", et ass einfach eppes wourop mir eis emol baséieren, awer wann do Froe sinn vun ärer Säit sinn ech gär bereet fir déi ze beäntweren.*

| Budget 2015 | Dépenses ordinaires – Maison Relais | | |
|---|---|---|---|
| | 2013 – compte | 2014 - rectifié | 2015 - initial |
| Total dépenses | 1.952.340,61 | 2.150.370,83 | 2.333.020,78 |
| Total recettes | 1.761.778,73 | 1.625.000,00 | 1.675.000,00 |
| Participation communale | 190.561,88 | 525.370,83 | 658.020,78 |
| Taux de couverture | 90,2 % | 75,6% | 71,8% |

*"Gestion des eaux usées", gesäit aus wei wa mir en decke Boni géife maachen, et ass awer net de Fall. Och d'Leit aus der Finanzkommissioun „se laissent induire en erreur", do ass keen Amortissement dran, mir maache kee Boni, déi Rechnung ass vill méi komplex wei dat doten, dat hu mir gesinn wei de Waasserpräis fest geluecht ginn ass, de Meter Leitung, d'Infrastrukturen vum Waasserbaseng, an, an, an fléissen an déi Berechnung dran an dat ass net dat wat mir hei erëm fannen. Dëst sinn nëmmen déi plakeg Chifferen Recetten an Dépensen vun der Fakturatioun vum Waasser a vum Akaf vum Waasser.*

*"Etude générale du réseau d'assainissement", 129.000 Euro, de Kontrakt de kennt mat Schroeder & associés. Mir si gehalen e Plang iwwert eise "Réseau d'assainissement" ze maachen. Dat gesi mir fir am Joer 2015. Och fir eng Revisioun vum Waasserbaseng gesi mir 28.000 Euro fir.*

*An der rue Notre-Dame, ech gräifen der Fro fir déi mat Sécherheet e Méinden wäert kommen, firwat dat an der rue Notre-Dame an an der rue de la Chapelle net viru geet, do ass d'Äntwert elo ganz einfach. D'Post huet de Lead an wann déi ufänken opzerappen maache mir mat fir eis Infrastrukturen nei ze maachen an der Strooss, déi Waasserleitung wäert unnähernd honnert Joer, déi wäert op alle Fall ersat ginn, dofir steet de Credit nach ëmmer zur Verfügung fir d'nächst Joer. Mir waarden op e Signal vun der Post wéini si ufänken mat rappen.*

*Dann d'Recettes extraordinaires. 2013 hate mir do ganz wéineg. Ech well der Madame Braconnier an der Madame Rommes en häerzleche Merci soen well si beméien sech vill méi wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war fir iwweralll, wou eppes dran ass, déi néideg Prozeduren anzeleeden fir Subsiden ze kréien, an dat ass ganz wichteg ewell. Mir stelle fest, dass wann een als Gemeng dat net maîtriséiert een relativ alleng do steet, well 1,3 Milliounen déi mir am Budget 2014 touchéiert hunn déi retten awer relativ vill. An 1,38 Millionen am Budget rectifié, ech betounen nach emol, do sinn déi 1 Milliioun 150.000 Euro dran déi mir fir de "bassin d'orage" kritt hunn. Och do hate mir versprach kritt, no dem grousse Sträit wou nach Konditiounen hannendru gesat goufen, déi menger Meenung net „à l'état originaire" do waren, de Pappa Staat huet gesot déi 1.150.000 kritt dir awer eréicht wann d'Waassergaass gemach ass. Dat ass eppes wat mech perséinlech schrecklech iergert well fir mech gelt nach ëmmer de Prinzip "pacta sunt servanda" wat ausgemaach ass soll agehal ginn an dofir waren eng Partie Dossieren blockéiert wat den "assainissement d'eau" betrefft. Déi staatlech Stellen hunn awer gesot wann de Bagger rullt an der Waassergaass kritt dir äre Subside "intégralement" vun 1.150.000 Euro, mir si ganz frou doriwwer. An dem Montant sinn och nach aner kleng Recetten dobäi, mee wei gesot am Rectifié spillen déi 1.150.000 Euro e grousse Rôle.*

*Dann huet d'Madame Braconnier fir de Budget vun 2015 déi 2.311.000 Euro opgeschlësselt fir ze weisen wat mir eis do erwaarden.*

*Dat ass emol de Subside, de mir virdrun undiskutéiert hunn, déi Konventioun déi mir mam Pappa Staat hunn fir d'Konstruktioun fir d'Maison relais um Widdem, de Subside hu mir ageschriwwen fir d'Joer 2015 an och fir d'Joer 2016.*

*Dann eng Reprise um „fonds de réserve Pacte logement" vun 1 Milliioun, setzen mir an fir de Budget ze équilibréieren an der Hoffnung, dass mir se net mussen touchéieren.*

*D'Subventioun vum Staat vum Reaménagement vun der Märei dat sinn 153.384 Euro. Och do si mir elo amgaang d'Biergeramt anzeriichten an de Subside ass natierlech ganz wëllkomm.*

*Dann finalement de Subside vum Ministère de la culture fir d'Zuchtanlag vum Cercle avicole vu Kayl mat 108.000 Euro, dat sinn dann déi 2.311.000 Euro déi mir an de Recettes extraordinaires hunn.*

*Bei den Dépenses extraodinaires hunn mir eng Remarque un d'Adress vun eiser Finanzkommissioun. Den Här Krings huet mir viru Joeren emol virgehal, dass e soll d'Basen am Bléck behalen, dass e soll d'Basen beieneen leeën déi beieneen passen. Si hunn sech schrecklech driwwer gefreet, dass eis Ausgaben vun 4,8 Milliounen op 8,2 Milliounen an d'Luucht ginn. Schrecklech hunn se sech doriwwer gefreet. Leider ass et awer elo sou, dass mir am Budget extraordinaire Dépensen virgesinn haten vun 7,2 Milliounen Euro. Dat ass ganz einfach*

| Budget 2015 | Nouveaux projets |
|---|---|
| Acquisition de détecteurs de fuite | 20'000.00 |
| Acquisition central téléphonique | 80'000.00 |
| Acquisition de matériel service jardinage | 14'000.00 |
| Remplacement de deux camionnettes | 55'000.00 |
| Borne électrique | 20'000.00 |
| Système d'accès avec puces | 65'000.00 |
| Réaménagement extérieur Widdem | 150'000.00 |
| Programme d'installation abris de bus | 60'000.00 |
| Rénovation bâtiments communaux | 150'000.00 |
| Etudes hydrogéologique des sources rue de l'eau | 13'000.00 |
| Système de monotoring | 10'000.00 |
| Acquisition de poubelles - nouveau règlement des déchets | 360'000.00 |
| Enregistrement électronique des dossiers du Biergercenter | 15'000.00 |
| Evacuation des eaux superficielles rue de Tétange à Kayl | 50'000.00 |
| Acquisitions diverses pour les écoles | 40'000.00 |

*duerch de Fait dass déi Dépensen net alleguer getätegt gi sinn, dass mir hei awer 4,8 Milliounen investéieren, dat sinn 68 Prozent "réalisés". Ech weess och, dass vu Säiten vun der Oppositioun ëmmer erëm monéiert gëtt, dass de Budget onrealistesch ass well dat net alles ausgefouert gëtt wat am Extraordinaire steet. Ech sinn och ganz frou dodriwwer, dass mir dat net alles ausféieren, well wa mir et géingen ausféieren géing déi finanziell Situatioun vun der Gemeng sech dramatesch zum Schlechten wenden.*

*Eppes steet fest. Mir hunn en "temps de préparation" fir d'Dossieren an dann en „temps de réalisation". Dir gesitt um Compte 2013 dat sinn 2,4 Milliounen an um Compte 2014 quasi dat duebelt verplangt fir ze bauen, an do gesi mir och am Detail wou déi Suen hi sinn. Wann den „temps de préparation" eriwwer ass dann zitt dat wierklech um Compteur. Knapps fënnef Milliounen an engem Exercice investéieren dat sinn der ganz vill Suen, a mir si frou, dass déi investéiert ginn well se si schliisslech am Interesse vum Bierger. Ech soen et och elo schonn, mir wäerten déi 8,2 Milliounen net alleguerten ëmsetzen, awer dass déi Suen déi virgesi sinn Preparative sinn net nëmmen fir de Budget 2015 mee och fir déi Exercicen dono. Wann näischt am Budget steet kann een och ganz schwéier Preparative maachen. Ech soen awer och, wa mir den Detail kucken, dass déi Projeten déi en Cours sinn ganz staark un de Finanzen zeien.*

*Hei sinn déi nei Projeten ... ech hunn awer iergendwou eng Hitparade, gitt emol an den nächste Slide Madame Braconnier. Mir hunn hei eng Hitparade gemach an dat erkläert quasi schonn alles wat am Extraordinaire ze soen ass, mat Ausnam vun deenen neien Projeten ob déi mir zeréck kommen.*

*Also, d'Maison relais um Widdem 1,2 Milliounen, mir hunn och de Choix net, de Chantier ass bestallt an amgaang ze rullen, dat ass den éischten an der Hitparade do fléissen déi meeschte Suen dran.*

*Den zweeten ass en Infrastruktur Projet, dat ass d'Waassergaass, wou no laange Studien an Diskussiounen endlech leeft. Mir hunn de Budget vun 2014 net ganz opgebraucht, mir setzen 1 Millioun an fir an der Waassergaass virun ze bauen.*

*Dann ex aequo, drëtte Projet, d'Faubourgschoul. Den hu mir mat 1 Millioun dotéiert. De Projet hängt nach un enger Informatioun, dat soen ech hei ganz däitlech. De Projet ass quasi sprochräif mee en hängt un der Konsistenz vum Terrain virun der Sportshal zu Kayl wou nach muss en Avis kommen. Mir waren der Meenung, well de Sicosport do wollt eng Schwämm baue loossen, dass dat alles scho studéiert wär, dofir hu mir och den Délai kritt. Mir loosse jo net eppes zweemol studéieren, mee do hu mir festgestallt, dass déi Études guer net zueneen passen dofir hu mir do Zäit verluer, mee wann d'gréng Luucht elo kennt, sinn ech der Meenung, dass an enger nächster Sitzung de Projet Faubourg ob d'Tapéit kennt.*

*Dann hu mir 800.000 Euro déi an d'Schungfabrik investéiert ginn, dat ass de véierte Projet.*

*De fënneften ass de Biergercenter mat 400.000 Euro ugesat.*

*Dann wei gesot e "fait unique" „ acquisition de poubelles règlement sur les déchets" schléit mat 360.000 Euro zu Buch. Wann de Prinzip „pollueur-payeur" kennt muss den Invest de muss getätegt ginn natierlech récupéréiert ginn, de land dann awer am ordinaire Budget, mir mussen awer elo Suen virgesinn.*

*Här Daubenfeld , wat seet d'Auer?*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Dir sitt um Enn Här Buergermeeschter.*

**John Lorent (Buergermesschter, LSAP)**
*Ech hunn nach dräi Zeilen.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Dann begannt Iech wann ech gelift.*

**John Lorent (Buergermesschter, LSAP)**
*D'ass gutt!*

*Dann, „détecteurs de fuite". Dir wësst, dass mir konstant amgaang sinn z'agéieren fir Wasserfuiten ze détectéieren, dat gesäit een och bei den dépenses ordinaires dass mir manner Waasser brauchen, dass es manner versickert an d'Grondwaasser.*

*Eng nei Telefonszentral, mir hunn eis soe gelooss dass bei eiser Telefonszentral den logisteschen Appui an d'Reparaturen net méi méiglech sinn, dofir musse mir eng nei Zentral uschafen, leider. Do ass vu Säiten vum Fournisseur kee Service méi garantéiert iwwert déi nächste Joeren. Mir hunn eis natierlech gefrot ob mir eng nei mussen hunn mee mir hunn eis vun eisem Service technique iwwerzeege gelooss, dass dat näischt gëtt wa mir déi net austauschen.*

*„Remplacement de deux camionnettes", do muss ech eng Informatioun un de Gemengerot ginn. Ech hunn am Summer en "tableau d'amortissement" gefrot am Service technique, den hunn ech zur Zäit vun der Elaboratioun vum Budget kritt. Wann ech verschidden Duréen vu verschiddene Gefierer asetzen, ass d'Ersetzen vun deenen zwou Camionnette effektiv berechtegt, do sti mir dozou. Mee wann een normal Amortissementszäiten an den Tableau asetzt hätte schonn am Joer 2014 verschidde vun deenen Vehikelen déi mir hunn missten ersat ginn. Dat ass och ganz kloer, dass mir déi Progressioun am Pluriannuel musse virgesinn, well dat si Chifferen wann ee sou Vehikelen ersetzt wou een awer muss mat 150.000 Euro pro Joer rechnen an der Regel, sou dass dat dann am Pluriannuel virgesinn gëtt. Dësen" Tableau d'amortissement" ass ganz wichteg fir déi Previsiounen ze maachen.*

*D'"Borne électrique" um Parking Brill, d'Finanzkommissioun huet gefrot ob ee misst bezuelen fir d'Elektresch oder net. Mir hunn nach keng Décisioun geholl ob d'Elektresch soll bezuelt ginn oder net. Fir eppes fir d'Promotioun vun den Elektroautoen ze maachen, dir hutt eisen neien Elektroauto virun der Dir gesinn, ass et vläit wichteg an enger éischter Phase keng Suen ze froen.*

*Dann, „Système d'accès avec puces", dat wat dir hei gesitt fir 65.000 Euro. Och beim Schliesssystem hu mir de selwechte Fall wei bei der Telefonszentral, déi Garantien vum Fournisseur, dass déi Schlëssele liwwerbar sinn leeft aus, an lo hu mir en Devis kritt de bal 200.000 Euro ass fir de Schliesssystem auszetauschen géint en elektronesche Systeme, do hu mir en Drëttel vun der Dépense fir den Exercice 2015, mir maachen dat dann "à fur et à mesure" ginn déi verschidde Siten équipéiert. Wann dann e Schlëssel verluer geet oder et geet een an Pensioun kann een dem säi Schlëssel ofschalten an et kennt een domat net méi eran. D'Pompjeeën hu schonn sou en ähnleche System, dat ass och eppes wat scho méi wäit verbreet ass iwwert d'Grenzen vun der Gemeng Kayl eraus.*

*Den Extérieur vum Widdem hu mir mat 150.000 Euro agesat, den Detail ass am Budget selwer fir de Widdem z'aménagéieren, ënnert anerem fir d'Monument ze déplacéieren.*

*Mir wëllen och e Programm maachen fir den ëffentlechen Transport ze förderen fir „abri bus" ze maachen. Mir hunn der e ganze Pak, bal 50 Stéck an dovun sinn der 31 net iwerdacht an do musse mir e Plang maachen wei mir fir ginn, dat hei ass och nëmmen en Accompte fir déi Dépense déi do kennt, den Devis muss nach an de Gemengerot an „de manière pluriannuelle" ginn dann Abrien gebaut iwwert déi nächst Joeren, wat eng flott Saach ass.*

*Dann 150.000 Euro fir Gemengenhaiser ze restauréieren. Mir hunn d'Schwësterenhaus ugelount, do gëtt et net vill z'investéieren, déi 150.000 Euro si virgesinn fir*

d'Gebai vum office social. Eis Architektin huet den Optrag do en Topo ze maachen an en Devis ze präparéieren, mir musse kucken wei mir et mam Budget maachen mee dat Haus ass effektiv renovatiounsbedürfteg, och wat den "assainissement énergétique" ubetrëfft kommen eng Partie Saachen op eis dur.

Fir ze kucken op mir d'Quellen an der Waassergaass kennen an de Réseau aspeisen kascht och 13.000 Euro. Dat ass eng Étude déi mir virgesinn fir och dem Klima-Pakt Rechnung ze droen. Dass mir Systemer fannen fir eis Anlagen rationell ze steieren, an do fänke mir bei deenen un déi am meeschten verbrauchen, do sinn och 10.000 Euro virgesinn.

| Budget 2015 | | Dette communale | |
|---|---|---|---|
| | 31.12.2013 | 31.12.2014 | 31.12.2015 |
| Dette cumulée | 16.353.350,63 | 14.813.715,28 | 13.272.180,59 |
| Annuité - capital | 1.687.733,97 | 1.539.590,03 | 1.541.534,69 |
| Annuité - intérêts | 185.600,66 | 131.589,03 | 113.691,58 |
| Taux annuité (par rapport aux dépenses ordinaires) | 8,60% | 7,29 % | 6,80 % |
| Dette par habitant | 1.940,36 | 1.742,79 | 1.552,30 |

De Scanning vun den Dossieren am Biergercenter, do war d'Fro kafe mir en neien Rullschaf wou sämtlech Dokumenter dra sinn oder maache mir direkt en Switch an d'Elektronik, do ass et kloer, dass déi Dokumenter gescannt ginn. Iwweregens war ech an der lescht zu Diddeleng um Kräizbierg, déi maachen och esou Scanning Aarbechten, ech maachen elo keng Reklamm fir eng Asbl, mee et ass mir opgefall, dass déi och esou Aarbechte maachen. Dat heescht de ganze Volume reduzéiert sech, et hellt e bëssen Späicherplaz op engem Serveur.

„Evacuation des eaux superficielles" an der Téitenger Strooss ass just fir d'Étude ze machen. Dir wësst, dass vum Kalebierg ganz vill Waasser erof kennt, an dass mir probéieren dat Waasser ze récupéréieren fir et an d'Kälbach ze leeden.

Dann divers Acquisitiounen, dat ass d'Zwergeland-Schoul déi en neien Parlophone kréien den absolut noutwenneg ass, si kréien e Raum fir e puer Saachen ënnerdaach ze stellen, en "abri pour bicyclettes", si kréien eng Klimaanlag an et gëtt un den Toiletten geschafft, dat sinn déi 40.000 Euro.

Här Daubenfeld et ass elo esou wäit dass mir kennen ofschléissen.

Just dass dir wësst, ech hunn et schonn emol gesot, dass mir nees eng "fiche de Contrôle financier" aféieren, déi gëtt an Zukunft elektronesch gefouert, fir d'Devisen am Grëff ze behalen. Hei gesitt dir e Beispill, den 12. Juli 2012 hu mir fir d'Maison relais en Devis gestëmmt vun 3,4 Milliounen, 2012 240.000 Euro ewech ginn, 2013 nëmmen 7,7, 2014 hu mir eng Dépense vun 1,2 agesat, am Rectifié steet de Chiffer mir hu vun 2,7 nëmmen 1,3 gebraucht, dat heescht et sinn nach 2,68 Milliounen um Devis rescht. A wa mir ufänken un den Devis ze kommen an et ass noutwenneg komme mir mat engem Devis supplémentaire an de Gemengerot ir d'Dépensen zäiteg ginn.

Idem fir de Projet Waasserstrooss. Do hu mir 3,5 Milliounen gestemmt. 2012 hu mir 66.000 Euro un Études bezuelt, 2013 hu mir 2000 Euro bezuelt, 2014 800.000 Euro, dann hu mir nach 2,5 Milliounen um Devis, d'nächst Joer wëlle mir do eng Millioun investéieren do si mir nach wäit vum Compte. Dir wësst awer, dass mir mat deene PAK Problemer hunn a mir kucken wei dat evoluéiert. Et ass e formellen Optrag den de Service technique vum Schäfferot huet.

D'Schungfabrik ass en ähnlechen Dossier, hei gi permanent Dépensen zäiteg, mir strecken déi iwwert de Pluriannuel, dat wat recht ass am Devis, déi 3,6 Milliounen rectifiéieren eis awer, sou dass mir 800.000 Euro am Budget 2015 investéieren.



Här Daubenfeld wat seet de Chrono?

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
10 Minutten iwwerzunn.

**John Lorent (Buergermesschter, LSAP)**
Dat heescht 50 Minutten.

Ech soe Merci fir d'Opmierksamkeet. Natierlech kann dëst net exhaustiv sinn et ass net alles wat am Budget steet. Natierlech ass et de Conseilleren iwwerlooss e Méinden déi néideg Remarquen ze maachen a mir freeën eis Äntwerten ze ginn.

Ech géif dann dem Här Brücher d'Wuert ginn fir virun ze fueren mat dem wat hien als Emweltschäffen ze soen huet.

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
Ech well ob déi wichtegst Punkten vum Budget agoen fir mech méiglechst kuerz ze halen. Ech well mech awer beim Budget ordinaire dem Här Buergermeeschter sengen Lamentatiounen uschléissen.

**John Lorent (Buergermesschter, LSAP)**
Du kanns dech net mengen Lamentatiounen uschléissen, ech hunn déi ganz Zäit gesot ech géing mech net lamentéieren. (Laachen)

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
Da maachen ech dat an dengem Numm, dat ass kee Problem. Also wéi mir gesinn par rapport zum Ordinaire 2014 gi mir 1,4 Milliounen méi aus, dat sinn awer gréisstendeels Dépensen déi zu enger struktureller Méibelaaschtung vun der Gemeng gehéieren. Wat mengen ech mat strukturell? Dat sinn Dépensen déi net direkt um politesche Wëlle berouen, déi entweder indirekt sinn oder net beaflossbar vum Gemengen- a Schäfferot.

Et mierkt een och, dass sech bei den Dotatiounen an Zouwennungen vum Staat d'Situatioun zanter 2011 net verbessert huet. Wann een den FCDF an den ICC zesummerechent hate mir 2011 ronn 2.912 Euro pro Kapp, pro Habitant, berechent no den Zuelen vum Populatiounsbüro an der Gemeng. 2014 ass dat 2.930 Euro pro Kapp. Eis Populatioun ass awer méi schnell geklommen wei d'Zouwennungen vum Staat. Natierlech ass d'Unzuel vun der Bevëlkerung net den eenzege Kritère wat d'Zouwennungen ubelaangt, allerdéngs gesäit een hei ass déi zwee net an dem selwechten Mooss evoluéieren. Mir si besuergt, dass et an deene nächste Joeren wäert mat dem negativen Trend weidergoen. Mir sinn als Gemeng awer verflicht eise Bierger déi selwecht Liewensqualitéit ze bidden wei et an aneren Gemengen de Fall ass. Quitte, dass déi grouss Gemengen a Metropolen déi hei an der Minette sinn déi eng oder aner Aufgab méi hunn, mee wat Liewensqualitéit betrefft si mir awer all gefrot.

Zu den strukturellen Emstellungen gehéiert och, dass d'Gemengenautonomie méi kleng gëtt, well den politeschen Aktiounskader duerch déi finanziell Méibelaaschtung natierlech ageschränkt ass. Dat huet natierlech Afloss op politesch Entscheedungsfräiheet an d'Gemengenautonomie.

Ech ginn kuerz op den Enseignement, d'Maison relais an den Environnement an.

Am Enseignement hu mir eng Steigerung vun 215.970 Euro bei den Dépensen, wou bäi en groussen Deel d'Participatioun um Traitement vun den Enseignanten ass, an zwar an Héicht vun 132.000 Euro, dat ass eng Steigerung vu 5,6 Prozent an do hu mir als gemeng iwwerhaapt keen Afloss drop.

Eng politesch Décisioun ass "frais de vacances pédagogiques" wei se am Budget festgehal sinn, hei hu mir eng zousätzlech Dépense vu 18.561 Euro wat dorop zeréckzeféieren ass, dass dëst Joer méi Klassen an d'Vakanze-Kolonien ginn.

Mir spuren allerdéngs 26.000 Euro bei der Locatioun vun de Piscinnen, well dëst Joer dräi Klassen manner an d'Nopeschgemenge schwamme ginn. Des Erspuerness wäert awer nëmmen am Exercice 2015 sinn, well mir awer drop halen dass all d'Kanner aus dem Cycle 4 schwamme ginn.

Wann een dat alles zesumme rechent, plus déi aner Dépensen déi mir hunn, Chauffage 17.000 Euro, Rémunératioun vun de Fonctionnairen 18.000 Euro, an dann puer kleng politesch Insentiven déi mir gemat hunn 5.000 Euro beim Mobilier, d'Schoulbicher 6.500 Euro, d'Honorairen vun der "médecine scolaire" ronn 1.300 Euro, da komme mir op de Wäert vun 215.000 Euro.

Mir gesinn also, dass déi Haaptausgben struktureller Natur sinn an net op politeschen Décisiounen berouen.

Bei der Maison relais gesäit et genee d'selwecht aus, hei hu mir par rapport zum Rectifié eng Differenz vun 187.650 Euro. Dat ass zeréck ze feieren op d'Paien vum Personal wat an de Maisons relais schafft, hei sinn 122.000 Euro zousätzlech Ausgaben déi op eis duerkommen.

D'Repas an Collatiounen an de Maisons relais ginn erop, déi steigen vun 6.88 Euro pro Repas op 7.50 Euro,

woumat mir dann 32.000 Euro méi mussen verbuchen. Mir sinn duerch eng europäesch Direktive verflicht d'Allergenen am Iessen ze labelen an d'Kanner an d'Elteren dorop hinzeweisen wéi eng méiglech Allergenen an den Iesswueren dra sinn. Dat ass en administrative Méi Opwand fir d'Fournisseuren déi eis mam Iesse beliwweren, déi mussen Personal astellen déi di Labelen maachen. Et muss fir all Iesswuere eng Fiche technique erstallt ginn. Déi zousätzlech Käschten wälzen d'Fournisseuren op d'Gemeng of, dat erklärt och wisou hei de Montant vun der Restauratioun an d'Luucht geet.

E politesche Projet de mir dëst Joer wëlle machen ass e "système de gestion du personnel", fir d'Horairen vum Personal besser kennen ze géréieren. Momentan gëtt villes am Excel gemaach, manuell kopéiert, wat net wierklech effizient ass an de Programm de mir an der Gemeng hunn berechent Aarbechtsdeeg awer keng Aarbechtsstonnen. Eist Personal an der Maison relais schafft no engem Aarbechtsplang an net no engem Horaire mobile, sou dass déi verschidden Gestiounprogrammen net kompatibel sinn. Mat dësem Programm hätte mir däitlech méi Effizienz an der Gestioun an méi eng einfach Paie Berechnung. Doduerch dass déi Donnéeën och net méi mussen manuell kopéiert ginn kennt et zu manner Feeler an den Aarbechtspläng. D'Ausgab beleeft sech mat ronn 19.000 Euro.

Nei sinn d'Manifestatiounen vun der Maison relais, hei soll verstäerkt Elterenaarbecht geleescht ginn, dat ass eng politesch Décisioun a gëtt mat 5.000 Euro verbucht. Dat ass eng Zorte "porte ouverte" wou d'Elteren kenne méi Kontakt mam Personal vun der Maison relais kréien. Mir hunn dat dëst Joer lancéiert an hu gutt Erfahrunge gemach an dofir hu mir en extra Budgetsposten geschaaft.

Beim Environnement fält d'Participatioun bei de Syndikater STEP a SYCOSAL op, beim STEP hu mir 70.000 Euro méi a beim SYCOSAL 45.000 Euro, déi mir nëmmen indirekt kenne beaflossen. 10.000 Euro hu mir agesat fir Projeten mam Conseiller écologique, dass den eppes ze schaffe kritt dat nächst Joer.

An natierlech hale mir un eise Projeten "en matière de protection de l'environnement" fest. 2014 hate mir do näischt am Rectifié ageschriwwen well déi zwee Projeten déi mir 2013 lancéiert hate nach amgaange waren, dozou gehéiert d'Étude vun der Loftqualitéit an d'Gemengekart. D'nächst Joer gesi mir e Projet vir den e kommunaalt Klimaschutz- an Energiekonzept soll ëmsetzen, an der Héicht vu 45.000 Euro, an Zesummenaarbecht mam Oeko Bureau vu Rëmeleng an eisem Conseiller écologique. Mir wëlle kucken wat den Energieverbrauch an der Gemeng ass an eisen eegenen CO2 Bilan erstellen, dat sinn wichteg Donnéeën am Kader vum Klima Pakt.

Bei den "dépenses ordinaires" well ech nach op verschidden politesch Initiativen agoen.

Bei de Cotisatiounen "aux associations professionnelles" wëlle mir eng Konventioun mam Cent-Buttek agoen, an der Héicht vu 7.500 Euro. Wisou maache mir dat? Ronn en Drëttel vun de Leit aus eiser Gemeng si Clientë am Cent-Buttek zu Beetebuerg. De Cent-Buttek erlaabt et de Leit déi an den Office social ginn do zu engem reduzéierte Präis anzekafen, déi Leit machen do eng wichteg Aarbecht. Si schécken eis all Joer Statistiken iwwert den Office social, wéivill Leit aus eiser Gemeng regelméisseg an den Cent-Buttek akafe ginn an Opgrond vun der Participatioun gëtt d'Kotisatioun vun der Konventioun gestaffelt.

20.000 Euro fir d'Initiative Liewensufank, doriwwer hu mir scho geschwat. 2014 hate mir do näischt ausginn, se bleiwen awer weiderhin am Budget.

D'Locatioun vun de "fibres optiques", ech hunn do eng Tabell matbruecht dat ass relativ schwéier z'erkennen. Mir ginn 31.000 Euro fir d'Glasfaser aus, mir spueren awer generell un den Internetabonnementer. Momentan hu mir an all Gebai en eenzelnen DSL Abonnement. Déi eenzel Käschten géingen all ewech falen, och d'Locatioun vun de Server an de Schoulen, well mir duerch de Glasfaser en eenheetleche System kréien an och Locatioun vu just engem Serveur musse bezuelen. Bei deenen 31.000 Euro spueren mir dann opgedeelt op déi aner Budgetsposten 6.381 Euro pro Joer. Am Atelier ass de Projet am Januar fäerdeg, e gëtt am nächste Joer "au fur et à mesure" ëmgesat, sou dass sech déi Erspuernisser eréischt dat Joer drop bemierkbar maachen. D'Schoulen kommen an der Fuesvakanz drun an duerno d'Schungfabrik an d'Pompjeeë.

Bei den Subventiounen un d'Associatiounen well ech just iwwert déi 3000 Euro Surprime eppes soen. Mir wëllen d'Reglement änneren, dass nieft der Jugendaarbecht och e "critère écologique" agefouert gëtt, fir 3.000 € fir déi Veräiner z'ënnerstëtzen déi nohalteg akafen, Fairtrade-Produiten, biodégradabelt Geschir benotzen, de Spullweenchen op hiren Evenementer benotzen oder och aner Evenementer déi am Sënn vun der Nohaltegkeet an der Ekologie stattfannen.

Zu den "dépenses extraordinaires", hei hunn ech probéiert mech um Koalitiounsprogramm z'orientéieren an déi Projeten erausgepickt déi an eisem Programm stinn.

Den Ausbau vun der Schoul, Ganzdagsbetreiung an d'Maisons relais um Widdem wou 1,2 Milliounen virgesi sinn. D'Restrukturatioun vun der Faubourgschoul, wou mir elo op en gréngen Zweig komm sinn wei de Projet soll ausgesinn. Mir sinn zouversiichtlech, dass mir Uganks des Joeren mat deem Projet an de Gemengerot kenne kommen, an dass déi éischt Bauaarbechten dat nächst Joer kennen ufänken, dofir hu mir 1 Millioun agesat. Et geet wahrscheinlech an déi Richtung, dass mir eng nei Schoul an enger modulärer Bauweis vis à vis vun der Sportshal bauen.



De Moment leeft nach eng Étude fir d'Qualitéit vum Buedem ze préiwen, dorop waarde mir an dat huet natierlech och en Impakt op d'Realisatioun vun dem Projet, wa mir d'Donnéeën all zesummen hu komme mir an de Gemengerot.

Dann hu mir d'Begréngung vum Téitenger Schoulhaff. De Projet wëlle mir zesummen mam CIGL realiséieren. Mir hunn 150.000 Euro agesat, den Devis initial war 700.000 Euro dat fanne mir e bëssen illusoresch. Allerdéngs musse mir hei och eng Buedemprouf machen well mir wëllen den Asphalt ofdroen a kucke mussen op do keng PAK dra sinn. D'Entsuergung vun PAK ass an deenen 150.000 Euro net dran, mir hoffen dat Bescht.

Dann hu mir nach d'Requalifikatioun vun der Widdem Schoul, hei sollen véier zousätzlech Säll fir de Cycle 1 geschafft ginn. Mir hunn hei nach keen eenheetlechen an sprochräife Projet konnten ausschaffen, dofir sinn 100.000 Euro agesat fir d'nächst Joer kennen dorun ze schaffen.

An eisem Koalitiounsprogramm steet och d'Instandsëtzung vun der Schungfabrik. Dat nächst Joer hu mir do 800.000 Euro agesat bei engem Devis total vun 3.838.000 Euro.

Wat soll nächst Joer do geschéien? Virun allem d'Aménagement vun enger Laderamp an engem "monte charge", d'Haaptentrée soll op déi aner Säit verluecht ginn an d'Installatioun vun de Proufsäll am Keller sinn déi zwee wesentlech Punkten déi nächst Joer ëmgesat ginn.

Am Ëmweltberäich steet an eisem Koalitiounsprogramm kloer an däitlech dran, dass mir eis verflichten d'Müllentsorgung weiderhin ze verbesseren. Dozou zielt och dat neit Reglement, bon nei, et ass vu Mäerz 2012, an do steet dran, dass de Prinzip Pollueur-payeur och bei der Müllentsuergung berücksichtegt ginn. Dofir hu mir och déi 360.000 Euro an de Budget extraordinaire gesat fir de Projet kennen auszeschaffen. Et ass awer wichteg, dass mir eis als Gemeng konform zum Gesetz vun 2012 setzen.

Dann hu mir nach Material fir Mülltrennung an den ëffentlechen Gebaier, dofir hu mir 60.000 Euro verbucht, a wou mir an der Nuel-Schoul déi éischt Mülltrennungsbacen installéieren wäerten. Mir hunn nach weider 60.000 Euro virgesinn, ech weess dass dat den Devis vun 100.000 Euro em 20.000 Euro iwwerschrëtt, läit awer dorun, dass mir mat den 100.000 Euro net auskommen, an dass mir och an der Schungfabrik de selwechte System ëmsetzen.

Weiderhin am Environnement, mir haten och am Koalitiounsofkommes festgehal, dass mir de Bau vun Solaranlagen ënnerstëtze wëllen. De Projet de mir dëst Joer mat Transitioun Minett wollten ëmsetzen huet leider net funktionéiert well d'Statik vum Dach vum Gemengenatelier d'Gewiicht vun enger Solaranlag leider net zouléisst. Ech well awer weider un esou engem Projet festhalen, dofir hu mir weider 50.000 Euro am Budget extraordinaire festgesat.

Den Energiemonitoring, do soll eng "étude de faisabilité" gestart ginn dofir hu mir 10.000 Euro ageschriwwen.

Den Här Buergermeeschter huet dat jo schonn ugeschwat, och d'Installatioun vun enger "borne électrique". D'Regierung huet sech d'Ziel gesat bis 2020 40.000 elektresch Autoen op eise Stroossen furen ze hunn a si wëllen och en Netz mat insgesamt 800 "bornes électriques". Mir wëllen dat Ziel ënnerstëtzen mat dem klengen Bäitrag do um Brill Parking.

Dann hu mir nach d'Mobilitéit. Am Programm steet och den Ausbau vun der "mobilité douce" dofir ass virgesinn déi 31 Bushaltestellen an eiser Gemeng "au fur et à mesure" z'iwwerdachen, dofir hu mir 60.000 Euro virgesinn fir dat nächst Joer. Dat ass awer e Projet den iwwert déi nächst puer Joer soll lafen, fir iwweralI wou et nëmme méiglech ass eis Bushaltestellen z'iwwerdecken.

Sou dat war et dann vu menger Säit.

**John Lorent (Buergermesschter, LSAP)**
Jo, de Slide feelt.

Merci Här Brücher, dat ware flott Informatiounen déi mir hei geliwwert kruten.

Sou fir dann d'Présentatioun vum Budget perfekt ze machen wollt den Marcel Humbert och nach e puer Wuert soen, hie kritt d'Wuert, an da si mir mengen ech doduerch.

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
Wou sinn är Sliden, Här Humbert?

**Marcel Humbert (Schäffen, LSAP)**
Merci Här Buergermeeschter, dir Dammen an dir Hären. Bei mir gesitt dir keng Zuelen op der Leinwand awer nodeems de Buergermeeschter an de Schäffen Patrick Brücher schonns ganz vill Detailer iwwert eise Budget fir 2015 gesot hunn, wollt ech just e puer Wieder

*iwwert eng Rei Projeten verléieren, déi mär och nach besonnesch wichteg schéngen am Budget 2015 an och e puer Wieder soen iwwert Saachen, déi mär 2014 fäerdeg gestallt hunn.*

*Wat de Club Senior betrefft, wou mär jo zanter engem gudde Joer eng exzellent Zesummenaarbecht mat der Gemeng Rëmeleng am Interesse vun de Leit iwwer 50 Joer hunn, esou kann ee festhalen, datt d'Zuel vun de Käler an den Téitenger Leit déi un den Aktivitéiten vum Club Senior an de Sauerwisen deelhuelen ongeféier ee Véierel vun all hiere Clienten ausmécht. Déi Zuel ass och an dësem Joer em ronn 20 % géintiwwer 2013 an d'Lut gaangen.*

*De Club Senior bidd jo eng Hellewull vun Aktivitéiten fir Leit iwwer 50 Joer un. Et ass eng Platz wou een Leit begéint, wou een sech weider bilde kann, wou een un organiséierte Fräizäitaktivitéiten deelhuele kann, wou een e Maufel iesse kann a wou een eng Persoun fënnt fir engem nozelauschteren.*

*D'Ausgaben fir de Club Senior ginn 2015 liicht an d'Luucht géintiwwer 2014 – dat bedingt duerch d'Konventioun tëscht dem Familljeministère an de Gemengen Rëmeleng a Käl, déi sech zesummen 13 % vun de lafende Käschten deelen. Zu ärer Erënnerung: Mär bezuelen der Gemeng Rëmeléng jo och nach e Loyer vun 1.000 Euro de Mount well si d'Haus stellen.*

*An der Drëtt-Alters-Kommissioun ass dunn nach d'Iddi opgedaucht fir mat der Stëftung Hëllef Doheem eng Konventioun ofzeschléissen, dëst am Kader vun Projet "Betreit Wunnen Doheem" vun der Stëftung Hëllef Doheem. Ziel ass et, di eeler Leit esou laang et nëmmen iergendwéi méiglech ass, doheem an hirem gewinnten Ëmfeld ze behalen. Zilgrupp vun dëser Konventioun sinn d'Awunner aus eiser Gemeng vu méi wei 60 Joer – hinne soll gehollef ginn am Alldag an och a punkto Gesondheet. Des Konventioun ass eis elo zougestallt ginn a mär wëllen se elo genee ënnert d'Lupe huelen, se och an di zoustänneg Kommissioun vum Drëtten Alter ginn an dann kennt se och natierlech an de Gemengerot wann dat esou klappt wéi mer eis dat virstellen. Fir des Konventioun hu mer mol en Betrag vun 20.000 Euro an de Budget 2015 agesat.*

*Wat d'Hangaren op leweschbuer beträfft, esou sinn si elo fäerdeg an hei hunn eng ganz Rëtsch vu Käler an Téitenger Veräiner eng flott Platz fonnt fir hiert Material ze stockéieren. Hei zou well ech awer soen, dass hei etlech Veräiner eng Bléif kritt hunn, fir hiert Material ze stockéieren, déi dat virdrun net haten, an elo och dankbar dofir sinn. Och ass dat een Invest nieft den Subsiden, wou mir och gären hëllefen.*
*Op leweschbuer si mer jo och amgaangen mat den Aarbechten fir d'Zuchtanlag fir eis Kléngdéierenziichter. Do ass et schonns gutt virugaangen an d'Kelleren sinn esou gutt wéi fäerdeg.*

*Um Fussballsterrain zu Téiteng ass och elo d'Kabinn fir d'Press fäerdeg ginn, esou datt si vun hei aus direkt mat hirer Zentral verbonne kënne ginn an hier Fotoen an Artikelen direkt an d'Redaktioun maile kënnen. Och di nei Buvette ass elo ganz fäerdeg.*

*An der Schungfabrik hu mer zwee Veräiner – d'Téitenger Mandolinisten an d'Chorale Ëmmer frou – an engem eenzege Proufsall ënnerbruecht. Dëse Sall gëtt also elo besser ausgelaascht wéi virdrun an di zwee Veräiner hunn jeeweils e Büro nei ageriicht kritt an och nei Schief fir hiert Material kritt. En décke Merci jiddefalls un eis zwee Veräiner datt si mat op dëse Wee gaange sinn.*

*Dernieft hu mer esou Platz kritt fir de Stockage vum Material vun der Schungfabrik, eng Toilette fir eis behënnert Matbierger an e Büro fir de Portier an der Schungfabrik ze installéieren.*

*D'Aarbechten fir de Réaménagement vum Centre culturel sinn elo ausgeschriwwe ginn, esou datt mer dann Ufank Mäerz och richteg ukommen.*

*Och am Centre d'intervention an der Millen um Späicher sinn d'Aarbechte nach amgaangen, déi awer elo 2015 fäerdeg ginn. D'Käler Musek kritt heivunner en Deel fir do dann Bürosmaterial ze stockéieren.*

*Um Parking Brill, wou d'Busgare ass, a wou jo vum TICE eng Toilette fir d'Buschaufferen opgestallt ginn ass, wëlle mer elo am Joer 2015 weider investéieren an eng ëffentlech Toilette fir all eis Bierger opriichten. Des Toilette soll och behënnertegerecht sinn.*

*Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Schäffen Humbert fir déi Ausféierungen. Dann géif ech de Punkt 5 – Presentatioun vum Budget provisoresch ofschléissen. Ech wënsche mir fir de Méinden ganz flott Debatten dass de Budgetsfeeling e bëssen opkënnt, dir hutt jo elo de ganze Weekend Zäit fir d'Messeren ze wetzen ech freeën mech ob jidder Fall op e Méinden.*

*Dat gesot hu mir awer nach eng kleng Affaire am "huis clos" ze traitéieren dofir géing ech d'Presse bieden de Sall fluchtarteg ze verloossen.*



## Conseil communal Séance du vendredi, 12 décembre 2014

**Durée :** de 15h00 à 16h30

**Présent :** John Lorent, Bourgmestre, Marcel Humbert et Patrick Brücher, échevins, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller, Nadine Braconnier, Secrétaire.

**Absences :** José Gonçalves dos Anjos

**Ordre du jour :**

1. **Finances communales (subsides aux associations)**
2. **Conventions (Convention relative à la participation financière de l'Etat à la construction de la maison relais Widdem à Kayl)**
3. **Office social (Budget 2015, approbation)**
4. **Syndicats intercommunaux (Programme d'action SICONA 2015)**
5. **Budget (Présentation budget rectifié 2014 et budget 2015)**
6. **Questions des conseillers**
7. **Affaires de personnel (Nomination d'un employé/ poste CDD)**

### I Finances communales – Subsides aux associations

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** prie d'excuser Monsieur José Gonçalves dos Anjos qui est en déplacement à l'étranger et annonce le premier point du conseil communal lié aux subsides 2014 des associations.

**Monsieur Marcel Humbert (échevin, LSAP)** présente la liste des associations bénéficiaires de subsides. En résumé, le chiffre total s'élève à 72.072 euros pour les associations culturelles, associations sportives, associations de loisirs, associations caritatives et divers (les pompiers et Union commerciale et artisanale). Il annonce que la somme globale n'a pas changé mis à part le taux variable qui a fluctué tant vers le haut que vers le bas.

**Monsieur Camille Thomé (conseiller, CSV)** et le CSV accueillent le fait que pour une fois les subsides destinés aux associations n'aient pas baissé et que la répartition des subsides soient plus équilibrée surtout pour les associations des jeunes. Il déplore néanmoins que certaines associations ne bénéficient pas assez d'aides financières ; il cite par exemple les scouts de la commune de Kayl-Tétange et l'association « Fraen a Mammen ». Il cite ensuite le Badminton Kayldall qui doit se déplacer à Rumelange pour ses entraînements alors qu'il y a un hall sportif à Kayl. Il propose d'indemniser les membres du club pour leurs déplacements en contribuant à leurs frais d'essence. Monsieur Camille Thomé s'interroge sur le calcul des subsides et sur le taux variable. Il demande un exemple concret de ce type de calcul, car certaines associations semblent lésées par rapport à d'autres (p.ex. l'Harmonie Victoria de Tétange).

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** rappelle que chaque parti politique est représenté dans les commissions consultatives de la commune et que selon l'article 13 de la loi communale, Monsieur Thomé a un droit d'initiative afin de soulever le problème de la répartition des subsides. Le conseil communal a d'ores et déjà sollicité deux commissions (culturelle/des sports et des loisirs) afin qu'elles se penchent sur cette problématique liée au déséquilibre des subsides. C'est dans ces commissions qu'il faut discuter du calcul et de la répartition des subsides. Il souligne qu'au vue de la mauvaise situation financière, si l'enveloppe des subsides reste inchangée, il faudra couper/réduire certains subsides de diverses associations. Monsieur le bourgmestre n'est pas d'avis qu'un vote au sein du conseil communal soit le moment opportun pour discuter de la répartition des subsides communaux ; si un règlement dédié aux subsides se concrétise en 2015, les membres des commissions en débattront. Il s'oppose à une prime liée aux frais de déplacement pour le Badminton, car le Sicosport a été mis sur pied avec la commune de Rumelange et il a été décidé conjointement de déplacer le Badminton à Rumelange. Monsieur le bourgmestre fait appel aux commissions pour qu'un règlement soit établi et qu'un critère écologique soit ajouté dans la répartition des subsides. Monsieur Marcel Humbert (échevin, LSAP) se porte volontaire pour encadrer les travaux liés à l'élaboration dudit règlement. Monsieur Patrick Krings (conseiller, DP) partage l'avis de Monsieur le bourgmestre que toutes les associations ne peuvent être « logées à la même enseigne », mais que le règlement existant devra être amélioré dans

le cadre des discussions au sein des commissions consultatives.

**Monsieur Camille Thomé (conseiller, CSV)** ajoute que l'amélioration du règlement a déjà été abordée en commission, mais qu'il est difficile de se faire entendre. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) insiste sur le fait que les demandes des membres d'une commission, sont ajoutées au rapport des commissions transmis au conseil communal. Il tient à en revenir au scouts qui selon lui bénéficient déjà d'une aide conséquente de la part de la commune si l'on ajoute le subside pour leurs actions de collecte du papier au subside de base. Une compensation supplémentaire pourra être envisagée sous une forme à définir, mais il n'est pas question d'en discuter ce jour.

**Vote unanime**

## II. Conventions – Convention relative à la participation financière de l'Etat à la construction de la maison relais Widdem à Kayl

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** présente le second point à l'ordre du jour dédié à la participation financière de l'État à la construction de la Maison relais um Widdem. La participation est plafonnée à 1.960.000 euros ; la moitié de cette somme a été placée dans le budget 2015 comme recette extraordinaire et la seconde moitié dans le budget 2016. Il souligne que l'aide étatique est d'une grande importance pour que la commune de Kayl puisse proposer ce service à ses habitants.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** demande si ce plafond concerne uniquement la maison relais um Widdem et s'il y aura d'autres subsides pour le projet de la maison relais de Tétange. Il ajoute que ce point reste flou dans le texte de la convention. Monsieur le bourgmestre assure que si le gouvernement ne modifie pas sa politique de subsides, la procédure restera la même pour le projet à venir. La convention actuelle se réfère uniquement au projet de la « rue de l'Hôtel de Ville », pour tout autre projet, les négociations avec l'État reprendront à zéro.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** questionne les chiffres maxima repris dans la convention et prévus dans le budget actuel : les montants et les taxes seront-ils les mêmes avec la hausse de la TVA en 2015 ? Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) explique que les montants impactés par la hausse de la TVA (sur les travaux entre décembre 2014 et le 1er janvier 2015) engendreront de facto une baisse des subventions étatiques.

**Vote unanime**

## III. Office social – Budget 2015

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** annonce la présence du président du comité de l'Office social, Monsieur le conseiller Romain Daubenfeld, qui se tient à la disposition du conseil communal pour répondre aux questions. La commune de Kayl paiera 0,6 % du déficit du budget de l'Office social, soit 168.308 euros.

**Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP)** explicite que l'Office social joue un rôle clé dans la lutte contre la pauvreté (le risque de pauvreté au Luxembourg est de 15%) et c'est pourquoi le budget 2015 alloué à l'Office social a été augmenté. Il rappelle que les moyens de l'Office social dépendent fortement de la politique d'austérité du gouvernement et des répercussions de l'évolution du marché de l'immobilier. En 2014, le budget de l'Office social a été utilisé avec beaucoup de précaution et Monsieur Romain Daubenfeld est d'avis qu'il est normal que la commune de Kayl paie 60% et la commune de Rumelange 40% du budget.

**Vote unanime**

## IV. Syndicats intercommunaux – Programme d'action SICONA 2015

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** laisse la parole à Monsieur Patrick Brücher qui a préparé une présentation Powerpoint afin d'illustrer les projets du SICONA pour l'année 2015.

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** entame la présentation avec le programme global du SICONA qui s'élève à 128.686,35 euros, dont 76.000 euros supportés par la commune de Kayl et 2.000 euros de cotisation ce qui résulte en une part de la Commune de Kayl pour le SICONA de 93.000 euros. Il annonce les deux grands projets prévus par le SICONA : tout d'abord, l'aménagement d'une clôture près de la Puelbech afin d'empêcher l'envasement du cours d'eau ; le montant dédié à ce projet est de 18.034 euros. Le 2e projet est similaire et



concerne l'aménagement d'un étang, d'une clôture et d'une bande de verdure près du Scheierbësch afin de protéger le triton. L'étang sera subventionné à 70% par l'Etat (21.000 euros) et la clôture à 50% (3.024 euros). En parallèle à ces projets, il y aura des campagnes d'information et de sensibilisation, un projet lié à la protection des abeilles et des bourdons, un projet pour la protection des espèces du milieu urbain (construction et rénovation de nichoirs pour martinets, hirondelles, etc.) et le projet LIFE (9.000 euros). Il précise qu'une chouette (espèce rare) se niche dans le grenier de la Schungfabrik et que lors des rénovations l'année prochaine, il faudra prendre toutes les précautions nécessaires afin de ne pas détruire son habitat. Le dossier « Öko Punkten » est en suspens, car le sujet suscite des discussions entre le syndicat et le nouveau gouvernement au sujet de l'autonomie des communes dans la gestion des projets.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** remercie Monsieur Patrick Brücher et fait remarquer que les négociations avec les propriétaires des terrains impactés dans le projet Puelbech ont mené à la décision d'établir un contrat de location avec le SICONA pour l'installation de la clôture. Les propriétaires ont refusé la vente de leurs terrains au prix proposé.

**Vote unanime**

## V. Budget – Présentation Budget rectifié 2014 et Budget 2015

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** explique qu'une présentation Powerpoint illustrera les points les plus importants liés aux budgets 2014 et 2015.

Tout d'abord, il précise que la commune de Kayl entreprend une politique financière prudente afin d'avoir la capacité de réaliser d'autres investissements dans les années à venir. Il s'agit d'un budget de consolidation, le rectifié a été amélioré et les différents chantiers entamés avec la dernière coalition, seront désormais exécutés ce qui entraîne une hausse conséquente du budget extraordinaire. Les gros projets restent inchangés et il y a une série de nouveaux projets au sujet desquels il faudra discuter : la maison relais de Tétange et le projet Faubourg. Monsieur le bourgmestre se réfère à un article du Tageblatt au sujet des finances communales et résume la réponse du SYVICOL « Comment peut-on s'attendre à ce que les communes fassent des efforts notamment financiers supplémentaires alors que leur marge de manœuvre budgétaire ne cesse de se rétrécir. Le risque réel est que les communes ne soient simplement pas en mesure de prendre de nouveaux engagements et de lancer des projets ambitieux à la hauteur des ambitions ministérielles». Il est d'avis que le SYVICOL peut se permettre de parler au nom de toutes les communes du pays, mais il ne partage pas la prise de position de Pro-Sud qui se rallie au point de vue du SYVICOL, car certains points du paquet global alloué aux communes ne touchent pas toutes les communes du sud. Il faut analyser la situation de la commune de Kayl avec discernement et ne pas mettre toutes les communes dans le même sac.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** n'approuve pas la manière dont l'information relative aux équipements des services de secours a été véhiculée. Une circulaire de novembre 2014 stipule que tous les subsides pour les véhicules et équipements des services de secours seront suspendus jusqu'au vote de « l'avant-projet de loi portant organisation des services de secours ». De nombreuses négociations feront suite à cette annonce d'autant plus que les radios des pompiers ne sont plus conformes à la loi et devront être financés par la commune en attendant que les subsides soient débloqués. Monsieur le bourgmestre passe ensuite aux chiffres clés auxquels il faut porter plus d'attention : le boni définitif du budget initial s'élevait à 817.000 euros ce qui est peu et il faut donc y ajouter le boni du compte (la capacité d'autofinancement comprend les recettes ordinaires auxquelles sont soustraites les dépenses ordinaires) pour voir que les chiffres sont moins alarmants qu'ils n'y paraissent. Les dépenses ordinaires passent de 23,7 millions à 24,3 millions dans ce budget-ci. Il explique que cette hausse est liée aux comptes qui varient le plus c.-à-d. les traitements des fonctionnaires, salariés et ouvriers ainsi que la participation aux frais d'exploitation du parc de recyclage (hausse de 70.000 euros) et du SICOSPORT (hausse de 69.000 euros). À l'heure actuelle, la commune ne doit pas encore faire d'emprunt pour 2015, mais il faut porter une grande attention à la différence entre les recettes et les dépenses afin de garder une vue sur la nécessité ou non de contracter un emprunt supplémentaire. Le prochain slide est dédié à l'évolution de la dette communale et à sa ventilation par habitant. La dette est ventilée selon le nombre de la population, recensée à une date précise. En 2013, la dette était de 1.940 euros par habitant et en 2015 à 1.532 euros par habitant. Monsieur le bourgmestre rappelle que ceci est lié aux dépenses et aux emprunts de ces dernières années, nécessaires à l'amélioration de la qualité de vie des habitants.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** détaille ensuite le « Zukunftspak » ou paquet d'avenir qui engendre la suppression de la participation de l'État aux biennales et à la majoration des fonctionnaires. Ceci entraine une perte de 165.000 euros par exercice pour la commune. Pour pallier la suppression des recettes de l'alimentation du Fond communal de dotation financière, la TVA devra augmenter. Pour la commune de Kayl cela représente une baisse des recettes de 875.000 euros. Dans le volet des recettes ordinaires et la non prise en compte de la hausse de la TVA de 2% dans le Fonds communal de dotation financière, la commune perd le versement de 312.000 euros dans le fonds communal. 25% du budget ordinaire sont dépensés pour l'acquisition de matériel, dont la TVA augmentera de 2%. La commune devra donc dépenser d'office 220.000 euros supplémentaires pour assurer le bon fonctionnement de la commune. Il déplore la manière dont la commune a été informée de la hausse de la cotisation pour le fonds pour dépenses communales. Aux 5.000 euros cotisés en 2014 s'ajoutent 13.000 euros supplémentaires. La cotisation pour l'exercice 2015 s'élève à 60.000 euros.

Il souligne que l'accord salarial n'a pas encore été voté, mais cela ne saurait tarder. Celui-ci coûtera approximativement 30.000 euros à la commune ce qui n'améliore pas la situation du budget ordinaire amputé de 1,7 millions d'euros. Les perspectives du plan pluriannuel sont elles aussi de mauvais augure.

Entre le budget 2013 et le budget rectifié de 2014 se chiffre une augmentation de 1,1 millions d'euros au niveau des recettes communales ce qui pourrait aussi être le cas pour le budget 2014 et le budget rectifié de 2015 selon Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP). Il explique ensuite les montants initialement prévus dans le budget initial : 150.000 euros sont issus des biennales, 76.000 euros de l'impôt foncier, 170.000 euros pour l'impôt commercial et 60.000 euros pour la dotation. Dans le budget rectifié, le remboursement des traitements a été augmenté de 57.000 euros, la part de l'Etat dans les maisons relais présente une hausse de 100.000 euros. 36.000 euros proviennent du dividende de Sudgaz, la taxe de canalisation apporte 30.000 euros et les autorisations de construire 40.000 euros. Grâce au décompte de l'enregistrement du personnel de l'école fondamentale 100.000 euros supplémentaires sont enregistrés dans le budget rectifié de 2014. Monsieur le bourgmestre précise que ceci est une bonne nouvelle et que le budget rectifié permettra d'accroître les recettes. Par contre, les recettes prouvent que la commune dépend énormément de l'Etat : 21,1 millions d'euros proviennent de l'Etat contre 4,4 millions des recettes propres de la commune.

Les recettes principales de la part de l'État sont constituées comme suit : la dotation est légèrement en hausse, l'impôt commercial du budget initial 2015 dépasse celui du compte de 2013 et les subventions pour promouvoir l'emploi ainsi que les indemnités pécuniaires de maladie sont des remboursements (la commune doit tout d'abord avancer les montants et reçoit ensuite un remboursement de l'État).

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** se tourne sur les recettes propres (recettes principales) de la commune de Kayl : la participation des parents aux frais de la maison relais est restée la même que dans le budget rectifié soit 170.000 euros et les taxes liées aux autorisations de construction qui sont une grande source de revenus de la commune. Dans les recettes escomptées, la gestion des déchets (1.250.000 euros) reste un point à discuter. L'impôt foncier a augmenté de 76.000 euros, mais il reviendra à son montant habituel en 2015 (il a été gonflé par des remboursements en 2014). La location de terrains communaux a rapporté 47.000 euros et le total des recettes propres à la commune s'élève à quatre millions d'euros.

Les dépenses extraordinaires comprennent la masse salariale (12,4 millions), l'enseignement (3,6 millions), la gestion des déchets (1 million), la gestion des eaux usées (677.000 euros) et la vente d'eau (585.000 euros). La maison relais entraine des dépenses supplémentaires pour la commune même si l'Etat en rembourse une partie, car avant l'existence des maisons relais, les communes n'avaient pas cette dépense en plus. Monsieur le bourgmestre souligne l'importance du tableau repris sur le slide au sujet de la masse salariale : la masse salariale nette correspond à 49,04% du budget initial. En été, le SIGI a dégagé une masse salariale de 54%, ce qui correspond au ratio entre la masse salariale brute et les salaires dans le budget originaire 2014. La perception de certains remboursements font baisser le pourcentage à un peu moins de 50% ce qui reste élevé. Il explique que cette masse salariale sera difficile à faire baisser puisque les effectifs sont nécessaires au bon fonctionnement de la commune. En revanche, un numerus clausus a été mis en place stipulant qu'aucun autre poste ne sera créé sauf en cas d'extrême importance. Monsieur le bourgmestre passe en revue le détail des 12 millions d'euros de dépenses: les dépenses pour les salariés à tâche manuelle (l'atelier) représentent cinq millions, pour les fonctionnaires (y inclus les salariés à tâche intellectuelle et le personnel de la maison relais) le chiffre est de 3,2 millions, la participation à la rémunération du personnel enseignant est de 2,5 millions et pour les travailleurs forestiers 50.000 euros (la commune contribue à la rémunération du garde-forestier avec 20.000 euros). Il ajoute que dans les dépenses ordinaires, une majeure partie est dédiée à l'enseignement (3,6 millions). En 2013, la participation communale pour la maison relais était de 190.000 euros et dans le budget rectifié ce montant a atteint 650.000 euros. Le taux de couverture des recettes par rapport aux dépenses est de 56.000 euros.

La gestion des déchets a entrainé de nombreuses discussions dans les fractions surtout depuis la nouvelle loi de 2012 et le principe du pollueur-payeur. Un groupe de travail dirigé par Madame Jessica Rommes a été mis sur pied afin d'appliquer au mieux les changements sous forme d'un règlement. La base du règlement sera le modèle proposé par le Ministère de l'Intérieur, car il devra être conforme à la législation. Il faut ajouter 360.000 euros au budget extraordinaire 2015 pour pouvoir couvrir les dépenses liées à ces changements, même s'il est peu probable que toute la somme soit dépensée pour la gestion des déchets. Monsieur le bourgmestre insiste sur le fait qu'il ne s'agit pas encore d'un projet de règlement, mais qu'il faut une prévision budgétaire pour mettre en place la nouvelle législation. Il ajoute que pour la gestion des eaux usées, la commune ne peut pas s'attendre à toucher un boni. Pour la révision du bassin d'eau, 28.000 euros sont prévus et l'Étude générale du réseau d'assainissement conduite par Schroeder & associés s'élève à 129.000 euros.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** anticipe la question au sujet des travaux dans la rue Notre-Dame et la rue de la Chapelle. Ceux-ci n'avancent pas, car la commune débutera les travaux en même temps que les travaux de la Poste. Il remercie Madame Nadine Braconnier (secrétaire) et Madame Jessica Rommes pour leur travail minutieux dans l'application de la procédure afin de percevoir des subsides (1,3 millions dans le budget 2014). Dans le budget rectifié figure également les 1.150.000 euros que l'État versera une fois que les travaux de la rue de l'Eau auront commencé (les 150.000 euros ont déjà été versés pour le bassin d'orage). Madame Nadine Braconnier a préparé le budget de 2015 et les prévisions de subsides auxquels la commune pourra s'attendre : le subside pour la maison relais um Widdem est inscrit dans le budget 2015 et 2016, 1 million a été prévu pour le fonds de réserve Pacte logement, 153.384 euros sont dédiés au réaménagement de la mairie et un subside du Ministère de la culture de 108.000 euros sont destinés à l'exploitation du Cercle avicole de Kayl. Au total, les recettes extraordinaires s'élèvent à 2.311.000 euros.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** fait remarquer que 7,2 millions d'euros avaient été prévus dans les dépenses extraordinaires, mais que seuls 4,8 millions seront investis, soit 68% du budget extraordinaire. L'opposition déplore que le budget soit « irréaliste » puisque toutes les sommes ne sont en fin de compte pas utilisées, mais Monsieur le bourgmestre est en faveur de cette situation, car dans le cas de la dépense totale du budget extraordinaire, la situation financière de la commune se dégraderait drastiquement. Il énumère ensuite les projets en cours qui sont repris dans le budget des dépenses extraordinaires : la maison relais um Widdem (1,2 millions d'euros) dont le chantier a débuté, est le projet le plus conséquent suivie par le chantier de la rue de l'Eau (1 million d'euros). Le projet de l'école du Faubourg est chiffré à 1 million d'euros et n'est pas encore en cours, car il manque les résultats d'une étude du sol devant le hall sportif à Kayl. Cette étude n'avait pas été commanditée, car le SICOSPORT avait émis le souhait de construire une piscine à cet endroit et le collège des bourgmestre et échevins pensait que l'étude commanditée par le SICOSPORT vaudrait également pour la construction d'un hall sportif. 800.000 euros seront investis dans la Schungfabrik et 400.000 euros sont prévus pour le Biergercenter. L'acquisition de poubelles (règlement sur la gestion des déchets) est un fait unique et s'élève à 360.000 euros ; lorsque le principe du pollueur-payeur sera d'application cet investissement devra être récupéré dans le budget ordinaire. Dans le cadre de la réduction des fuites d'eau, des détecteurs de fuite sont prévus ; la centrale téléphonique doit être remplacée ainsi que deux camionnettes. Monsieur le bourgmestre expose le problème du remplacement d'autres véhicules du service technique : certains véhicules auraient déjà dû être remplacés en 2014 et il faudra donc prévoir une dépense de 150.000 euros dans le plan pluriannuel. La commission des finances a soulevé la question du financement de l'électricité de la borne électrique sur le parking du Brill. À l'heure actuelle aucune décision n'a été prise, mais Monsieur le bourgmestre estime que si la commune veut promouvoir les voitures électriques, il est préférable de ne pas faire payer pour l'électricité dans un premier temps.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** expose le problème du système d'accès avec puces. En effet, le fournisseur des clés pour le système actuel de fermeture ne peut garantir la livraison de nouvelles clés et le devis pour le nouveau système avec puces est chiffré à 200.000 euros. Le système

de fermeture sera donc installé au fur et à mesure et dans le cas d'une perte de clé ou d'un départ à la retraite, la clé concernée sera désactivée.

La rénovation des extérieurs du Widdem est estimée à 150.000 euros. Un programme de promotion des transports publics comprenant l'installation d'abris-bus est ajoutée au plan pluriannuel. 150.000 euros sont prévus pour la restauration de la maison communale et surtout du bâtiment de l'office social. L'architecte de la commune de Kayl, Madame Negri, a la mission de préparer un devis pour la restauration et l'assainissement énergétique du bâtiment. Dans le cadre du Pacte climat, des études seront menées afin de rationaliser l'alimentation en énergie des bâtiments communaux (10.000 euros). Une autre étude sera dédiée à l'évacuation des eaux superficielles dans la rue de Tétange. Un scanning des dossiers du Biergercenter a été proposé comme alternative à l'achat d'une armoire sur roulettes pour stocker les documents. Monsieur le bourgmestre soutient l'idée de scanner tous les documents et de les conserver sur un serveur. Ensuite, diverses acquisitions sont ajoutées au budget dont un parlophone pour l'école Zwergeland ainsi qu'un abri pour bicyclettes et un système d'air conditionné dans les toilettes (40.000 euros). Il annonce qu'à partir de maintenant, une fiche de contrôle financier sera gérée électroniquement pour pouvoir mieux superviser les devis de la commune. Il présente des exemples de devis qui était beaucoup plus élevés que les dépenses effectives pour lesdits projets.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** remercie le conseil pour son attention et donne la parole à Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng). Celui-ci souligne que l'augmentation des dépenses communales est d'ordre structurel, car ces dépenses ne peuvent être évitées par des décisions politiques. Au fil des années, les dotations et aides étatiques se sont détériorées : en 2011, elles s'élevaient à 2.912 euros par habitant, en 2014 à 2.930 euros par habitant alors que la population de la commune n'a cessé de croître. Il ajoute que l'autonomie de la commune a baissé ces dernières années à cause de l'augmentation de la charge financière.

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** se penche sur les dépenses liées à l'enseignement et constate qu'il y a eu une hausse de 215.970 euros. La participation au traitement des enseignants constitue la plus grande part de ces dépenses (132.000 euros) et la commune ne peut influer sur celles-ci. La dépense additionnelle de 18.561 euros pour les frais de vacances pédagogiques émane d'une décision politique puisque plus de classes partent en colonie de vacance cette année. En revanche, la commune économise 26.000 euros pour la location des piscines, car trois classes n'auront plus besoin de se rendre dans les piscines de communes voisines. Enfin, il explique qu'au regard de la totalité des dépenses, la majeure partie est de nature structurelle et n'est pas le résultat de décisions politiques.

Au sujet de la Maison relais, Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng) avise le conseil du fait que la part du budget vouée aux salaires du personnel est en hausse (122.000 euros en plus) et que le prix par repas a augmenté de 6,88 euros à 7,50 euros. Cette hausse est liée à la Directive européenne stipulant qu'un étiquetage doit lister tous les allergènes contenus dans les aliments. Ceci contraint les fournisseurs à engager plus de personnel et à augmenter les prix des produits finis. Un projet politique relatif à un système de gestion du personnel de la Maison relais plus performant que le système actuel (tableau Excel à remplir manuellement et ne reprenant que les jours de travail et non les heures de travail) a été proposé et se chiffre à 19.000 euros. Un nouveau poste de budget (5.000 euros) a été ajouté cette année pour les manifestations de la Maison relais, car les parents d'élèves seront plus souvent invités à contribuer aux activités de la Maison relais.

Dans le volet de l'environnement, la participation pour les syndicats STEP et SYCOSAL augmente soit 70.000 euros de plus pour STEP et 45.000 euros pour le SYCOSAL. 10.000 euros ont été ajoutés pour des projets du Conseil écologique. En matière de protection de l'environnement, 45.000 euros sont prévus pour une étude sur la protection de l'environnement et la consommation d'énergie de la commune. Ce projet se fera avec le concours de l'Oeko-Bureau de Rumelange et du Conseiller écologique.

Dans les dépenses ordinaires, Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng) illustre certains projets issus d'une initiative politique : dans le cadre des cotisations aux associations professionnelles, une convention (7.500 euros) sera signée avec le Cent-Butték, car un tiers des habitants de la commune est client du Cent-Butték de Bettembourg. 20.000 euros sont dédiés à l'initiative « Liewensufank ».

La location des fibres optiques coûte 31.000 euros à la commune, mais globalement, des économies seront faites sur les abonnements Internet (location de plusieurs serveurs dans les écoles p.ex.). Le projet a commencé pour l'atelier et les écoles seront dotées de la fibre optique pendant les vacances de carnaval puis la Schungfabrik et le centre d'intervention.



**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** tient à informer le conseil que pour les subventions aux associations un critère écologique sera introduit ; une surprime de 3.000 euros servira à soutenir les associations qui utilisent des produits Fairtrade, des ustensiles biodégradables ou qui utilisent le « Spullweenchen » lors d'évènements dédiés à l'écologie et au développement durable. Pour les dépenses extraordinaires, Monsieur Patrick Brücher se réfère aux projets qui sont dans le programme de la coalitio : l'extension de l'école Faubourg et la prise en charge toute la journée par la Maison relais um Widdem. La restructuration de l'école Faubourg sera présentée au conseil début 2015 et les travaux pourront commencer l'année suivante. Pour l'instant, une étude sur la qualité du sol est en cours. La plantation de surfaces vertes dans la cours de récréation à Tétange sera réalisée avec le CIGL (150.000 euros). Le devis initial s'élevait à 700.000 euros ce que Monsieur Patrick Brücher trouve illusoire. Par ailleurs, ici aussi les sols devront être d'abord être étudiés, car il faudra éliminer le HPA (hydrocarbones polycycliques aromatiques) dans l'asphalte, mais ceci n'est pas compris dans les 150.000 euros. L'école um Widdem aura quatre salles de classe supplémentaires pour le cycle 1, mais comme le projet n'est pas encore finalisé, seuls 100.000 euros ont pour l'instant été ajoutés au budget. Pour la rénovation de la Schungfabrik, 800.000 euros sont prévus pour l'année prochaine ; le devis total monte à 3.838.000 euros. Un monte-charge et une rampe de chargement seront aménagés, l'entrée principale sera déplacée et quatre salles de répétition seront installées dans la cave.

Dans le volet écologique, le programme de la coalition vise surtout l'amélioration de la gestion des déchets et la conformité au principe du pollueur-payeur (360.000 euros sont prévus dans le budget extraordinaire). Pour le matériel nécessaire au tri des déchets, 60.000 euros sont prévus. Les premiers bacs pour le tri des déchets seront installés dans l'école Jean-Pierre Nuel, ces 60.000 euros supplémentaires font dépasser le devis initial de 20.000 euros, mais ce système devra aussi être installé dans la Schungfabrik. Bien que le projet d'installer des panneaux solaires sur le toit de l'atelier communal soit tombé à l'eau à cause de la statique du toit, un nouveau projet est prévu (50.000 euros). Une étude de faisabilité d'un « monitoring énergie » doit être lancée, c'est pourquoi 10.000 euros ont été ajoutés au budget. Dans le cadre de l'installation de la borne électrique sur le parking du Brill, Monsieur Patrick Brücher précise que le gouvernement prévoit 40.000 voitures électriques et un réseau de 800 bornes électriques à travers le pays d'ici 2020. Pour soutenir la promotion de la mobilité douce, les 31 arrêts de bus de la commune seront progressivement recouverts d'un toit (60.000 euros).

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** remercie Monsieur Patrick Brücher pour toutes les informations qu'il a fournies et laisse la parole à Monsieur Marcel Humbert (échevin, LSAP). Celui-ci tient à soulever quelques points au sujet du budget 2015 et des projets qui ont été réalisés en 2014. Il félicite les activités proposées par le Club senior de la commune de Rumelange et précise qu'un tiers des clients est issu de la commune de Kayl-Tétange. Le nombre des clients résidents de Kayl-Tétange a augmenté de 20% entre 2013 et 2014. Les dépenses pour le Club senior sont plus élevées qu'en 2014, car la convention entre le Ministère de la Famille et les communes de Kayl et Tétange stipule que les deux communes prennent en charge 13% des dépenses. De plus, la commune de Kayl paie un loyer de 1.000 euros par mois à la commune de Rumelange pour le bâtiment du Club senior. La commission des seniors a lancé l'idée d'une convention avec la fondation Hëllef Doheem dans le cadre de son projet « Betreit Wunnen Doheem ». Le but est que les personnes âgées vivent le plus longtemps que possible à leur domicile et le projet vise les habitants de la commune de Kayl de plus de 60 ans. 20.000 euros ont été ajoutés au budget dans le but de réaliser cette convention. Monsieur Marcel Humbert accueille le fait que les hangars à leweschbuer soient mis à disposition des associations de la commune de Kayl-Tétange afin qu'elles puissent y stocker leur matériel. Les travaux pour l'aménagement de l'exploitation des éleveurs d'animaux ont bien avancés et les caves sont presque terminées. Par ailleurs, la nouvelle buvette du stade de football de Tétange et la cabine pour la presse sont terminées. Monsieur Marcel Humbert tient à remercier le Cercle des mandolinistes de Tétange et la Chorale « Ëmmer frou » qui ont accepté de se partager la salle de répétition de la Schungfabrik afin d'avoir plus d'espace de stockage pour le matériel, une toilette pour personnes handicapées et un bureau pour le portier. Les travaux de réaménagement du Centre culturel débuteront début mars ; ceux du grenier du Centre d'intervention sont en cours et se termineront en 2015. En 2015, des toilettes publiques supplémentaires seront installées pour les habitants au même endroit que là où sont actuellement les toilettes pour les chauffeurs de bus (parking du Brill).

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** clôt le point 5 – Présentation du budget et annonce le traitement des dossiers qui se tiendra à huis clos.

## Gemengerot
## Sëtzung vum Méinden, 15. Dezember 2014

**Dauer :** vun 15h00 bis 17h00

**Präsenz :** John Lorent, Buergermeeschter, Marcel Humbert an Patrick Brücher, Schäffen, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller'en, Nadine Braconnier, Sekretärin.

**Entschëllegt :** José Gonçalves

**Ordre du jour :**

1. **Vote vum Budget rectifié 2014 a Budget 2015**

**John Lorent (Buergermeeschter), LSAP**:
*Mir géifen eis dann drop eenegen, dass dräi Auer ass. De Schäffen Brücher well ech entschëllegen, dee kennt e bëssen méi spéit. Den Dossier vun haut resüméiert sech op zwou Saachen an dat ass de Budget rectifié vum Joer 2014 an de Budget 2015. Als éischten ass den Här Weiler aus der Urne gezunn gitt, ech hoffen dir sidd domat d'Accord well dir hutt souwisou de Choix net. Dir hutt virun iech e Cadeau vun der Gemeng leien. De Schäfferot huet soss ëmmer an der leschter Sitzung de Conseilleren e Cadeau ginn, mee iergendwann sinn d'Ideen ausgaangen an du hu mer eng Paus gemaach. Mir haten awer elo déi Ausstellung an der Schungfabrik vun de Artisten vu Montparnasse . An do hat een Artiste Bicken déi aus Holz gedréint waren an dat war dunn eng gutt Geleeënheet fir do zouzeschloen fir e klengt Present ze maachen. Dann hunn ech iech awer och eng Karbiddsluucht als Pins dohin geluecht. Dat soen ech elo als Président vum Comité Sainte-Barbe vun Téiteng. Mir hunn eng flott Entente tëschen dem Comité an der Gemeng an eis ëmmer géigesäiteg ënnerstëtzt an an deem Sënn gehéiert dem ganzen Gemengerot e grousse Merci vu Säiten vun Comité Sainte-Barbe. Et ass e flotten Pins, et ass eng Limitatioun vun enger Pierre-Schiltz-Luucht. Et ass eppes wat am Milieu vun de Leit déi esou Saachen sammelen ganz gesicht ass. Dat gesot ginn ech op Tagesordnung iwwer. Et ass Zäit dass Debatten stattfannen. Ech geng iech dann em är Wuertmeldungen bieden.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller), LSAP**:
*Merci Här Buergermeeschter, wann mer eis de Budget ukucken mussen mer feststellen, dass et e Budget vun der Continuitéit ass, an dass mer keng ganz grouss Spreng kennen maachen. Fir kennen ze schaffen mussen mer also Prioritéiten setzen. De Staatsbudget hellt de Gemengen alt nees e Stéck vun hirer eegener Autonomie ewech. Den Zukunftspak kascht d'Gemengen ongeféier 139 Milliounen. Dat kennt duerch d'Net-Participatioun vun de Gemengen un der TVA-Hausse, Biennalen déi net méi vum Staat gedroen ginn, an de Plafonnement vun de kommunalen Recetten vun de Steieren. Ech hunn d'Circulaire vum Syvicol gelies wou se dem Minister geschriwwen hunn. Menger Meenung no war et dofir vill e vill spéit. Allerdéngs huet een an den 258 Mesuren am Zukunftspak missten gutt kucken fir all déi verstoppten Mesuren erëm ze fannen. Déi Décisiounen vum Staat stellen natierlech den Equiliber vun eisem Budget a Fro a gëtt hinnen kee groussen Gestaltungsfräiraum. Dofir kann een dem Schäfferot mat den zwou Fraktiounen félicitéieren fir dee Budget deen se opgestallt hunn well mer et fäerdeg bruecht hunn en Budget op Been ze stellen ouni en Emprunt ze maachen. Dat ass net evident well ech erënneren drun, dass wéi mer 2005 ugefaangen hunn an d'Majoritéit iwwerholl hunn dunn hu mer als alleréischt mol missten en Emprunt vun 5 Milliounen maachen fir all déi Saachen déi geplangt waren kennen ze bezuelen. Dofir ass de Budget 2015 e Budget vun der Vernunft. Mir hunn eis op dat wesentlecht konzentréiert an ech wäert och just iwwert den extraordinären Budget hei schwätzen well ech hunn et elo schonn véiermol nogelauschtert.*

*Den extraordinären Budget ass ambitiéis, mir schwätzen vun iwwer 8 Millioune Ausgaben, am rectifié hu mer der net grad 5 Millioune ausgesinn. Den décksten Posten ass natierlech den Invest an eis Maison relais fir 1,2 Millioune. Wéi mer do ugefaangen hunn do haten mer just eng Kantin. D'Sozialistesch Frak–tioun déi sechs Joer eleng an der Verantwortung war huet sech virgeholl d'Maison relais opzebauen an mir hunn et komplett duerchgezunn. Dat bréngt natierlech eng ganz Rei Folgekäschten mat sech déi eisen ordinairen Budget all Joer belaaschten mee ech mengen, dass d'Décisioun déi richteg war well et ass en Invest an d'Zufunkt well d'Kanner an d'Familien ass dat wichtegst wat eng Gemeng huet. Wa mer mat der neier Maison relais fäerdeg sinn dann hu mir eng modern Struktur fir d'Ganzdagsbetreiung do stoen an mir léisen eist Wahlverspriechen an obwuel et dorëm net geet. Mir sinn där Generatioun déi no eis kennt dat schëlleg. An et ass iech jo och sécher net entgaangen, dass am Budget schonn eng weider Maison relais virgesinn ass zu Téiteng och wann se just mat 10.000 Euro drasteet fir Études ze maachen.*

*Den 2. groussen Invest ass d'Faubourgschoul déi onbedingt muss gemaach ginn an wou mer och eng Milliou an de Budget gesat hunn. Och dat ass en Invest an d'Zukunft deen mer konsequent mussen virundreiwen grad esou wei de Schoulhaff zu Téiteng deen mat 150.000 Euro am Budget steet. Wat och muss gemaach ginn ass de Buedem vun der Sportshal vu bal 300.000 Euro. Do si mer an engem interkomunalen Syndikat mat deene Rëmelenger an och do muss de Buedem erneiert ginn och wann dat e Joer méi spéit geschitt. Och en decke Pak Geld kascht d'Ariichten vun engem Biergercenter, mee och dat si mer der Bevëlkerung schëlleg fir en anstännegen Service unzebidden, et geet nämlech net duer just d'Öffnungszäiten auszeweiden. Eng Never Ending Story ass d'Schungfabrik déi nächst Joer 800.000 Euro verschlengt. Mee do ass et wichteg, dass dat Gebai endlech commodo-incommodo konform gemaach gëtt. D'Waassergas steet nach mat enger Milliou am Budget, do hunn d'Arbeschten ugefaangen an mussen fäerdeg gestallt ginn. De Faubourg an d'Schëfflenger Strooss sinn fäerdeg och wann mir net dofir verantwortlech sinn, sou dass d'Stroosseninfrastrukturen fir d'nächst Joer gutt sinn, ausser dass mer no der Biermecht mussen kucken.*

*Ech well een Wuert verléieren iwwert d'Verkéierskonzept. Do mussen mer eis eeschthaft Gedanken maachen fir 2015 an 2016 a mussen kucken, dass et esou schnell wéi méiglech erbäi kennt well et ass just eng Fro vun der Zäit, bis dass am Faubourg wou all Dag honnerte vu Kanner derduerch lafen eng Kéier eent ugestouss gëtt. Den Transit an Duerchgangsverkéier vun hannert der Grenz sicht sech ëmmer aner Schläichweeër an lo stinn se och schonn moies am Faubourg am Stau an dat ass net gutt. En aneren Posten ass d'Müllkonzept mat engem Betrag vun 360.000 Euro, dee schéngt eis héich ze sinn, mee dat mussen mer wierklech maachen an do dann och Investissementer maachen. Ech soen iech Merci, an Här Buergermeeschter, dir sit bestëmmt net iwwerrascht, dass eis Fraktioun de Budget um Enn wäert stëmmen.*

**Patrick Krings, Conseiller (DP)**:
*E Freiden hu mer vum Här Lorent a vum Här Brücher eng propper PowerPoint Presentatioun gebuede kritt, déi fein an iwwersiichtlech war. Et war bestëmmt keen Death by PowerPoint, esou wéi dat oft bei esou Presentatiounen de Fall ass, awer leider konnten sie eis vum Inhalt hier ganz a guer nët iwwerzeegen. An hire Virtreeg konnte mer keng richteg Planung erkennen a keng Philosophie, wéi et mat eiser Gemeng soll viru goen. Et war kee rouden a kee gréngen Fuedem dodran ze gesinn.*

*Selbstverständlech si mer mat enger ganzer Rei vu Budgetspunkten d'accord, well se eng ganz normal Saach sinn, déi egal wellech Majoritéit fréier oder spéider hätt maache missen, oder déi och an eisem Walprogramm stoungen, wéi zum Beispill d'Waassergaass, d'Schungfabrik, de Buedem vun der Sportshal oder d'Maison relais.*

*Et ass och gutt, dass d'Gemengeschold weider erof geet, an dass investéiert soll ginn. D'läscht Joer hat ech bemängelt, dass den Ënnerscheed tëschent dem Budget initial an dem Budget rectifié wat Dépenses extraordinaires ubelaangt einfach ze grouss war, fir dee Budget eescht ze huelen. Nëmmen 40% vum de Suen, déi virgesi waren, ware verschafft ginn, wat fir eis keng realistesch Budgetspolitik ass. De Budget rectifié 2014 steet glécklecherweis erëm besser do – wou bal 70% verschafft gi sinn, wat am Beräich vum Normalen ass. Vun der Fantasy si mer méi no bei d'Reality komm.*

*Déi puer Saachen ginn allerdéngs nët duer, fir dass d'DP dëse Budget matstëmme kann. Eis Haptsuerg fir d'Zukunft läit nach ëmmer an der Entwécklung vum Budget ordinaire, dat war jo och schonn e Freiden vun der Majoritéit ugeklongen, wou den Ënnerscheed tëschent Recettes an Dépenses einfach ze kleng bleift a mer nët genuch Capacité d'autofinancement hunn. Mer wëssen, dass dat haaptsächlech op d'Paien an Soziallaaschten zeréck ze féieren ass – déi sinn déi läscht Joren enorm an d'Lut gaangen well eise Schäfferot eng iwwerméisseg Personalpolitik bedriwwen huet. Mer si gär mat d'Accord, dass eng Gemeng, déi hire Bierger e gudde Service ubidde wëllt och genuch a gutt qualifizéiert Personal astelle muss fir dës Aufgab anstänneg ze erleedegen, awer an eiser Gemeng ass dës Entwéckelung ze rasant vu sech gaangen.*

*Doduerch gëtt de finanzielle Spillraum vun eiser Gemeng ëmmer méi enk. Dat ass ganz bedenklech well vum Staat ëmmer méi Verpflichtungen op d'Gemengen duer kommen an och well d'Populatioun ëmmer méi Ysprëch un d'Gemengen stellt.*

*Och duerch den Zukunftspak vun der aktueller Regierung komme méi schwéier Zäiten op eis Gemeng duer. Ech wëll hei awer nët mam Lamentéieren vun eisem Buergermeeschter an eisem gréngе Schäffen astëmmen. E Freiden huet e bal gemengt hir Parteien wären op d'Landesebene an der Oppositioun a si géinge kee kennen, den an der Regierung ass. Mär vertrauen drop, dass dës Regierung d'Gemengen nët am Stach léisst. Den Inneminister Dan Kersch war jo selwer Buergermeeschter an och President vum Syvicol, sou dass mer iwwerzeegt sinn, dass hien den Dossier gutt kennt an d'Gemengen nët fale léisst. Et ass awer richteg, dass wann d'ganzt Land de Rimm méi enk schnalle muss, d'Gemengen och hire Bäitrag leeschte mussen. Ech kann nëmme soen, dass, wa mer eis mat anere Länner vergläichen, mär hei zu Lëtzebuerg op ganz héijem Niveau kloen.*

*Wou ech mat d'Accord sinn, ass dat de Verdeelungsschlëssel vun der Gewerbesteier an den Dotatiounen vum Staat nei iwwerduecht gi muss, well haaptsächlech d'Südgemengen do schlecht ewech kommen, an*

eis Gemeng ass bekanntlech eng vun deenen, déi do am schlechsten ewech kënnt. Trotz allem kënnt d'Käler Gemeng awer och dëst Joer nët méi schlecht ewech ewéi an der Vergaangenheet. Wa mer op Säit 15 vum Budget kucken, gesi mer, dass d'Gewerbesteier an d'Dotation Financière liicht iwwer dem Niveau vum lëschte Joer leien.

Et ass awer fir eis kloer, dass mer an Zukunft méi genee iwwerpréiwe mussen, wat fir eng Ausgaben gemaach ginn. Et gi Saachen, déi si flott ze hunn, awer nët onbedingt noutwenneg, wann e knapp bei Caisse ass. Iwwerdeckte Velosstänneren hätte mer nët gebraucht an och Stations d'informations multimédia zum Beispill sinn nët noutwenneg a verschandelen nëmmen d'Bild vun eisen Uertschaften.

D'Syndikater kaschten eng enorm Staang Geld – mär brauchen sie ganz bestëmmt, well se ganz wichteg Aufgaben zesummen mat Nopeschgemengen erleedegen, awer wéi schonn e Freiden ugeklongen ass, hunn sie en Eegeliewen an eis Gemeng, wéi déi aner Gemengen och, huet nëmmen indirekten Afloss op d'Entscheedungen, déi do getraff ginn an déi Gelder, déi do engagéiert ginn. Mär mengen, dass hei awer ganz grousse Spuerpotenzial ass, an dass d'Gemengen sech zesummendoen mussen, fir och do eng besser Finanzpolitik ze bedreiwen. Hei gëtt och ëmmer méi Personal agestallt, d'Gemengen bezuele jo, an et ass nët sécher op déi Leit och ëmmer gebraucht ginn oder richteg agesat sinn. Verschidden Syndikater sollten och op de Privatsektor zeréckgräifen fir hir Käschten besser ënner Kontroll ze kréien. Den TICE zum Beispill kéint sich un der Stad Lëtzebuerg orientéieren a Privatbusse fueren loossen. Da bräichten se nët andauernd nei Bussen ze kafen an hiren Dépôt schonn erëm eng Kéier auszebauen.

Fir aus dem PROSUD auszetrieden, den eis jo awer ëmmerhin iwwer 15.000 Euro kascht, schéine mer nët laanscht geriichtlech Schrëtt ze kommen, well verschidde Gemengen eis nët wëllen eraus loossen. Dat weist awer och op e schlecht Verhältnis vun eisem Schäfferot mat de Schäfferéit vun den aneren Gemengen hin. Mer mussen awer kucken eng gutt Zesummenaarbecht mat aneren Gemengen ze maachen. Trotz eisen 8.500 Awunner si mer ze kleng fir alles selwer maachen ze wëllen. Dofir sinn Synergien mat Nopeschgemengen ubruecht. Dass dat geet beweist jo de Bëschkierfech (mat Schëffleng), eis Sportsinfrastrukturen (mat Rëmeleng), de Club Senior (och mat Rëmeleng), d'Schwämmen fir d'Schoulkanner (Beetebuerg). En eegenen Kulturbeoptragten, en eegenen Urbanist, en eegenen Emweltberoder ze hunn, dat ass alles zwar ganz schéin, awer mär mengen et wier méi efficace mat eisen Noperen do zesummen ze schaffen an eis d'Käschten ze deelen.

Komme mer awer méi op dëse Budget 2015 ze schwätzen. Hei wollt ech fir d'éischt emol nofroen, ob op Säit 10, wou de Relevé du personnel communal steet, nët e klenge Feeler ënnerlaf ass. Do solle mer 17 salariés à tâche intellectuelle mat 40 Stonnen hunn; den Total ass awer do mat 700 Stonnen amplaz 680 uginn.

An den Dépenses extraordinaires hat den Här Buergermeeschter 6 gréisser Artikelen besonnesch erwänt. Mam Bau vun der Maison Relais, déi eis dëst Joer 1,2 Mio kascht, si mer ganz averstanen, wéi och mat den Aarbechten an der Schungfabrik an dem Réaménagement vun der Waassergaass. An der Schungfabrik bleift awer nach vill ze dinn a mir gengen eis wënschen, dass et do séier geng virun goen. D'Biergeramt hate mer och matgestëmmt, obschonn déi Dépense eis ganz héich schéint. Iwwert d'Faubourgsschoul hu mer e Freiden ze wéineg Informatiounen kritt, déi och nach widderspréchlech waren. Am Libellé geet Rieds vun „Restauration de l'école du Faubourg", am Slide vum Här Brücher stoung awer Nouveau bâtiment, construction modulaire. Hei wiere mer frou, wann der eis haut nach méi genee verziele géift, wat der do wëlles hutt. Och wann de Projet nach nët ganz sprochräif ass, misste mer méi doriwwer informéiert ginn, ier mer Kreditter dofir stëmme kënnen. Dat selwecht gëllt fir d'Acquisition de poubelles, an dem nouveau règlement des déchets fir 360.000 Euro. Wat fir eng nei Punkten sinn an dësem Reglement virgesinn? Wat fir eng Virdeeler hunn se? Kascht et eis Bierger méi?

Mär hunn awer och nach eng Rei vun aner Prioritéiten, déi an dësem Budget schlecht ewech kommen:

1. D'Liewensqualitéit an eiser Gemeng muss erhale ginn, bezéiungsweis verbessert ginn. Mär hunn d'Chance praktesch duerch d'Mëtt vun eiser Gemeng mam Park Ouerbett bis de Futtballsterrain an de Park Nic. Wilhelm e flotte gréinge Beräich ze hunn. Ënner Paranthèse wëll ech hei just froen wéi et mat den Toiletten do ass? Awer eis Haaptachsen gesinn zimlech trostlos aus a missten méi gréng ginn, duerch Planzen vu Beem a weideren Gringanlagen. Sou geng eng vill méi agréabel Atmosphär an eisen Uertschaften geschaaf gin.

2. Käl an Téiteng solle méi alters- a behënnertegerecht gemaach ginn. Et muss besser méiglech sinn fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit sech ze déplacéieren. Dat ass e Problem, deen een eigentlech eréischt wierklech erkennt, wann een et mat enger Persoun ze dinn huet, déi an deem Fall ass.

3. Mer hunn an der Vergaangenheet och dorop higewisen, dass verschidde Stroossen, zum Beispill den Hesselsbierg, endlech eng modern Beleuchtung kréie missten. Mer haten eng Kéier e Batz Suen ausginn fir City Beautification, wou Beem beliicht gi



sinn. Et wier elo bestëmmt méi wichteg fir Suen op Plazen auszeginn, wou et besonnesch wichteg ass. Wat d'Beleuchtung ubelaangt feelen an der Tëschenzäit och dräi Luten tëschent der rue du Mont Saint Jean an dem Rond Point. Déi sinn duerch Accidenter ewech komm awer nach nët ersat ginn. Iwweregens sinn och zwee Beem op déi selwecht Aart a Weis do ewech komm. Ceci entre parenthèses.

4. Fir eis ass et och wichteg, dass d'Gemeng e Plang entwéckelt fir méi Parkplazen ze schafen. Mär wëllen och d'Mobilité douce encouragéieren, d'Leit solle méi ze Fouss goen, mam Vëlo fueren an den ëffentlechen Transport benotzen. Et ass awer e Fait, dass eis Geschäfter a Restauranten ouni Parkplazen nët iwwerliewe kënnen. Mär hunn besonnesch zu Käl nach d'Chance eng diversifiéiert Geschäftswelt ze hunn, a fir d'Liewensqualitéit vun den Awunner ass et wichteg, dass se bestoe bleift and vläit nach ausgebaut gëtt. D'Groussstross zu Käl ass e wichtege Point de Rencontre fir eis Bierger an sie soll et och bleiwen. Awer eleng mat de Leit, déi ze Fouss oder mam Vëlo dohinner kommen, kënnen eis Geschäfter nët iwwerliewen. Weidere Parkraum ass hei noutwenneg. Fir méi Parkingen ze schafen. kéint eis Verkéiersetude behëlleflech sinn, an et kéint eventuell ugeduecht ginn e Parkhaus à la CFL an der Stad hei ze realiséieren.

5. Och bei de Garen wier et wichteg Parkraum ze erschléissen, well et wier wichteg erëm méi Leit op den Zuch ze kréien. Do misst allerdéngs och nach mat der Regierung an der CFL verhandelt ginn. De Käldall brauch eng besser Zuchubannung, besonnesch un d'Stad. Wat mär awer maache kënnen ass d'Méiglechkeet ze ënnersichen fir Zucharrêten op verschidden Plazen a eiser Gemeng anzeriichten. Am Moment ass d'Parkingsituatioun bei eisen zwou Garen ganz katastrofal. Besonnesch zu Käl ass et kaum méi säin Auto ofzestellen.

6. Dass e Wee vun der Biermecht op d'Käler Gare gemaach gëtt, dat ass eng gutt Saach, awer och zu Téiteng misst et méi liicht sinn vum Quartier Waassergaass bei d'Gare ze kommen. Do besteet schonn zënter Joren e Plang fir eng Iwwerführung, ob deen een och eng Kéier zeréck komme kéint.

7. Iwwert de Bus ass an de lëschten Sitzungen jo scho vill geschwat ginn, dofir wëll ech haut nët schonn erëm dorop agoen. Et ass gutt, dass mer iwwerall Bushaisercher kréien sollen. Ech wollt do just nofroen, wat fir eng Plazen do Prioritéit hunn. Ech selwer si schonn e puer Mol gefrot ginn, dat onbedingt bei der Schungfabrik en Ënnerdaach misst kommen.

8. Mam Faubourg hat ech de Problem Schoul scho kuerz ugeschnidden. De Site Faubourg ass eiser Meenong an der Zäit vun haut kee gudde Site méi. Et ass ze vill Verkéier mat Geforen fir d'Kanner an och fir hir Gesondheet. Mer solle wierklech doriwwer nodenken, en anere Site fir dës Schol ze fannen. Awer och iwwer de Programm sëchere Schoulwee héiere mer näischt méi. Fir eis, ass dat awer och e ganz wesentleche Punkt, well de Verkéier ëmmer méi zouhëlt an domat och d'Geforen fir eis Schoulkanner. Hei stoung eemol de Projet Pedibus am Raum - dovun héiert een awer näischt méi. Ass dee Projet an der Tëschenzäit gestuerwen?

Och wat d'Quartiersschoulen ubelaangt, hu mer e Freiden kee Pipcheswiertchen héieren. An dat ganzt war virun dräi Joer mat so groussem Tammtamm ugekënnegt ginn. Wou sti mer do?

9. Wat d'Bauen an eiser Gemeng ubelaangt, schéine mer vun der Gemeng aus nach ëmmer kee richtege System ze hunn. Wa mer eis jonk Leit an der Gemeng hale wëllen, muss bezuelbar Bausubstanz geschaf ginn. Den IVL an elo d'Plans sectoriels si schonn d'Baach eran gaangen, an et muss en sech froen, ob et mat Käl Nord nët selwecht geet. Mer kënnen awer och nët nach jorelaang waarden, bis dat iergend eng Kéier Realitéit gëtt.

10. Iwwert eis Senioren huet just de Schäffen Marcel Humbert e puer Wuert verluer. Hei si mer frou iwwert déi gutt Zesummenaarbecht mam Club Seniors vu Rëmeleng an och iwwert de Projet „Betreit Wunnen Doheem". Mer däerfen awer nët aus den Aen verléieren, dass eis Populatioun ëmmer méi all gëtt, an dass mer drun denke mussen d'Méiglechkeet ze schafen fir Logements encadrés (betreit Wunnen) opzeriichten. Eng Senioreresidenz kéint ganz gutt en Partenariat mat engem private Bedreiwer op d'Schinn gesat ginn.

D'DP ass op alle Fall gewëllt an der Gemeng am Intérêt vun all Bierger matzeschaffen. Mär maache keng blann oder negativ Oppositiounspolitik. D'Zukunft vun eisen zwou Uertschaften läit eis um Häerz. Ech hunn nach vergiess ze soen, dass mer eng Kéier mussen kucken wat mam Schlakentipp soll geschéien. Mee et ass wichteg wéi a wou mer nach Wunnraum schafen an ze kucken wéi mer d'Liewensqualitéit fir Jonk an Aal zu Téiteng an zu Käl kënne verbesseren. Mär sinn wéi ëmmer gewëllt kollegial mat dëser Majoritéit zesummen ze schaffen, awer esou, wéi dëse Budget sech hei presentéiert, kënne mer en nët matstëmmen.

**Viviane Schenten-Petry, Conseiller (déi gréng)**: Fir d'éischt soen ech dem Schäfferot Merci fir d'Form vun der Présentatioun vum Budget leschte Freiden an

der Madame Braconnier fir d'Ausschaffe vum Dokument. Als Spriecherin vun de Gréngen well ech haut net mat an d' Gesouers iwwert d'Gemenge Recetten an Dépensen agoen. Wuesstem ass net onbegrenzt méiglech, mir sinn elo an enger Zäit wou mer eis ëmmer méi bewosst ginn dat et de falsche Wee ass op Quantitéit ze setzen am Platz vun der Qualitéit. Wa mer fir 2015 en Total vun 1,7 Mill Euro hunn, also e Méi un Dépensen an e Manner u Recetten zesummegezielt, dann ass et em sou méi wichteg déi Suen déi mer hunn sënnvoll anzesetzen. Den Här Buergermeeschter huet e Freiden den Eed ugeschwat, dee mir Conseilen a Conseillèren geschwuer hunn, dat mir Obligatiounen hunn Reglementer conforme zur Legislatioun ëmzesetzen. Dat ass richteg, ech denken, dass mir eis dem bewosst sinn - mee an Zäiten wou d'Gelder net méi einfach esou no spruddelen ass et um Schäfferot fir mam Handlungsspillraum ze schaffen den eng Gemeng huet fir d'Obligatiounen ze erfëllen. Et ass nët ëmmer esou, dass dat déi deierst Variant déi bescht ass. Als gréng Fraktioun maache mir en Appel un de Schäfferot mat dem Budget dee mir stëmmen virsiichteg ëmzegoen an déi Investissementer efficace ze kontrolléieren mat de Gemengenservicer déi dem Schäfferot zur Verfügung stinn. Nieft all de Chifferen déi e Freide genannt goufen ass och de Saz gefall, dass mir eise Bierger a Biergerinnen eng gutt Liewensqualitéit garantéiere mussen. Déi gréng Fraktioun begréisst, dass am Budget d'Ëmsetzung vu soziale Projeten virgesi sinn - ugefangen bei der Berodung a Begleedung vun Elteren an Erzéihungsfroen bis zur Ënnerstëtzung vun eeleren oder kranke Leit am Kader vun engem Projet betreit Wunnen doheem. E Gréngt Thema ass Natur an EMWELTSCHUTZ, wou 2015 souwuel der Gemeng wéi och de Käler an Téitenger Leit en Emweltberoder zur Verfügung steet. Weider gëtt och 2015 an de kommunale Klimaschutz wéi och an en Energiekonzept investéiert. Eng Fotovoltaikanlag ass geplangt. De Spullweenchen wéi och biodégradabelt Iessgeschier stinn de Veräiner zur Verfügung. E Konzept fir Müll Trennung a Schoulen, Maison Relais an an der Schungfabrik ass 2014 ausgeschafft ginn, 2015 gëtt d'Material geliwwert fir den Tri vum Offall ze maachen. Mobilitéit ass en Thema, wou zu Käl de Schung dréckt. Mir hoffen, dass 2015 de Gehwee tëscht der rue Biermecht an dem Zentrum vu Käl färdeg gëtt, d'Verkéiers-Étude eis Resultater liwwert wéi mer de Verkéiers-Chaos an de Gréff kréien. Mir begréissen, dass Bushaltestellen iwwerdeckt ginn an de séchere Schoulwee weider ausgeschafft gëtt. Investéiert gëtt weider an d'Stroossen- an an d'Waasser Netz, an d'Renovatioun vu Gebaier wéi och d'Schungfabrik, wat mir begréissen. E sensibele Punkt ass d' Ëmsetzung vun de Quartiersschoulen, wou mer de Schäfferot froen fir den Dossier prioritär ze behandelen. Am Budget rectifié 2014 fir d' Faubourgsschoul steet e Montant vun 110.000 Euro, deen héich ass am Verglach mam Montant vum Widdem wou d'Architektekäschte sech op e Montant vun 16.675 Euro belafen, esou dass mer sécher sinn, dass de neie Projet Faubourgschoul geschwënn ka mam Schoulpersonal an de politesche Vertrieder beschwat ginn. Wichteg ass et neie Schoulraum fir Cycle 1 Klassen ze schafen, si sinn um Limit wat de Klassen-Effektiv betrefft. Mir begréissen, dass um Budget fir den Enseignement nët gespuert gëtt, an d'Propositioun vum Comité d'Ecole respektéiert gëtt. Wat d'Maison Relais betrefft, si mer frou, dass de Bau zu Käl wiisst, a mam Plangen fir eng nei Maison Relais zu Téiteng ugefange gëtt. 2014 sinn Stonnen vun den Educateursposten op 40 Stonnen erhéicht ginn, wat sécherlech dozou bäidréit, dass an Zukunft manner Personalwiesel op d' Kanner duerkënnt. Weider ass och 2015 Budget virgesinn fir Konzeptentwécklung-Teamsupervisioun a Weiderbildung fir sämtlech Mataarbechter vun der Maison Relais. Demande vum Personal fir e gewësse Montant pro Site ze kréien fir spontan Ausgaben, a soumat méi flexibel an der Organisatioun vun Aktivitéiten ze sinn ass och accordéiert ginn. 2014 hunn d'Mataarbechter vun der MR Widdem d'Idee lancéiert fir d'Elteren op e Fest ze invitéieren, 2015 soll dës Initiativ fir eng méi enk Zesummenaarbecht och op anere Siten intensivéiert ginn. Mat der weiderhin finanzieller Ënnerstëtzung vu Säiten der Gemeng si mer och um Niveau vun de Betréiungsstrukturen um gudde Wee de Fokus op Qualitéit a Platz vu Quantitéit ze setzen. Merci fir d' Nolauschteren.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV)**:
Dass mer an enger schwiereger ekonomescher Situatioun sinn, wësse mer schonn zanter längerem. Mer fuerderen ëmmer erëm, dass mer den Uerdentleche Budget mussen an de Gréff kréien, fir dass mer och an Zukunft den Aufgabe vun der Gemeng kënnen nokommen. Bei ärer Presentatioun e Freide schwätzt der engersäits vun engem virsiichtege Budget, dee Sputt fir déi kommend Generatioune léisst, anerer Säit analyséiert der awer ganz richteg, wou d'Problemer vun eisem Budget leien. Mer gesinn op jiddefalls net, dass de Budget Sputt léisst fir déi nächste Joren. Ganz am Géigendeel. Et wäert äusserst schwiereg gi fir déi noutwenneg Investitiounen ze tätegen. Den Afloss, deen den „Zukunftspaak" op eis Gemeng huet ass fir 2015 schonn immens héich. 1 720 500.- € hutt der ausgerechent. Et ginn awer och nach Ukënnegungen, déi eréischt an deenen nächste Joren hier Auswierkung op eise Budget wäerten hunn. Gratis Kannerbetreiung, Taxes de prélèvement d'eau et de rejet d'eaux usées, Zouschoss beim Bau vu Kläranlagen, RGTR-Konventiounen mat de Gemengen, an d'Ofschafung vum Pacte Logement wäerten nach weider eise Budget belaaschten. Mer maachen dofir en Appel un d'Membere vun deenen dräi Parteien, déi an der Regierung vertruede sinn: Intervenéiert an de Gremie vun äre Parteien, fir dass d'Gemengen déi néideg finanziell Méiglechkeete behalen. Fir dass d'Gemengen och an Zukunft hiren Aufgaben anstänneg kënnen nokommen, d'Infrastrukturen an der Rei halen, an de Bierger eng gutt Liewensqualitéit bidde kënnen. D'uerdentlech Ausgabe ginn an d'Lut. D'uerdentlech Ausgabe sinn Engagementer, déi de Budget iwwer laang Zäit belaaschten. Der hutt ganz richteg festgestallt, dass d'Lounkäschte vum Personal dee gréissten Deel ausmaachen. Mer ginn es net midd, a setzen eis fir eng virsiichteg Personalpolitik an. An deem Zesummenhang wollte mer nofroen, op duerch d'Schafe vun zousätzleche Posten fir Salariés à tâche manuelle, d'Zuel vun de geleeschten Iwwerstonnen erof gaangen ass? Dëst war schliisslech d'Argumentatioun an der Gemengerotssitzung, fir déi zousätzlech Posten ze rechtfäerdegen. Duerch de Programm fir d'Gestion du personnel gëtt d'Administratioun vun der Maison Relais entlaascht. Erlaabt dat eis net, den administrativen Deel vun der Maison Relais e bëssen ze straffen? En decken Deel vun de Belaaschtungen sinn och d'Beiträg, déi mer un d'Syndicaten leeschten. Ouni wëllen d'Géigeleeschtung bei deenen meeschten Syndikater a Fro ze stellen, si mer der Meenung, dass hei muss méi Transparenz an d'Finanzen kommen, an dass d'Gemengeréit méi Matsproocherecht musse kréien. Ier gréisser Investissementer an de Sydikaten getätegt ginn, wär et gutt, wann dës an de Gemengeréit géinge virgestallt ginn, an de Vertrieder vun der Gemeng e kloeren Optrag géing kréien. Zu den Syndikater hunn ech nach zwou méi detailléiert Bemierkungen: Ech hat am Gemengerot e Virschlag gemaach fir d'Busverbindung Esch-Kayl ze verbesseren. Wann dëse Virschlag am Gemengerot als gutt empfont gëtt an eise Vertrieder dëse Virschlag dem Syndikat ënnerbreet, solle mer eis net esou einfach, mat onpräzisen Argumenter oofspeise loossen, mä d'Interessen vun eiser Gemeng besser verdeedegen. De Syndikat Pro-Sud ze verloossen schéngt net esou einfach ze sinn. Hei kënn der mat eiser ganzer Ënnerstëtzung zielen, Här Buergermeeschter, wann der wéi ugekënnegt weider juristech Schrëtt wëllt an d'Wee leeden. Wann et eis verwiert bleift fir de PRO-SUD ze verloossen, musse mer e Schratt weider goen an de PRO-SUD u sech a Fro stellen. Da wollten mer nach e puer Saachen zu den Dépenses Extraordinaires soen: 2013 waren 8 157 000.- € virgesinn, schlussendlech sinn 2 500 000.- € tatsächlech investéiert ginn. 2014 waren 7 757 000.- € virgesinn. Am Budget rectifié sinn nach 4 870 000.- € agedroen. 2015 sinn 8 225 000.- € virgesinn. Dës Investissementer sinn zum gréissten Deel Investissementer, déi vu Joer zu Joer no hanne geréckelt gi sinn. E puer Projeten sinn elo endlech méi konkret a sinn an Ugréff geholl ginn. Mer begréissen, dass et op de Chantieren vun der Maison Relais, an der rue de l'Eau weidergeet. Och dass d'Biedem an de Sportshalen an Ugréff geholl sollen ginn freet eis. Zu verschiddenen anere Punkten hu mer awer eis Bedenken, oder si sinn net kloer fir eis:

Dass d'Telefonszentral muss ersat ginn versti mer. 80.000.- € fir eng Telefonszentral ass awer iwwerdriwwen. 10 000 bis 20 000 Euro si fir eng Telefonszentral an deeër Gréisst realistesch. Gett de Système d'accès avec puces, dee virgesinn ass och genotzt fir den Zaïtmanagement? Dann zu der Elaboration du Plan d'Aménagement Général an Etude et plans fir de Projet Kayl Nord. A wéi fern hänken dës Punkte vum Plan sectoriel of ? Ass et hei sënnvoll de Moment Suen ze investéieren? Virun e puer Joer hat den Här Thomé gefrot dass de Wee Hunneméschklöppel soll gemaach ginn. Deemools huet et geheescht, dëse Wee géif dem Staat gehéieren. Huet sech un deeër Situatioun eppes geännert? Dass eng Borne électrique um Parking Brill soll installéiert ginn, fanne mer an der Rei. Bei der Fro, op déi payant solle sinn oder net si mer der Meenung, dass do d'Gemengen sech sollen eens ginn an dass wa méiglech déi selwecht Regelen am ganze Land sollen ugewannt ginn.

Mer fannen et gutt, dass d'Gemeng Dachflächen fir Photovoltaikanlagen zur Verfügung stellt. Wéi mer awer schonn zum Ausdrock bruet haten, si mer net domat averstanen, dass d'Gemeng als Bank fir eng privat Associatioun optrëtt, an en Photovoltaikanlag virfinanzéiert. Mer si frou, dass Bushaiserchер sollen opgestallt ginn. Dat ass eng vun de Fuerderungen, déi mer selwer schonn hei am Gemengerot virgedroen hunn. An dat ass méi wichteg wie d'Velosstänneren déi installéiert gi sinn. Zum Uschafe vun neien Dreckskëschten an neit Offall Reglement. Hei si mer gespaant, wat hei op eis duerkënnt. Beim Ausschaffe vun engem Reglement nom Prinzip Pollueur-payeur, muss een oppassen, dass et net e Prinzip Profiteur-non-payeur gëtt. Elo scho ginn et eng ganz Rei Leit, déi mat verschiddenen Tricken sech laanscht d'Taxe fir de Vidange vun den Dreckskëschten drécken. Mer bedaueren op jiddefalls, wann d'Pabeiersammlunge vun de Scouten an dem Ëmmerfrou sollen duerch een anert Konzept ersat ginn. Eng gutt Saach ass och d'ëffentlech Toilette op der Brillplaz. Ëffentlech Toilettë feelen an eiser Gemeng. Eng ëffentlech Toilette mécht natierlech nëmme Sënn, wann se net zougespaart ass. Do hunn ech héieren dass dat net wierklech kloer ass dass déi op ass fir de Public. E Foussgängerpassage tëschent der Biermecht an der Gare. D'nächst Joer kënne mer den 10. Gebuertsdag vun dësem Punkt am Budget feieren. Da wollte mer nach wëssen wat déi Ouerbett Rechnung vu WW+ um Budget rectifié 2014 ass? D'Beliichtung vun der Hesselsbunn, hei ass e Chantier ugefaange ginn, a mer froen eis, fir wat deen net scho laang ofgeschloss ginn ass. Hei stinn d'Grief ronderëm d'Sockele vun de Luten op, an de Chantier gesäit verlooss aus. De Schoulhaff zu Téiteng fanne mer regelméisseg um Budget erëm. De Projet deen elo virgesinn ass, ass op jiddefalls een aneren, wéi deen, deen de Gemengerot virgestallt kritt huet. En neie Projet muss dem Gemengerot op jiddefall nach eng Kéier virgeluecht ginn ier d'Arbeschten an Ugréff

*geholl ginn. Verschidden Uschafunge fir d'Schoul, hei steet ënner anerem eng Klimaanlag dran. Firwat gëtt déi gebrauch? Soll an Zukunft all Schoul mat Klimaanlagen ausgerüst ginn? Et ginn och Punkten, déi mer am Budget vermëssen: Et ass näischt virgesi fir d'ëffentlech Toilette am Ouerbett an näischt fir d'Verkéiersluuchte fir d'Foussgänger bei der Bréck zu Käl fir d'Sécherheet ze verbesseren. Wat geschitt mat deenen zwee Haiser beim Téitenger Fussballsterrain? Hei ass näischt virgesinn. Weder fir se ofzerappen, nach fir se ze verlounen. Si beim Ënnerhalt Sue virgesinn, fir dass endlech d'Auer vun der Téitenger Kierch ka gefleckt ginn? Do waren och alt aner Saachen wou Reparaturen zréckgestallt gi sinn well net genuch Suen am Budget waren.*

*Mir hoffen, dass eis Ureegungen dozou bäidroen, dass mer eng gutt Politik an der Gemeng maachen a soen iech Merci fir d'Nolauschteren.*

**Astrid Müller-Belleville, Conseiller (LSAP)***:*
*Ech wollt am Fong just e puer Erklärungen ofginn zu de Syndikater an deenen ech Représentant sinn well do sinn jo d'Fraisen an d'Luucht gaangen. Dat éischt ass de Sycosal. Do ass de Budget em ronn 45.000 Euro an d'Luucht gaangen. Hei ass eng nei Ausschreiwung virgesinn déi den Abrëll 2015 a Kraaft trefft. Bis elo ass et bekanntlech de Lamesch an elo gëtt gekuckt ween de beschten Ubidder ass. An der neier Soumissioun ass dann och de Pabeier an d'Glas mat dran also sinn fënnef Sparten iwwert de Sycosal ofgeséchert: déi schwaarz an déi gréng Dreckskëscht, de Sperrmüll, de Pabeier an d'Glas. De Pabeier ass bis elo ëmmer vun de Scouten a vum EmmerFrou agesammelt ginn an do gëtt jo elo vum Schäfferot eng Léisung gesicht. D'Glas ass ëmmer separat gefouert ginn an do gëtt eben elo och iwwert de Sycosal ofgeholl. Dës Chifferen sinn awer reng Estimatioun, um Enn vum Joer gëtt gekuckt ob et duergeet oder ob muss nogebessert ginn.*

*Beim Step geet de Budget em ronn 70.000 Euro an d'Lucht wéinst folgende Punkten: Lescht Joer ass eng Conventioun mat Valorlux ënnerschriwwen ginn an do hunn sie ze wéineg Suen de Membersgemengen gefrot. Do war eng falsch Berechnung gemaach ginn, dass Suen mussen awer 2015 bei de Membersgemengen gefrot ginn well se jo awer soss feelen. 2. Ass et d'Mise en conformité vum Recyclingspark hei zu Téiteng wou mer eisen Deel mussen bäileeën, an 3. sinn nei Container op der Kläranlag opgeriicht ginn. Sou setzen déi Suen sech zesummen.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)***:*
*Merci Allegeur. Da maachen mer mol eng éischt Ronn vun den Äntwerten soss gëtt et awer e bësse vill. Den Här Krings huet op seng bekannten fair Manéier e puer Saachen hei gesot. Et muss een jo och e Puer Ursaachen fannen fir dee Budget net ze stëmmen, där ginn et der bestëmmt eng Hellewull. Et ass jo keen Dokument absolu, mee mir probéieren mat beschtem Wëssen a Gewëssen déi Politik déi mer de Bierger versprach hunn och hei duerchzesetzen. Dofir wann dir sot et wier kee rouden a gréngen Fuedem ze erkennen da muss ech awer soen, dass mir eis relativ streng un eist Koalitiounsofkommes halen. Dir hutt och gesot dir wäert d'accord mat ville Saachen, och dass d'Schold erof geet. Mir hu gesinn an de Graphiken, dass d'Recettes ordinaires an dépenses ordinaires op eng Schéier weisen déi relativ schnell zesummegeet. Den Iwwerhang am ordinairen geet also dramatesch zréck. Et bleift de Prinzip Hoffnung, dass et duerch d'Evenementer ofgeschwächt gëtt mee fir mech als Responsabelen vun de Finanzen ass et ganz kloer, dass déi Graphik an d'Servicer weidergeleet gëtt fir ze soen dass gespuert soll ginn wann et geet. D'Louknäschten sinn natierlech héich, mee se sinn duerch Statuten an Kontrakten geregelt. Mir hunn de Numerus clausus agefouert. Trotzdem ass d'Schéier bedenklech an et muss an de Servicer ukommen, dass muss bei all Dépense gekuckt ginn op eppes Noutwenneg ass.*

*Wann ech soen, dass mer ënnert dem Zukunftspak leiden dann ass dat e Seitenhieb un d'Regierung wou och déi Gréng a Rout dra sinn mee kloer gesot: Dat wat mir bekloen hei als Käler Schäfferot ass dat ondicernéiert Ofkäppen vun Gemengerevenuen, ouni Ënnerscheet ze maachen wéi eng Gemengen sech dat kennen leeschten. Dat huet näischt domat ze dinn wéieng Parteien an der Regierung setzen, de Problem ass just, dass sämtlech Gemengen iwwert ee Kamm geschuer ginn. Et ass kloer, dass d'Gemengen och mussen en Effort maachen mee d'Fro déi sech stellt ass ob et richteg ass, dass eng Gemeng Käl genee esou vill muss droen wei eng Gemeng déi sech finanziell vill besser do steet. Déi déi Zeitung suivéiert hunn hunn wahrscheinlech d'Ausféierungen vun engem Staater Conseiller gelies, dass et normal wier, dass d'Staat esou vill Impôt commercial kritt well d'Staat schliisslech op hirem Territoire esou vill Mehrwäert erwirtschaft gëtt, mee déi Diskussioun féiert hei ze wäit.*

*Här Krings ech weess net wat um Verhältnis vun eisem Schäfferot mat aneren Schäfferéit net gutt soll sinn. Mir hunn all zesummen hei décidéiert aus dem Prosud eraus ze goen. Et war ni riets fir aus dem Tram ze goen oder soss eppes wat elo geschwat gëtt. Wann iwwert eppes muss décidéiert ginn dann iwwert d'Conditions de sortie. Wann een z.B aus engem Kläranlagsyndikat erausgeet ass dat eng aner Saach ewéi déi hei well do sinn iwwer 20 Joer Investissementer gemaach ginn. Am Pro-Sud hänken zwar Aarbechtsplazen drun mee keng Investissementer. Mir hunn eis hei mat de Conditions de sortie d'accord gesat, an elo si mer am gaangen mam Rechtsberooder vun der Gemeng ze préiwen, dass dat och ëmgesat gëtt wat mir zesummen décidéiert hunn.*

*Dir hutt och nach vum de Synergien vum Emweltberooder geschwat. Mir hunn déi Rëmelenger Kollegen gefrot an sie wollten dat net maachen, wat mer respektéieren. Wat de Relevé vum Personal ugeet dat ginn ech weider un d'Madame Sekretärin. Wat de Faubourg betrëfft, am Moment steet am Libellé d'Restauratioun vun der Schoul, mee mir hunn eis schonn no enger neier Plaz ëmgekuckt well déi net op der idealer Plaz ass. Déi al Schoul ass net méi an engem gudden Zoustand an d'Fro vum Verkéier stellt sech och. Wat Verkéierskonzept ugeet do wësst der jo wéi et ass: Wann een gären hätt, dass en Dossier virun geet da muss d'Politik sech impliz éieren. Ech gesinn Schroeder&Associés a 14 Deeg. Fir d'éischt mussen mer waarden wou d'Schoul higesat gëtt an dat hänkt vun der Buedemanalyse of an da maachen mer och d'Securisatioun vum neien Site. Wat Déchêts betrefft maach dir iech zurecht Gedanken. De Pollueur-payeur ass vum Gesetz virgeschriwwen. Mir hunn eis fir den Tri séparé entscheet mee eist Bestriewen ass, dass d'Müllentsuergung net méi deier gëtt mee dat ass am Moment am État de Projet. D'Prioritéiten vun der DP sot dir wier d'Liewensqualitéit an dir hutt eng Lanz fir d 'Leit à mobilité réduite. Dat sinn awer alles Themen à long terme.*

*Déi gréisst Entorse zur Liewensqualitéit hei an der Gemeng ass leider den Trafik. Bei deem Thema setzen mir net eleng um Dësch. Ech wunnen och op der Haaptachse. Wann et eng Patentléisung géing ginn dann hätt ech se schonn erfonnt. Dat gëtt och fir déi Majoritéiten déi nach kommen wäerten net esou einfach fir ze léisen well mir hunn och eng partie européesch Prinzipien déi eis guidéieren. Dir wësst, dass et en zweeschneidegt Schwäert ass. Mir kennen déi schéinsten Gringanlagen bauen wann dono en Auto derduerch fiert dann hu mer näischt geschafft. Dir hutt och déi futtis Luuchten an der Näerzenger Strooss ugeschwat, da froen mer mol no wat do lass ass, obwuel do Ponts et Chaussées zouständeg ass, mee ech ginn dat un den Tom Bleyer weider. Dann zu den ëffentlechen Parkingen. D'Verkéiersétude weist dass de Parking bei der Post esou funktionéiert wéi e soll also als Kuerzzäitparking. D'Fro ass just wou een dat kann ausbauen. Dir hutt och e Parkhaus ugeschwat. Dat seet sécher zur Debatte wann Kayl-Nord ausgeschafft gëtt. Dir hutt och vun der Überführung vun der Téitenger Gare geschwat, dat war en Dossier vun Schroeder&Associés, do hu mer gesot, dass e vum Dësch ass well et e risegen Invest war. Dat verhënnert awer net nët dass wann an der rue de l'Industrie eemol e Lotissement geng gebaut ginn, dass dat dann net nees en Thema gëtt.*

*Dann zu de Garen. Mir hunn nach eemol bei der CFL e Park an Ride bei der kaler Gare ze reaniméieren. An déi sinn de Moment net bereet dee Parking ze aménagéieren an hunn deen Dossier no hannen gestallt. An et wier verréckt doran ze investéieren wann d'CFL deen Dossier am Tirang huet. D'Bushaisercher iwwerloossen ech dem Här Brücher. De Kriterienkatalog ass awer mol deen, dass mer do ufänken wou vill Leit op de Bus waarden. De Pedibus ass sécher net vergiess a gëtt am Kader vum Projet "séchere Schoulwee" ëmgesat. Mir kommen do wahrscheinlech demnächst mat provisoreschen Conclusiounen hei an de Gemengerot.*

*Zu de Quartiersschoulen, dir sot mir hätten se mat groussen Tammtamm ugekënnegt. D'Madame Petry huet jo hei gesot, dass et zu eng vun den Haaptprioritéiten gehéiert. Mee et muss een natierlech wëssen, dass wann een Quartiersschoulen well ariichten da muss een och déi néideg Infrastrukturen schafen. Dat kascht natierlech Geld, mee et ass e wichtegt Thema a mir mussen kucken, dass déi Realitéit ginn. Just bis zur Realisatioun sinn e ganze Koup Hürden ze huelen. Beim Konzept beim Bauen, do si mer voll am Gaangen mat den Experten ze kucken wat fir eng Haiser vun Site et Monuments klasséiert ginn. Ech hat doriwwer geschwat, dass mer gären de provisoreschen Vote iwwert den neien PAG am Hierscht 2014 gehat hätten. Les plans sectoriels sont passés par là. Dat huet eis en halleft Joer kascht. Uganks Juli soll elo de provisoreschen Vote sinn. Fir um Här Weiler seng Fro ze äntwerten. Dat wat mer vun de Plans sectoriels wëssen gëtt natierlech an de neien PAG mat ageschafft. Da kommen ech zeréck beim Här Krings seng Fro, en Allgemengt Konzept kennt nëmmen iwwert d'Aféierung vun engem allgemengen Bebauungsplang. Eis Kommissioun de l'urbanisme huet eng gutt Viraarbecht gemaach an eise Büro och, dass mer einfach ganz Secteuren wäerten ausweisen wou Eefamilljenhaiser erhalen bleiwen. Dat kennt alles hei an de Gemengerot am Kader vum neien PAG.*

*Wat Senioren betrëfft., ech verstinn dass dir iech Gedanken maacht. De Vitalhome huet deemools eng Demande bei der Ministesch Jacobs gemaach fir auszebauen an d'Ministesch war ganz kloer, dass de Staat keng Suen huet fir dat ze maachen. Mir mussen eis also leider Gottes drop verloossen, dass aner Gemengen fir eis intervenéieren well esou e Projet kréien mer net gestemmt. Den Här Weiler seet et wier kee Sputt méi do. Lescht Joer wei de Plan pluriannuel virgestallt ginn ass do wousst der, dass et och ouni Zukunftspak 2017 oder 2018 géif enk ginn. Mir wëssen, dass op verschiddenen Saachen muss verzicht ginn, mee dee Message ass net bei jidderengem ukomm mat deem mer ze dinn hunn an dee muss an deem leschten Büro an am Atelier ukommen. Bei de Syndikater äntwert den Här Daubenfeld iwwert den TICE. Dir sot et geng een och eng Telefonszentral fir 20.000 kréien. Ech sinn do keen Expert mee wann mer esou eng wéi mer brauchen och fir 20.000 Euro kréien da kafen mer déi natierlech. Mam Puce System do wëssen mer ween wéini wou eragaangen ass mee et ass keen Zäitmanagment do mat dran. Et ass e rengen*

*Schlësselsystem. Recht hu der wat déi elektresch Borne ugeet, dass mer eis do sollen ëmkucken wat déi aner Gemengen hunn an et wier schéin do e gemeinsamen Nenner géingen fannen. Beim Oofallreglement well ech kloer soen, dass déi Veräiner déi bis elo de Pabeier agesammelt hunn op kee Fall sollen geschiedegt ginn. Et ass Verhandlungsaach. Mir wëllen déi Efforten kompenséieren. Mir mussen Récksprooch mat hinnen halen. De Passage Helpertsbam hat keng absolut Prioritéit ier dat Lotissement entseet. Den Zäitpunkt ass also elo komm fir dat do elo ze maachen. Wat d'Luuchtenanlag op der Hesselsbunn ugeet do hunn ech bestëmmt schonn 30 Mol ugeruff beim Elektriker. Déi waren an engem Liwwerengpass fir LED-Luuchten. Ech hoffen, dass mer fir Chrëschtdag déi Luuchten um Goen hunn. De Ball läit am Camp vun der Firma déi den Optrag kritt huet. Dat ass alles net esou einfach. Dir wësst bei eisem Gemengenaarbechter do stinn nach ëmmer d'Gainen eraus, ech ginn oft mam Hond dohin spazéieren an et iergert mech all Kéiers. Ech hunn do schonn 30 mol intervenéiert. Gëschter sot den Tom Ries geschriwwen e géif haut de Moien ufänken mat schaffen an dat ass och geschitt. Zu der ëffentlecher Toilette am Ouerbett: Eng ëffentlech Toilette ass fir mech par définition eng Toilette déi op ass soss wier et keng. Wéi dat elo organiséiert ass dat bleift nach ze klären.*

*Verkéiersampelen op der CFL-Bréck, do Här Weiler, waarden mer d'Verkéierskonzept of. De neien Minister huet jo gesot, dass et do nei Saachen an Erkenntnisser ginn. Mee d'Viraussetzung ass, dass mer en anstännegen Dossier hunn, fir dass de Ministère mat sengen Experten dat kann begutachten. Do kann een zum Beispill eng riets Virfahrt envisagéieren sou wéi am Brill, mee komm mir waarden do of bis dass mer d'Verkéiersétude hunn an dann diskutéieren. D'Haiser beim Téitenger Futtballsterrain bleiwen de Moment emol nach stoen well mir hunn do Locatairen. Dat sinn déi Leit wou d'Haus ofgebrannt ass. Hir neit Haus ass am gaangen fäerdeg ze ginn an da gëtt mol dat eent Haus fräi. Dat anert ass en Appartement de secours. Do hu mer d'Situatioun dass d'Heizung futti gefuer ass an mir se gefleckt hunn. Well et awer just en Appartement de secours ass hu mir dann lo do eng Participatioun, also e Loyer gefrot, ouni dass dat awer elo e richtegen Contrat de Bail ass. En attendant, dass eemol e Projet op de Site gemaach gëtt rappen mer se mol nach net of well déi Haiser als Appartement de secours kennen genotzt ginn, an do ass ëmmer eng Noutwennegkeet. An et ass Gesetz, dass mer d'Leit mussen relogéieren wann hiert Doheem als insalubre erkläert ginn ass. Fir de Moment ass et einfach en Avantage, dass mer zwou Famillen kennen logéieren. Wann d'Auer vun der Téitenger Kierch ugeet do ass leschten Méinden e Mail komm, dass déi däitsch Firma déi d'Revisioun sollt maachen aus Personalmangel net konnt kommen. De Patrick Dostert war mat sengem Latäin um Enn a konnt se net un d'Goen kréien, do brauchen mer e Profi. Mee et ass relativ lästeg. An deem Kader well ech och soen, dass mer jo e Kredit virgesinn haten fir d'Uergel an d'Rei ze setzen. D'Firma déi lo do war huet festgestallt, dass mer e groussen Waasserschued haten am Daach, an dass dat Waasser all an der Uergel zesummegelaf ass. Mir sinn am gaangen dat an d'Rei ze setzen an den Daach hu mir och schonns gefléckt. An deem Artikel waren jo och Toiletten vum Park Ouerbett virgesinn. Ech well iech driwwer informéieren, dass den Ausbau vun den ëffentlechen Toiletten am Parc Ouerbett gestoppt ginn ass vum Fierschter well mer keng Autorisatioun gefrot hunn. An der Teschenzäit hu mer eng an ech hunn dem Service technique gesot se missten sech eng Checklëscht uleeën wat fir eng Autorisatiounen fir wat fir eng Projeten mussen ugefrot ginn. Et läit dorun, dass de ganzen Park Zone verte ass. Et ass relativ lästeg, dass wann een als Gemeng Propriétaire ass an well investéieren, dass een dann den Ëmweltminister muss froen. Dat ass och eng Fro vum Kader vum neien PAG wat alles an der Zone verte bleiwt a wat net. Wann een eppes aus der Zone verte hellt da muss een eng SUP (Strategische Umwelt Prüfung) maachen. Da beift nach just eng Fro iwwert e Kredit vun WW+, also deem Architektebüro déi den Park an de Pavillon Madeleine gemaach hunn. Do stoung nach eng Rechnung vun WW+ op an mir hunn déi an de Budget gesat fir se ze bezuelen.*

**Romain Daubenfeld , Conseiller (LSAP)**:
*Ech geng déi Saach vum TICE gär klären. D'lescht Kéier hu mer vun der Linn Esch-Schëffleng-Käl geschwat. Dat eent ass d'Linn 4 vu Schëffleng op Käl an d'Linn 5 déi fiert op Rëmeleng an dann op Käl an dann op Diddeleng. An elo hätt dir gären dass d'Linn 4 am Platz op Schëffleng fir d'éischt op de Käler Poteau fiert?*

**Jean Weiler, Conseiller (CSV)**:
*Nee. Ech hat d'Propose gemaach, dass eng Linn vun Esch iwwert de Poteau op Käl geet an dann virun op Diddeleng. Also eng direkt Linn Esch-Käl-Diddeleng. Vun Esch op Käl brauchen mer de Moment 19 Minutten an da gengen mer dat a 7 Minutten hikréien. Mir brauchen also manner wéi d'Halschent vun der Zäit. Dann soll een eng 2. Linn viruféieren Esch-Schëffleng-Käl-Rëmeleng-Esch. An dann natierlech och nees zréckfueren. Dir hat gesot dat gengen zwou Linnen ginn. Wann ech lo eng hunn déi vun Esch op Käl fiert dann ass dat eng Linn, an wann se bis op Rëmeleng an zréck fiert dann ass et och eng Linn, a wann se op Esch fiert a vun do erëm zréck kennt dann ass et och eng Linn. Et sinn eben e puer Kilometer méi. Och wann d'Ufanks an d'Endstatioun déi selwecht sinn ass et awer nach ëmmer eng Linn. Dann huet weder Schëffleng nach Rëmeleng Nodeeler ausser wann een well op Diddeleng fueren dann muss een ëmklammen. Dat ass awer den eenzegen Nodeel. Mee fir déi Käler huet et de Virdeel dass een eng vill méi schnell Ubannung un Esch an Diddeleng huet.*

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP)**:
*Mir hunn ären Bréif un de Schäfferot relativ sérieux geholl an eis net ofspeisen gelooss an hunn beim TICE nogefrot. Mee méi Kilometer heescht och fir den TICE méi Geld. Dat wat bis elo do ass ass wahrscheinlech dat wat fir d'Gemengen am Gënschtegsten ass. Se hunn dat schonn genee iwwerluecht. Et ass net wei der schreift, dass mer eis schnell ofspeisen loossen mee et ass eng Saach déi mam TICE muss geklärt ginn an et ass eben eng Fro vun Logistik an déi maachen sech vill Méi déi Programmer zesummen ze stellen. Wann dat do awer är Propose ass da muss der wëssen dass et och méi kascht an dass déi aner Gemengen Nodeeler hunn. Mee wann dir dat awer wëllt dann huelen ech dat gären nach eng Kéier mat an den TICE. Ech well just derbäi soen, dir kritt vum TICE regelméisseg Rapporten wat mir do stëmmen. Den Här Krings seet et soll een méi mat Privatbussen schaffen. Do kann ech iech soen well ech do e bëssen méi no bäi sinn, dass et kee Gramm méi bëlleg gëtt wéi den TICE. Den Här Becker huet jo gemengt de Schülertransport vum TICE wier jo iwwerfëllt also war ech dat och nofroen an et ass net eng Linn am Schülertransport déi iwwerfëllt ass. Statistesch ass dat bewisen.*

**Jean Weiler, Conseiller (CSV)**:
*Ech hat do just nach eng Kéier nogehaakt well ech net zëfridden war mat der Äntwert déi ech krut. Et ass gesot ginn dat wier irréalistesch an et géif een héchstens zwou Minutten spueren. Ech sinn och ni gefrot ginn fir weider Erklärungen dat wier awer eng Méiglechkeet gewiescht. Ech hat iech am Bréif deen ech un de Gemengerot geschéckt hunn erkläert wou déi Zäiten gengen hierkommen. Da muss ech de Bréif nach eng Kéier noreeschen.*

**Romain Becker, Conseiller (DP)**:
*Ech hat den Här Daubenfeld schonn bal gelueft. Ech maachen et dann trotzdem. En huet gewisen, dass en eng Aktioun beim TICE gemaach huet an tatsächlech fiert elo moies e Bus mat engem Wagon hannendrun. Doduerch ass d'Situatioun elo entschäerft ginn. Et ass also eppes geschitt awer et ass net ganz zefriddestellend. Well fir zeréck besteet dee selwechten Problem. Da mussen mer eben hinnen noweisen, dass dat esou ass. D'Sécherheet beim Transport ass wichteg an déi muss garantéiert ginn well annerhallef Woch nodeems mir hei diskutéiert hunn ass en Accident geschitt um Rond-Point Raemerech. Et ass Gott sei Dank kengem eppes geschitt mee et gesäit een, dass et wichteg ass.*

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP):**
*Ech sinn ëmmer frou wann den Här Becker mech lueft. Just zur Präzisioun: Moies kommen se mat Begleetbusser an da gëtt d'Verdeelung zu Esch op der Gare gemaach bis bei d'Lycéen. An Mëttes ginn se eben vun do ofgeholl an direkt op hiren Site gefouert dofir ginn et Mëttes keng. De Bus mat de Brëttellen dee schrecklech ausgesäit dee soll d'Gelenkbusser ersetzen.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng)**:
*Ech well kuerz um Här Weiler seng Froen agoen firwat mer den administrativen Deel an der Maison relais net kennen straffen, duerch de Gestiounprogramm. Den administrativen Volet ass am Fong schonn staark gestrafft. Wann der eleng kuckt dass mer 1.035 Stonnen Travail pédagogique deen an de Maison Relaisen geleescht gëtt. Do kommen 175 Stonnen Travail administratif bäi. Dozou gehéiert d'Gestioun vun den Aarbechtspläng vum Personal an vun de Congéen mee och d'Cheques-Services déi vun den Elteren ugefrot ginn an och d'Inscriptiounen vun de Kanner. Dat ass relativ vill Aarbecht an de Ministère gesäit am Kontingent eigentlech 223 Stonnen vir. Méi kennen mer also net straffen. Dann hat der eng Fro zu de Climatiseuren. Dat ass net fir d'Leit mee fir d'Installations techniques déi ënnerbruecht sinn an engem Raum wou de Server steet deen net ausräichend klimatiséiert gëtt. Wann et am Summer waarm ass da féiert dat zu Pannen, dofir wëllen mir en klimatiséieren. Dann ass de neien Projet Schoulhaff ugeschwat ginn. Den Devis vun 750.000 Euro war gestëmmt ginn ier mir an der Verantwortung waren. Kuerz drop soten mer awer dass dat total iwwerzunn ass an schaffen elo mat eiser neier Urbanistin an dem CIGL e neien Plang aus deen mir iech presentéieren soubal e fäerdeg ass. D'DP huet Froen iwwert d'Bushaisercher gestallt. Mir hunn den Ament 31 Bushaltestellen déi net iwwerdeckt sinn. Kuerzfristeg ass et net méiglech do iwwerall en Iwwerdaach ze maachen. Heiansto sinn se och um Trottoir selwer an dann ass et guer net méiglech e Bushaischen ze maachen. Mir probéieren elo mol op deenen Plazen unzefänken wou et am wichtegsten ass, also op den Haaptachsen an do wou am meeschten Passagéier stinn. Dir hutt och ugefrot fir eng iwwerdaachten Bushaltestell bei der Schungfabrik ugefrot. Ass dat déi Plaz um Eck direkt vis-à-vis? Do ass selwer keng Plaz.*

**Patrick Krings, Conseiller (DP)**:
*Jo mee déi aner Säit ass Platz. Do geng eng Parkplaz verschwannen mee dat wär awer net schlëmm.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng)**:
*Här Krings, ech huelen dat gären mat well ech deelen do är Meenung. Dann hat dir och de sécheren Schoulwee an de Pedibus ugeschwat. Do sinn jo Formulairen un d'Elteren erausgaang an d'Kanner sinn gefrot ginn wou déi geféierlechsten Plazen sinn an wéi eng Weeër se huelen. Dat ass am gaangen ausgewäert ze ginn an soubal mer do Resultater hunn ginn mer och domat an d'Schoulkommissioun. Dat ass awer voll am gaangen.*

*Da wollt ech nach iwwert d'Photovoltaïkanlagen schwätzen. Här Weiler, dir hutt gesot dir wiert prinzipiell domat d'accord, mee dir sidd skeptesch wat d'Participatioun vun der Gemeng bei privaten Entreprisen ubelaangt. Hei ass keng privat Associatioun mee eng Cooperative déi gegrënnt ass vun enger Biergerinitiative. Dat huet fir mech also eng aner Nues wéi wann eng Privatentreprise dat geng realiséieren. Et ass jo och eis Aufgab op Biergerinteressen ze ënnerstëtzen. Zu Esch ass de Projet realiséiert ginn. Hei war dat leider net méiglech well den Daach et net gepackt huet mee ech wollt de Kredit awer draloossen well eisen Solarkadaster gëtt och nach aner Emplacementer hir wou et méiglech wier. Ob dat elo mat der Transitioun Minett geschitt dat steet nach an de Stären. Et schwätzt och näischt dergéint, dass d'Gemeng selwer esou eng Installatioun aménagéiert. Dann nach zur Faubourgsschoul. Dir sidd jo och all an er Schoulkommissioun vertrueden wou dat laang a breet diskutéiert gouf. Am Ufank war jo och d'Idee d'Faubourgsschoul ze renovéieren. Budgétaire geet dat net op well mer dann Containeren mussen setzen. De Schoulbetrib gëtt duerch d'Bauarbeschten gestéiert an de Problem vun der Piscine konnt och net geléist ginn, esou dass de Projet nach méi deier gi wier wéi elo eng nei Schoul ze bauen. Ech mengen, dass mer elo e Projet hunn dee sprochräif ass a wou mer geschwënn an de Gemengerot kommen. Wat d'Quartiersschoulen ubelaangt do muss een soen dass d'Infrastrukturen mussen aménagéiert ginn ier mer iwwerhaapt un Quartiersschoulen kennen denken. Déi wichtegst ass virun allem d'Aménagement vu weideren Schoulsäll fir de Cycle I hei um Widdem. Do hu mer och dëst Joer dru geschafft zesummen mam Architekt mee mir hunn do nach keng zefriddestellend Léisung fonnt wou den Accès kann garantéiert ginn. Et ginn vill Froen déi sech stellen bezüglech der Plaz an dem Schoulhaff an dem Accès vum Bus. All déi Froen maachen d'Realisatioun vun deem projet e bëssen méi schwiereg. Mir haten lo d'Idee just déi al Meedercherssschoul ze renovéieren an em ze strukturéieren mee do war d'Fro ob dat esou vum Ministère accordéiert gëtt. Mee deen hunn mer elo kritt, sou dass mer do weider dru schaffen. Da wollt ech nach d'Borne électrique op der Brillplaz uschwätzen. Dir hutt dat richteg gesot Här Weiler, dass mer eis mat aneren Gemengen mussen kuerzschléissen fir en eenheetleche System ëmzesetzen well ech gesinn wéi et mam Velossystem ass, dat ass och net eenheetlech.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Nach e Complément zur Photovoltaikanlag: Mir haten déi Virfinanzéierung mat an de Gemengerot bruecht fir déi Anlag bis den 31. Dezember ze plangen fir de Subside vum Staat ze kréien. Lo ass et awer eng ganz aner Saach. Et verhënnert also näischt, wéi den Här Brücher et richteg seet, fir dass d'Gemeng selwer eppes mécht.*

**Romain Becker, Conseiller (DP)**:
*Ech hat jo elo laang genuch Zäit fir nozelauschteren bei deenen spannenden Erklärungen. Dat eenzegt wat ech muss soen ass, dass an all deenen leschten Budgetssitzungen ëmmer flott Ideeën présentéiert goufen an dovun ganz wéineg ëmgesat gouf. Virlescht Joer sidd der net mol op 40% komm, dëst Joer hutt der alt 70% erreecht, dat ass awer e bësse schwaach. Är Koalitioun huet einfach kee Konzept. Et gesäit een einfach guer net wou dat do soll higoen sief et wat d'Schoulen oder d'Emwelt ugeet. Mir hunn keng erkennbar Struktur wou mer hiwëllen, och net fir d'Kultur. D'Schungfabrik huet zwar e ganz engagéierten techneschen Responsabelen awer u sech ass et e konzeptuellt Fléckwierk an et weess een net wou een hi wëllt. Et sinn Concerten wou meeschtens keng Spectateuren do sinn. Dat Gebai ass eng Never-ending Story. Sou séier wei gebaut gëtt muss ëmgebaut ginn. Et muss dach eemol gutt sinn. Dat alles well kee Konzept hannendrun ass.*

*Dir schwätzt hei vun engem neien Konzept vun der Mülltrennung mee schwätzen awer net mam Sycosal déi dofir zoustänneg sinn. Wa mer nei Dreckskëschten kréien wäert dat dozou féieren, dass d'Präisser an d'Luucht ginn. De Bierger huet also net vill dovun. Da liest een vun enger Kanalétude, dat ass schéin, déi stoung och d'lescht Joer schonn am Budget an et ass näischt geschitt. Déi elektresch Borne ass och wonnerbar mee wat bréngt et wann een soss nach näischt weess? Wann een dann an enger Konkurrenzsituatioun ass, dass de Stroum hei méi bëlleg ass wéi zu Diddeleng? Iwwert all dat muss een sech Gedanken maachen. Dann hu mer 25.000 Euro am Budget stoen fir de Jumelage. Dat stoung schonn dat lescht Joer dran, do hat der eng Rees gemaach a waart ganz begeeschtert an dunn ass näischt geschitt. Mir haten eis och net vill Hoffnung, dass mir als Käler Gemeng hinnen gengen soen wéi een d'Wirtschaft un dréine kritt. Allerdéngs war et awer esou dass déi gréng Fraktioun sech op de Fändel geschriwwen hat fir d'Wirtschaft un Dréinen ze kréien, z.B am Kontext vum Terrain an der Schéfflenger Strooss. Ech hat mer déi Wieder gutt verhalen well ech nach ni d'Verbindung tëschent deenen Gréngen an der Wirtschaft gemaach hunn. Tatsaach ass awer, dass dës Coalitioun nach näischt bruecht huet op deem Niveau. Dann den TICE an och soss eis Syndikater ass och eng Never-ending-Story. Mir hu keen Afloss drop, mir wëssen net wat wou a wéini a firwat et geschitt. Mir sehnen hei just of. Mee deen Zoustand ass iwwerall esou.*

*Den Dan Kersch huet eist Vertrauen well deen weess em wat et geet, deen muss dat regelen. Wann een elo hei iwwert dat ganzt kuckt an d'Saachen déi dir nach net gemaach hutt dann muss ech feststellen, dass är Ideeën ëmmer an Études lafen a während d'Études am gaangen sinn hutt der nees nei Ideeën. D'Quartiersschoulen well der maachen da ginn do Études gemaach da wëllt der d'Faubourgsschoul maachen, dat gëtt dat erëm näischt da kucken mer nees nom sécheren Schoulwee, deen kennen mer awer nees net maachen well mer keng Verkéiersétude hunn an mam Pedibus genee dat selwecht. Wann dir esou weider maacht da maacht dir guer näischt. Et sinn sou vill doudeg Projeten déi hei ugeschwat ginn. E gutt Beispill ass och d'Schoulcharta déi mat vill Tammtamm ageweit ginn ass an awer esou eppes vun dout ass, an also politesch responsabel misst een dat animéieren an reaniméieren mee et geschitt guer näischt. An dat ass esou schuet. Eppes wat mir nach ganz wichteg ass ass de Jugendforum, an de Projet "empowerment for employment". Do ass guer näischt geschitt an déi selwecht Somme steet dëst Joer och erëm dran an ech fäerten, dass nees näischt geschitt. Déi Dynamik mat deenen dir hei d'Projeten ukënnegt fënnt een net an ären Aktiounen erëm.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*War dat et? Wann ech iech jo wierklech muss zegutt halen, dir probéiert ëmmer e bëssen Budgetsatmosphère an déi Réunioun hei eran ze kréien. Dir kennt der Majoritéit Konzeptloosegkeet virwäerfen mee är Ried strotzt fir mech awer och vun Konzeptloosegkeet. Här Becker dir kennt eis dach net virwäerfen, dass mir eppes studéieren an anstänneg analyséieren loossen. Ech behaapten, dass och déi Majoritéiten déi kommen wäerten ëmmer erëm nees Suen un d'Schungfabrik mussen hänken. Et ass e Bijou a gehéiert zum Patrimoine culturel, mee et muss ëmmer investéiert ginn. Konzept ass wuel do, mir hunn en Devis virleien mee kennen net alles mateneen maachen. Den Här Assa deen sech souwisou em déi kulturell Saachen bekëmmert huet de Lead hei iwwerholl fir sech em de Fortgang vun den Aarbechten ze bekëmmeren, natierlech mam Ingénieur zesummen. Mee d'Schungfabrik ass ëmmer e Projet wou een muss Geld dran stiechen an ech hätt et dramatesch fonnt wann mir als Gemeng d'Schungfabrik net gerett hätten. Net méi spéit wéi gëschter huet e Spectateur no engem Concert mir gesot wéi fantastesch dat Gebai wier, an deen Mann war Architekt. Och wann se Geld kascht, ech loossen mir hei d'Schungfabrik net klengrieden an mir hunn hei eng Verpflichtung. Zum Jumelage wollt ech soen dass de Montenegro eng Natioun ass wou keng grouss politesch Stabilitéit ass. Schon dräimol huet déi lokal Regierung op der Gemeng geännert zu Ulcin. Ech hunn den Dossier a mengem Büro leien, mee ier et elo gestart gëtt gi mer bei de Ministère de la Coopération an mir ëmfroen eis wat mer kennen maachen an ob mer do och Hëllef kréien mee déi Suen sinn net à fond perdu.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng)**:
*Mir huet déi éischt Ronn besser gefall, do konnt een och Äntwerte drop ginn. Här Becker, dir wäerft eis Konzeptloosegkeet vir, mee dir sprangt vun Pontius op Pilatus an alles gëtt an een Däppen geheit an et gëtt just drageheit. Et waren och keng Froen. Ech verstinn an der Oppositioun muss een dat vläicht maachen. Ech versichen aus dem Potpourri vun Tiraden dann elo mol erauszepicken. Déi ganz Evenementer déi hei an der Gemeng organiséiert ginn belafen sech op e Montant vun 122.000 Euro . Dat ass net vill Geld fir déi vill Evenementer déi hei organiséiert ginn. Am Ufank wéi mer de Kultur-Programm nei opgestallt hunn hu mer nei Kriterien agesat an zënter hir leeft dat ganz gutt weider. Et riicht sech un all Alterskategorie an ënnerstëtzt och déi lokal Kënschtler. An de Kulturverantwortlechen hei an der Gemeng huet ënnert deenen Kriterien nach ëmmer e gudden Programm opgestallt mat de begrenzten Moyenen déi mer hunn. Et ass normal, dass net honnerte vu Leit kommen. D'Schungfabrik muss och en Numm kréien. Et mussen och Evenementer lafen déi Leit aus aneren Gemengen heihinner zéien. Dat ass d'Zil vun de verschiddenen Programmer wei zum Beispill den "Blue in the Schu" deen ëmmer méi Leit ulackelt. Sou Saachen brauchen mer ëmmer méi. Nächst Joer kréien mer en aneren Accès an e Monte-Charge déi eis erméiglechen gréisser Evenementer ze organiséieren well soss kann um 1. Stack näischt gemaach ginn. An et ginn jo och Proufsäll am Keller installéiert wou dann och lokal Banden an Artisten kennen prouwen. Sou kennt Liewen do eran an den Image gëtt ausserhalb vun de Gemengegrenzen gedroen.*

*Wat d'Arbescht am Schoulberäich ubelaangt do invitéieren ech iech d'Rapporten vun der Schoulkommissioun ze léisen wou all d'Projeten vun Ufank un mat geplangt ginn an wou d'Madame Schenten eng ganz gutt Arabescht mécht an de Suivi weider gëtt. Dir wësst genee wei schwiereg et ass Quartiersschoulen infrastrukturell ëmzesetzen, dat ass sécher näischt wat vun haut op muer kann geschéien. Déi Bauprojeten sinn net bëlleg an d'Ännerungen hänken natierlech all zesummen an dat mécht et kompliziéiert. Dofir maachen mir een Schrëtt no deem aner. De Jugendforum, do ginn ech iech Recht, deen Projet ass dëst Joer net un d'Rullen komm well déi Associatioun mat där mat dat wollten maachen ass net an d'Startlächer komm. Mir hunn keen commun Accord fonnt mee mir halen awer weider dorun fest. Et ass keng einfach Aarbecht déi Jugendlecher ze mobiliséieren an och hir Interessen um politeschen Plang visibel ze maachen. Dir wësst, dass ech Gespréicher hat mam Jugendhaus an dass dat net esou einfach ass.*

*Beim Jumelage: Zenter, dass de Projet ugelaf ass huet d'Gemengespëtzt dräimol gewiesselt an mat hinnen och d'Gemengebeamten déi déi Dossieren geréiert hunn an dat mécht et net einfach Projeten ze realiséieren. Dir schwätzt vun Wirtschaft, mee mir wëllen do een Ëmweltprojet an ee Sozialprojet realiséieren an dat ass och hei schonn eemol ugeschwat ginn. An do ass kee wirtschaftechen Projet derbäi. Generell hutt der vill kritiséiert mee sidd net vill op de Budget agaangen. Wéi ech d'Presentatioun vun engem Deel vum Budget ge-*

*maach hunn hunn ech all eis Projeten aus eisem Koalitiounsofkommes och virgestallt fir iech en Iwwerbléck ze ginn. Dir musst awer selwer feststellen, dass mer eis an ganz villen Projeten strikt un de Koalitiounsaccord halen. Déi Kritik kann ech also net gëllen loossen.*

**Patrick Krings, Conseiller (DP)**:
*Ech wollt nach just eng Fro stellen iwwert de Projet "Mise en valeur de la propriété communale rue Neuve". Wat ass do geplangt?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*An der rue Neuve hate mer e PAP lancéiert fir zwou Residenzen ze bauen. Do kruten mer eng Partie Reklamatiounen an dee PAP ass am Sand verlaf well mer vun den Dokteren aus der Résidence Sainte Barbe an der Cité Berens kontaktéiert goufen. Sie wëllen do en Centre médical mat Cabineten, Aptikt, Kiné an Pediater opbauen. Et ass net méiglech, dass mir als Gemeng esou e Bau virfinanzéieren. Et wäert eng Privatinitiative bleiwen mee mir sinn als Gemeng bereet e Bail emphytéotique ze ginn. D'Engagement vun der Gemeng ass awer bis elo just mëndlech. Et sinn nach eng Partie Saachen ze klären. Mir hunn do eng Antinomie tëschent der Partie écrite an der Partie graphique vum PAG, an dat muss emol gekläert ginn an da komme mer domat an den Gemengerot. Bis elo ass kee formellt Engagement geholl ginn. Mee Dokteren drécken natierlech fir dat esou séier wéi méiglech ze realiséieren, mee dir kënnt d'Prozeduren. Mir mengen als Majoritéit och, dass sou en Centre médical eiser Gemeng gutt zu Gesiicht geng stoen.*

**Patrick Krings, Conseiller (DP)**:
*Jo ech gesinn dat och esou an an deem Fall hätt dir och eis Ënnerstëtzung.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**:
*Bon wann mer den Tour gemaach hunn da geng ech de Budget rectifié 2014 zum Vote stellen. Ween ass domat d'accord? Ween ass dergéint?*

**VOTE: CSV an DP dergéint, LSAP an déi Gréng derfir**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*De selwechten Exercice maachen mer dann och fir de Budget 2015. Ween ass domat d'accord? Ween ass dergéint?*

**VOTE: CSV an DP dergéint, LSAP an déi gréng derfir**



## Conseil communal
## Séance du lundi, 15 décembre 2014

**Durée :** de 15h00 à 17h00

**Présent :** John Lorent, Bourgmestre,
Marcel Humbert et Patrick Brücher, échevins,
Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfel, Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller, Nadine Braconnier, Secrétaire.

**Absences :** José Gonçalves dos Anjos

**Ordre du jour :**

### 1. Vote du budget rectifié

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** prie d'excuser Monsieur Patrick Brücher qui arrivera un peu plus tard et annonce les deux points de l'ordre du jour : le budget rectifié 2014 et le budget 2015. Il présente les cadeaux offerts au conseil communal : des stylos en bois réalisés par un artiste exposant dans la Schungfabrik ainsi qu'un pins (imitation d'une lampe Pierre Schiltz) très recherché par les collectionneurs.

**Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP)** entame la discussion et soulève qu'il faudra fixer des priorités pour le budget, car le budget étatique alloué aux communes réduit à nouveau l'autonomie des celles-ci. Le « Zukunftspak » ou projet d'avenir coûte 139 millions d'euros aux communes à cause de la participation nette des communes à la hausse de la TVA, de la suppression de la participation de l'État aux biennales et du plafonnement des recettes communales issues des impôts. Les décisions de l'État remettent en cause l'équilibre du budget de la commune et Monsieur Daubenfeld tient à remercier le collège des bourgmestre et échevins et les deux fractions pour le budget mis sur pied sans avoir recours à un emprunt. Il rappelle qu'en 2005, un emprunt de cinq millions avait dû être contracté afin de financer les projets planifiés. Le budget 2015 est donc d'après lui un budget très raisonnable, se focalisant sur l'essentiel et le budget extraordinaire est quant à lui ambitieux mais nécessaire, compte tenu des investissements pour la maison relais (1,2 millions). Il souligne que cette dépense est cruciale et représente un investissement pour l'avenir des enfants de la commune. Les autres gros investissements sont liés à l'école du Faubourg, à la nouvelle cour de récréation de l'école de Tétange, au nouveau sol de la salle des sports ainsi qu'à la construction d'un Biergercenter, au réaménagement de la rue de l'Eau et aux rénovations de la Schungfabrik. Il remet en question l'état de la circulation dans la commune ; il faudra revoir le concept routier et se focaliser sur la rue du Faubourg. Il est d'avis que le montant lié au « Müllkonzept » (tri des déchets) est trop élevé, mais est nécessaire. Le LSAP votera tout de même en faveur du budget.

Bulletin Communal Commune de Kayl



**Monsieur Patrick Krings (conseiller, DP)** déplore le manque de planification dans le contenu de la présentation Power Point de Messieurs Brücher et Lorent (du vendredi 12 décembre 2014). Il se rallie à certains points du budget (rue de l'Eau, la Schungfabrik ou la Maison relais), il félicite la baisse de la dette communale ainsi que la réduction de l'écart entre le budget initial et le budget rectifié de 2014. Contrairement à l'année budgétaire précédente, 70% des dépenses prévues au budget initial ont été engagées au cours de l'année. Par contre, le DP ne votera pas pour le budget, car l'écart entre les recettes et les dépenses est trop restreint et ne laisse pas une assez grande capacité d'autofinancement à la commune. Il est conscient que les dépenses communales croissantes sont à mettre en relation avec la hausse des salaires et des charges sociales, mais il convient ici à dénoncer l'augmentation drastique du personnel ces dernières années. Monsieur Patrick Krings rappelle que l'État, tout comme les habitants de la commune, ont de plus en plus d'attentes envers la commune. Les temps seront plus difficiles avec le « Zukunftspak » du gouvernement actuel, mais d'après Monsieur Krings, il ne faut pas se lamenter et se souvenir que le Ministre de l'Intérieur, Monsieur Dan Kersch, a lui aussi été bourgmestre ainsi que président du SYVICOL ; il ne laissera donc pas tomber les communes. Tout le pays et toutes les communes doivent faire des économies. Toutefois, il n'approuve cependant pas la clef de répartition de l'impôt commercial et des dotations de l'État qui désavantage les communes du sud. Monsieur Patrick Krings (conseiller, DP) demande à ce que les dépenses communales soient davantage contrôlées à l'avenir et que certaines dépenses inutiles soient écartées. Les syndicats coûtent cher aux communes et devraient penser à un financement via le secteur privé (p.ex. le TICE). Il rappelle que l'entente entre diverses communes n'est pas optimale (sortie de PROSUD), mais qu'il faut continuer à créer des synergies entre les communes voisines (le « Bëschkierfech » avec Schifflange, les infrastructures sportives et le Club Senior avec Rumelange etc.) au lieu de vouloir tout financer soi-même.

**Monsieur Patrick Krings (conseiller, DP)** se tourne ensuite sur le budget 2015 et s'interroge sur le relevé du personnel et le total des heures (700 heures au lieu de 680). Au sujet des dépenses extraordinaires, il est favorable à la construction de la Maison relais et du Biergerzenter, aux travaux de la Schungfabrik et au réaménagement de la rue de l'Eau. Il déplore le manque d'informations au sujet de l'école du Faubourg : s'agit-il de la restauration de l'école du Faubourg ou de la construction d'un nouveau bâtiment ? La même remarque vaut pour l'acquisition de poubelles et le nouveau règlement des déchets (360.000 euros), il faudrait d'après lui plus de détails avant de pouvoir procéder à un vote. Monsieur Patrick Krings (conseiller, DP) énumère les priorités du DP qui ne sont pas assez mises en avant dans le budget :

1) La qualité de vie des citoyens de la commune doit être maintenue si ce n'est améliorée. Il faudrait que la commune ait plus de verdure et soit mieux arborée, bien qu'il félicite la présence du Parc Ouerbett et du Parc Nic. Wilhelm. Il demande si des toilettes publiques seront mises à dispositions dans ces lieux.

2) La commune de Kayl-Tétange doit être plus accessible pour les personnes âgées et les personnes à mobilité réduite.

3) Certaines routes devraient être mieux éclairées (p.ex. le Hesselsbierg), il faut éclairer des endroits stratégiques plutôt que d'illuminer des arbres. Il manque trois lampes entre la rue du Mont Saint Jean et le rond-point.

4) Un plan pour l'aménagement de parking supplémentaires est nécessaire afin d'assurer la survie des magasins et des restaurants de la commune. Bien que la promotion de la mobilité douce soit importante, le maintien d'un point de rencontre diversifié pour les habitants n'est pas négligeable et l'idée d'un parking de type CFL comme en ville est avancée.

5) La situation actuelle aux alentours des gares ne permet pas aux utilisateurs des trains de garer leur voiture. Il serait utile de se concerter avec le gouvernement et les CFL afin de pallier ce manque et d'améliorer les connexions de trains entre Kayl et la ville de Luxembourg.

6) Il serait opportun de faciliter l'accès entre la rue de l'Eau et la gare à Tétange, quid du projet d'une passerelle?

7) Quels arrêts de bus seront prioritaires dans le projet d'aménagement d'arrêts de bus couverts

